

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°3 / 2012



Photo: Pierre Matige pmatge@le-jeudi.lu

Promenez-vous au Parc Galgenberg

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseiller absent:

M. Pierre-Marc Knaff


Ordre du jour

Réunion à huis clos	Page
---------------------	------

1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

Réunion publique

2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Auberge de Jeunesse; information et vote du devis	4
5. Foyer de Nuit Abrisud:	9
a) Nouvelle construction; présentation et décision (1 ^{er} vote)	9
b) Mise à disposition de 4 lits supplémentaires pendant les périodes de grand froid; information	9
6. Réalisation du projet de logement encadré (Abrisud); présentation	9
7. Kulturfestival 2012:	12
a) Présentation	12
b) Convention avec l'asbl Escher Kulturfestival; décision	12
8. Aménagement de la place de la Résistance: Convention avec le ministère de l'Economie et du Commerce extérieur fixant les modalités de l'octroi de l'aide FEDER; information/décision	15
9. Gestion du stationnement automobile dans l'espace public;	18
a) Information	18
b) Modification des règlements en vigueur; décision	18
c) Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	18
10. Sudcal s.a.: contrat de fourniture de chaleur; décision	27
11. Questions de personnel; décision	27
12. Subsides au CISEA et secouristes de la ville pour permanences effectuées en 2011; décision	28
13. Commissions consultatives;	28
a) Compositions: Commission des Loyers – Commission consultative à l'intégration; décision	28
b) Nomination d'experts; décision	28
14. Transactions immobilières; décision	28
15. Contrats de bail; décision	29



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 16. Mäerz 2012**

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, da wiere mer prett fir déi éffentlech Sitzung unzefänken zu där ech lech alleguerte begréissen. An der net-éffentlecher Sitzung hat de Schäfferot d'Geleeënheet fir dem Gemengerot Informatiouen ze ginn iwwert d'Staatsvisit vun der nächster Woch. Mir freeën eis, dass déi hollännesch Kinnigin och op Esch kënnnt, och wann den urspréngleche Programm wéinst deem trageschen Accident an hirer Famill méi kuerz ausgefall ass. Et ass leider net opgaange fir si kënnnt hei am Gemengenhaus ze empfänken, mä mir freeën eis awer, dass se an de Quartier Belval kënnnt wou mer dann zesumme mat eise Suessemmer Kollegen och wäerten dohinner goe fir si ze empfänken.

Och hu mer de Gemengerot a Kenntnis dorriwwer gesat, dass de Mëtteteg de Chamberpresident op Esch kënnnt fir de Musée de la Résistance visitéieren ze goen. A mir fannen all Hëllef gutt déi mer kënnne kréie fir national Autoritéiten an aner Acteuren ze mobiliséiere fir déi national Struktur endlech der Zäit unzepassen an ze renovéieren.

Dann hu mer eng ganz Rei vun Décisioune geholl iwwer d'Personalastellungen an déi wäerten lech am Laf vun dëser éffentlecher Sitzung, esou wéi dat hei am Haus d'Traditioun ass, zougestallt ginn.

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2012, à Madame Marianne Klein ép. Lucas, employée communale au service de l'enseignement.

2) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} novembre 2012, à Madame Simone Meurisse, employée communale auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

3) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mai 2012, à Monsieur Carlo Thoma, premier commis technique principal au département des services industriels.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée déterminée avec Monsieur Bernard Linster, L'intéressé occupait un poste de salarié à vocation intellectuelle auprès de la bibliothèque municipale.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Sascha Wieshoff,

éducateur diplômé auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

C) Nomination aux fonctions d'expéditionnaire technique.

1) Nomination d'un expéditionnaire technique de la Ville. Le nouveau titulaire occupera au département des services industriels, équipe «Projection et G.I.S» le poste de fonctionnaire nouvellement créé par décision du conseil communal du 8 juillet 2011 dans la carrière de l'expéditionnaire technique.

2) Nomination avec effet au 1^{er} mai 2012 aux fonctions de commis technique hors cadre (grade 7) de Monsieur Pascal Schuster, La nouvelle affectation de l'intéressé aura lieu au même département, et notamment au poste d'expéditionnaire technique devenu vacant à la suite de la démission de l'ancien titulaire.

Avis de publication parmi le personnel de la Ville du 6 mars 2012.

- Changement de carrière -.

D) Nominations provisoires.

Carrière de l'artisan.

1) Département des services industriels, service de l'électricité.

Nomination provisoire de 3 fonctionnaires appartenant à la carrière de l'artisan.

2) Département des services industriels, service des eaux.

Nomination provisoire d'un fonctionnaire appartenant à la carrière de l'artisan.

E) Questions de personnel engagé soit sous le régime de l'employé communal, soit sous celui du salarié.

1) Engagement avec effet au 1^{er} mars 2012 et moyennant un contrat de travail à durée déterminée de six mois de Madame Kim Klein, comme salarié à vocation intellectuelle au service de la sécurité sociale.

2) Modification du contrat d'engagement conclu le 31 août 2002 pour une durée indéterminée avec Madame Frédérique Khalid, chargée de cours au conservatoire de musique de la Ville.

3) Modification, sur demande, du contrat d'engagement conclu le 4 avril 2011 pour une durée indéterminée avec Madame Inna Holovanova, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives.

L'article concernant la durée du travail aura avec effet au 1^{er} mars 2012 la teneur suivante:

«Le degré d'occupation est fixé à 30/40^{ièmes}.»

3. Correspondance

4. Auberge de Jeunesse: information et vote du devis

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Da kéime mer zum regulären Ordre du

jour an der éffentlecher Sitzung. Do ass eisen éische Punkt d'Auberge de Jeunesse. Mir schwätzen eigentlech scho ganz vill Joere vun enger Jugendherberg hei zu Esch. Et gëtt am ganze Süde keng Jugendherberg, et muss awer dréngend eng ginn a mir si ganz frou, dass mer elo déi lescht Hürde kënnen huele fir eng Jugendherberg hei op Esch ze bréngen.

Mir haten 2008 a waren och domatter deemoools an de Gemengerot komm, e Groupe de travail agesat fir en Dossier de faisabilité opzestelle fir eng Jugendherberg hei op Esch ze bréngen. Deemoools waren e puer Sitë gepréift ginn. Et war énner anerem Terres Rouges gekuckt ginn. Do ware mer awer nach an der Logik gewiescht vun enger Synergie mam Lycée Hubert Clément deen ee Moment sollt op Terres Rouges gebaut ginn. Dat ass awer dunn net geschitt. Mir haten och d'Idee, oder besser gesot, de Groupe de travail, fir eng Jugendherberg op de Galgebierg ze setzen. Dat hu mer awer net gutt fonnt, well generell gëllt bei eis d'Regel, dass mer um Galgebierg net méi wëlle bauen. Dat ass en Erhuelungsgebiitt a kee Bauterrain. An et war awer och d'Idee, an déi war eis vum Ufank un am sympatheschsten, fir an eng aner Richtung ze goen, an zwar an d'Richtung vun enger urbaner, enger städtescher Jugendherberg wéi et se am Ausland vill gëtt, mä wéi et se awer eigentlech hei am Land nach net gëtt. Dat heesch, émmer méi jonk Leit kommen am Fong an eng Stad, an Esch ass jo eng Stad, a wëllen net just spadséiere goen, mä wëlle vun enger ganzer Rei vu sportlechen, kulturellen an och Fräizäitaktivitéite profitéieren, sinn och frou wa se no bei engem Shoppingareal sinn a sinn och frou wa se insgesamt no an engem städteschen Émfeld sinn. Dat heesch, de Schäfferot huet sech ausgesprach fir den Terrain vun der Gare, an zwar tëschter der aktueller Gare an der deemoools nach net existenter Passerelle. Déi war awer schonn an der Planung. An dat waren am Fong e puer Avantagé mateneen.

Op där enger Säit d'Proximité zum Centre Ville ass mengen ech ee vun den Haaptavantagen. Zum zweeten, absolut Proximitéit zu der grénger Long vun Esch, nämlech eisem Galgebierg; duerch d'Passerelle ass een direkt am Gréngen an och no bei eise Sport- a Fräizäitinstallatiounen. Dann och déi wonnerbar Connectioun zum Transport en commun. Besser kéint am Fong eng Jugendherberg net leien, direkt nieft enger Gare an dobäi och nach en Echangeur de mobilité. Well et ass net némammen eng vun den Haaptgare vum Land, mä si huet och eng direkt Connectioun zum neien Universitéits-

4. Auberge de Jeunesse

quartier Belval/Universitéit, a si ass och ugebonnen un d'Passerelle, déi natierlech den Haaptaccès vum Centre Ville an eis Fräizäitgebitt ass an huet och eng ganz gutt Connectioun fir d'Busnetz, well se ass direkt op der Bus-Gare. Et gouf och nach en aneren Avantage, dat ass d'Disponibilitéit vum Terrain, mä do ware mer awer net eleng Meeschter an dozou komme mer nach.

Mir sinn dunn 2009 bei déi nei Tourismusministesch gaangen an hunn hir eise Projet vun enger Jugendherberg am Areal vun der Gare virgestallt a si war vun Ufank u begeeschert an huet eis hiren Accord de principe ginn deen och herno a schriftlecher Form nokomm ass. Zwee Méint duerno si mer och bei d'Familljeministesch gaangen a si huet eis dunn och en Accord de principe gi fir de Subventionnement vum Equipement vun där zukünfteger Jugendherberg, esou dass mer déi zwee Avalen déi mer hu missten hunn, haten, a konnte richteg ufânke mat schaffen. Op Grond vun deenen Accorden déi mer kritt haten, hate mer eng ganz, ganz Rëtsch vu Rendez-vousse mat eise Servicer zesummen. Déi ganz Démarche waren e bëssen ènnert der Tutelle vum Här Jean Goedert, deen déi Jugendherberg zu senger grousser Prioritéit gemaach huet an deem mir och dofir wëllen hei Merci soen, och wann hien haut a senger wuelverdéncter Pensioun ass.

Et si ganz vill Rendez-vousse komm, mat de Responsable vun der Centrale des Auberges de Jeunesse virun allem, well si ginn den zukünftegen Exploitant vun där Jugendherbergental an ouni si hätte mir deen heite Projet och net kënne réalisieren. Si ware begeeschert. Mir hunn och geschwat mat der Universitéit, mat der Rockhal, mat de Veräiner, mat all eise Servicer, mat allen Acteuren am Beräich vun der Jugendaarbecht. Jiddweree war Feier a Flam fir déi heiten Idee. Mir hunn och éischt Gesprächer mat CFL gefouert an all déi Diskusiounen hunn dozou gefouert, dass mer en Avant-projet elaboriert hu mam Büro Beng, deen och schonn am Virfeld Skizze gemaach hat déi mer dann dee Moment och konnte mathuele bei d'Ministeren a mir sinn als Schäfferot der Meenung, dass déi gutt Dossieren déi mer haten och mat dozou bâigedroen hunn, dass eise Projet zréckbehale ginn ass.

Vum Juni 2010 un hunn d'Negociatiounen ugeaange mat CFL, well mir waren ursprénglech an der Idee fir eng Acquisition vun deem Terrain ze maachen, well d'CFL ass Proprietaire vum Terrain. Dat war awer net esou einfach, well do muss ee sech och e bëssen eraverseten an d'CFL, well si sinn eigentlech an där Logik

iwwerall hei am Land, dass an direkter Noperschaft vun hiren Installatiounen, also souwuel vum Schinnenetz, wéi och vun hire Gebaileckeeten, wou si iwwerall Proprietaire sinn, si net wëllen hir Terrain veräusseren. Och net fir esou flott Projete wéi déi heiten, well vun Ufank un hate mer eng ganz gutt Entente mat CFL. Mir hunn doropshi proposéiert fir a Richtung vun engem Echange ze goe vun Terrainen an esou sinn dann och déi Negociatiounen op en Enn komm an et ass zu der Signature vun engem Compromis d'échange komm am leschte Joer. Dat war kuerz vir oder kuerz no de Wahlen, mä op alle Fall hate mer dunn eise Projet, fir et elo mol esou ze soen, an der Täsch. A vu dass mer jo och den Aval hate fir de Projet am Pluriannuel ze hunn, en ass nach èmmer am Pluriannuel vum Tourismus, awer net méi laang, well da leeft déi Frist of an da musse mer iergendweini och ukommen. An dofir si mer och frou, dass mer dat an den Délaien elo konnte maachen.

Bon, mir hunn natierlech all déi Démarche gemaach, hausintern fir d'éischt mat allen Acteuren déi ech d'éinescht genannt hunn, hu mer och probéiert dee Programm ze optiméieren a Richtung vun deene verschiddene Besoimen. Wann ee vun enger Jugendherberg schwätzt, dann ass natierlech den éischten ausgewissene Besoin dee vun deene Jonken, déi an déi Jugendherberg kommen. Dat heescht, alles wat mer elo nennen, wat nach als praktesch Niewenatouts dobäi erauskännt, dann ass et èmmer mam Hannergedanken, als éischt sinn déi Jonk viséiert déi an eis Jugendherberg kommen an hoffentlech méiglechst vill Nationalitéiten, well mir hunn der iwwer 100 hei zu Esch. An dann ass et natierlech och eng super Saach wa ganz vill Nationalitéité bei eis op Esch kommen an eis schéi Stad iwwer d'Jugendherberg kenne léieren. Mä eng Jugendherberg huet, a mir hunn och eng ganz gutt Entente mat der Stater Gemeng a schaffe mat hinnen zesumme fir hir Jugendherbergen. Do wäert et och zu Echangé kommen, well hir Jugendherberge fonctionnéieren exzellent an der Stad. An dunn hu si eis gesot, mä passt op et gëtt awer Stousszäiten, natierlech déi warm Méint, do si mer iwwerlaf, mä et gëtt awer och méi roueg Méint an do ass et da gutt och nach aner Partneren ze hunn. An déi hu mer fonnt ènner anerem mat der Rockhal, well besser kann et net sinn. Ween et nach net sollt wëssen, wann een op e Concert an der Rockhal geet mam Auto, da muss ee gestrooft ginn, well et huet een némmen Avantage fir mam Zuch dohinner ze fueren, well déi wonnerbar nei Gare ass an direkter

Noperschaft zu der Rockhal an dowéinst kann een dat némme recommandéieren. An een deen an der Jugendherberg schléift an op e Concert wëll goen, deen ass wierklech onheemlech privilegéiert an dofir huet d'Rockhal och direkt ugemellt, dass wa si Gáscht hunn oder wa si wichteg Gruppen hu mat hirem Staff, dass si da frou si fir och wann d'Jugendherberg disponibel ass, fir och dierfen unzefroe fir Leit an d'Jugendherberg eranzekréien. Dat nämlecht gëllt fir d'Universitéit. Oft sinn et Doktoranten oder jonk Fuerscher déi, iert se sech hei installéieren, op Esch kommen an och oft net esou vill finanziell Méigleckeeten hunn an duerfir frou si wa se och präisgënschteg Ènnerbréngungs-méigleckeeten hunn, obwuel ech lech elo ka scho soen, dass déi Jugendherberg en architektonesche Bijou wäert ginn, mä dorop wäert eisen Héichbauschäffen herno e bësse méi am Detail nach agoen. Och d'Centrale des Auberges de Jeunesse huet eng ganz Rei vu Partner déi elo schonn drop laueren, dass se eventuell kënnen do Raimlechkeete fanne wann Disponibilitéit ass, esou dass mir wierklech optimistesch sinn, dass déi dote Jugendherberg, déi natierlech d'ganz Joer op ass, dass déi ronderëm d'Auer wäert eng ganz ganz héich Beleeung kennen. Vläicht nach e puer Kaderinformatiounen ronderëm de Coût vun deem ganzen. Mir hunn 11 Milliounen, dat wësst Dir zénter dass mer de Budget présentéiert hunn, 11 Milliounen an de Budget age-schriwwen gehat. Mir waren awer eng alleréische Kéier mat engem Virdevis vun 8,5 Mio als estiméierte Coût hei era-komm, well mer einfach wollten eng ganz provisoresh Käschteschätzung maachen. Mir haten awer deemoools gesot, well eis Architekten eis dat och mat op de Wee ginn haten, dass an deem Devis nach net dra wier eise Wonsch, dee mer zimlech fréi scho mat op de Wee ginn hunn, mä deen awer nach net Nidderschlag am Budget fonnt huet, fir en Nid-dregenergiestandard ze kréien. An de Mobilier war och nach net dobäi, well déi ganz Verhandlunge mat dem zukünftegen Exploitant, deen ass d'Jugendherbergental, natierlech nach net fäerdege war. Zousätzlech war och nach d'Idee dobäi komm fir mat CFL zesummen eng Rei vu Raimlechkeeten ze nutzen. Zum Beispill Reuniouns- a Konferenzsäll, déi dann och vun der Stad Esch kënne mat genotzt ginn an all déi Froe ronderëm Restaurant, ronderëm Commerce, déi konnten natierlech an enger alleréischer Käschteschätzung nach net dra sinn, esou dass mer mat eiser Héich-rechnung vun 11 Mio, déi och hiren Nidderschlag am Budget fonnt hat, scho

guer net esou schlecht loungen, esou dass elo déi absolut éischt Estimation de coût vun 8,5 Mio, mat deenen Equipelementer déi elo ausgerechent gi sinn, ob 11 Mio komm ass. A mir mengen och, dass dat elo e realistesche Budget ass deen opgestallt ginn ass an dee mer haut kennen zum Vote bréngen. Well et war eis gesot ginn, dass an der zoustänneger – nee, net an der zoustänneger Kommissioune, well ech mengen do war eppes Klenges schief gelaf, mä an der Finanzkommissioune – do war d'Fro gestallt ginn, ob mer dann elo awer kéinte gudde Gewëssens mengen, dass et mat dësem Devis géing duergoen? Well et ass jo och deen Devis dee mer elo un déi zoustänneg Autoritéiten areechen a mir schaffe wierklech drun, dass dat esou ass an et ass absolut net eist Zil fir dee Budget do ze iwwerschreiden. Dofir hu mer elo ze vill en Detailgrad errecth a mir hoffen och, dass dat dobäi bleift. Dat ass dann och dee Budget, dee mir areece bei de staatlechen Instanzen.

Mir hunn eng offiziell Ufro gemaach scho virun e puer Méint fir net némme 50% zréck ze kréien, déi kénne wann een den Aval huet, wat fir Esch de Fall ass, déi kennen attribuéiert ginn, mä wann ee ka geltend maachen, dass eng Jugendherberg e regionale Charakter huet, da kann ee bis zu 70% bæigeluegt kréien. Mir mengen, dass dat eng Formalitéit ass, well wann et eng Jugendherberg am Land gëtt déi regionalen, iwwerregionalen a grenziwwerschreidende Charakter huet, da wäert et déi Escher Jugendherberg sinn. Dofir menge mir, dass déi 70% mussen acquis sinn, mä mir mussen awer déi Démarche maachen an hunn och all entsprielend Dokumentatiounen schonn zesumme gesicht. An nodeem mer dann och den Aval, wat mer hoffen, wäerte kréie vum Gemengerot, sinn dat natierlech déi lescht Hürden déi mer musse huele fir vis-à-vis vun de staatlechen Instanzen dann elo aktiv ze ginn.

Ech géing soen, dobäi belooessen ech et elo mol well mir hunn eis d'Aarbecht opgedeelt bei déser Presentatioun an eise Héichbauschäffé wäert dann elo méi präzis op de Projet selver agoen an op d'Attraktivitéit an och op déi architektonesch Elementer vun dësem Projet."

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Dir hat jo schonn ugedeit, dass eng kleng Pann virkomm ass mat der zoustänneger berodender Kommissioune. Dat ass effektiv esou. Vu datt de Projet schonn zénter 1-2 Joer an der Diskussioun ass, a vu datt en och schonn am leschte Joer an der zoustänneger Stadentwécklungskommis-

sioun virgestallt ginn ass a senge groussen Ëmrëss, hat ech geduecht, de Projet wier am Fong scho begutacht ginn an ech hunn, wéi mer am Schäfferot viru 14 Deeg driwwer geschwat hunn, vergiess gehat, direkt ze reagéiere fir et nach eng Kéier an d'Bautekommissooun ze ginn. Ech hat och e wéineg geduecht, datt vun de Servicer selwer oder vum Sekretariat deen Automatismus géif bestoen, fir et direkt dann och un déi zoustänneg Kommissioune virun ze ginn. Bon, ech huelen dat awer elo op meng egee Kap, ech hätt et selwer misste maachen an drun denken, dem President vun der zoustänneger Kommissioune, deen ech relativ gutt kennen, dat virun ze ginn, an et ass also meng Schold, datt et net an d'Bautekommissooun komm ass an esou e Mëssverständnis wäert och net méi virkommen. A mir wäerte jo souwisou – hei ass jo eréischte den éischte Vote – mir wäerten also d'Geleeënheet kréien direkt hei duerno, no deem Vote et nach eng Kéier an d'Bautekommissooun an all sengen Detailer do eran ze gi fir et do kénnen nach eng Kéier ze diskutéieren.

Dat gesot, elo zu de Charakteristike vun där Jugendherberg. Eng éischt fir ze soen, datt déi Jugendherberg, wann Dir d'Pläng gesitt, datt déi sech immens harmonesch wäert eran fügen téschent Gare engersäits an téschent Passerelle op där anerer Säit. Dat heescht, dat ass schonn esou, datt et harmonesch an dat Bild do wäert erapassen. Fir de Bau selwer, wat an deem Bau do ass, e puer Informatiounen. Ënnen um Rez-de-chaussée sinn natierlech geplant Buvette a Restaurant. Dann um éischte Stack si geplant 3 gréisser Konferenzsäll, déi modulabel sinn, wou bis zu 49-50 Leit kénnen eragoen. Doniewent 2 méi kleng Reuniounssäll, déi ausgeluegt sinn op 25 Leit pro Sall. An da wäert nach een Hall do si mat enger Terrass, wann d'Leit aus de Konferenzen erausgi fir kénnen do ze stoen, e Patt ze huelen, oder bis op d'Terrass eraus ze goen.

Da komme mer op dat, wat nach uewendriwwer ass, vum zweete Stack bis op de fennete Stack. Do ass dann dat, wat déi eigentlech Jugendherberg mam Logement betréfft. Do vum 2.-5. Stack, ginn et téschent 114 an 120 Better. Ech mengen, datt dat eng relativ grouss Zuel ass fir esou eng regional Jugendherberg. Ech mengen do hu vill Jonker dra Plaz. Et muss een allerdéngs jo och wëssen, datt mer, wa mer d'Universitéit heihinner kréien, wa mer d'Rockhal schonn hei hunn, a wann et esou ass, datt wahrscheinlech bei deene Studenten och vill Leit op Besuch komme fir kuerz Zäit, déi net onbedéngt wëllen deier Hotelszém-

mere bezuelen, da wäert de Besoin relativ grouss sinn, fir déi Zémmeren do an der Jugendherberg ze beleeeën.

Ech ginn elo net op all Detailer vum Volume a vun der Surface brute an, zum Beispill d'Konstruktiooun a beton armé, ech mengen, dat géif alles vläicht ze vill elo hei an den Detail goen. Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, d'Madame Buergermeeschtesch huet et schonn ugedeit, datt mer hei am sougenannten Niddregenergiestandard bauen, gemäss deem, wat mer émmer soen. Dat heescht, datt mer oppasse bei den zukünftige Bauten, déi mer plangen, ob et elo méi klenger Baute sinn oder méi grousser wéi dat heiten, datt mer wierklech op d'Energiefro oppassen. Hei also Niddregenergiestandard Klass B, wat natierlech och de Virdeel huet, datt mer doduercher och zousätzlech Subside kénne kréien. Zum Beispill kénne mer och Subside kréien fir dat, wat derniewent och net onwichteg ass, nämlech datt och eng Solaranlag dohinner kénnt, déi 50% vun der Waarmwaasserproduktioun wäert ofdecken. Doniewent nach aner Critèrë vun Energiespäksamkeet oder vun der Energieeffizienz: dat ass engersäits eng absolut performant Isolatioun, doniewent och e Brennwäertkessel an eng komplett Lüftungsanlag. An da méi kleng Saache wéi beispillsweis Spuerbire fir d'Elektresch an esou virun.

Mir wäerten och oppassen, wann et zur Innenraumgestaltung kénnt, datt do opgepasst gëtt, wat fir ee Material am Innenraum gebraucht gëtt. Net datt et do zu Innenraumproblemer kénnt, quitt datt et sech hei ém Leit handelt, déi jo net ganz laang an deene Raimlechkeeten normalerweis sinn. Et si jo keng Dauerbewunner, déi Studenten oder déi jonk Leit, déi dohinner kommen, mä trotzdem wäerte mer och op d'Material do oppasen.

En anere Critère ass dee vum Equipment, deen natierlech an esou enger Struktur mat Jugendlecher net ze vill Entretien däarf verlaangen. Et ass esou gebaut, datt net ze vill Entretien gebraucht gëtt an et gëtt esou gebaut, datt och Risqué vun eventuellem Vandalismus da méi kleng gehale ginn.

D'Konferenzraim am Summer. Wann et am Summer déck waarm dobaussen ass, wann et riskéiert am Summer 30-40°C ze ginn, dann ass et natierlech wichteg, datt d'Konferenzraim kénne gekillt ginn. Et gëtt net voll klimatiséiert, mä et gëtt awer eng Killanlag, an do ginn d'Reseauen esou geluegt fir se kénnen ze adaptéieren, fir datt et an deene Konferenzraim bei héijen Aussentemperaturen awer nach agreabel bleift. Dat ass no deem selwechte Prinzip iwwregens wéi dat hei

ënnen am Biergeramt gemaach ginn ass. Dat sinn e puer Critèrë, wat de Bau ubelaangt. Also engersäits, wat op déi verschidde Stäck kënnt. Och wéi vum Energiestandard hir gebaut gëtt a wat herno d'Innenraumauslaachtung, d'Innenraummaterial an esou virun ubelaangt. Ech mengen, dat sinn déi wichtegst Saachen, déi ech haut an dëser Reunioun hei wollt soen. Domatter gi mer deem gerecht, wat mer am Koalitionsprogramm stoen hunn, nämlech datt mer engersäits géife kucke Energieeffizienz ze respektéieren, anerersäits awer och gesond Materialien an d'Raimlechkeeten anzebauen. Mä dat allerwichtegst ass, datt mer dat heite Gebai wäerte kréien, datt mer eng flott Jugendherberg wäerte kréien, an ech menge ganz, wann dat bis do steet, datt dat wierklech d'Stadbild op däri Säit zur Eisebunn zou wierklech wäert verbesseren. Dat si just e puer Bemerkungen, déi ech hei wollt maachen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Huss. Dann den Här Kox ass als éischten elo agedroen als Riedner.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter. D'Escher Jugendherberg ass sécher e Projet phare. En neit Virzeigeobjekt vun Esch dee mir als déi Gréng sécherlech énnerstëtzen. Am Plan quinquennal vun der Regierung stoung eng Jugendherberg fir de Süden dran, woubäi d'Noutwendegkeet vun däri Implantatioun zu Esch vun der Asbl Auberges de Jeunesse evaluéiert a gutt geheescht ginn ass. De Besoin ass erkannt ginn. Am Hibléck op d'Entwicklung vu Belval, souwuel wat d'Uni betréfft, wéi och op d'nei Betriber déi sech dobäi usidelen. Och d'Rockhal wäert dovu profitéieren, woubäi Jonker déi vu wäit kommen, iwwer Nuecht zu engem soziale Préis bleiwe kënnen. Ech wéll hei bei däri Geleeënheet meng Ausso vum leschte Gemengerot revidéieren, woubäi ech d'Énnerstëtzung vun der Rockhal fir d'Carte culture jeunesse net korrekt eriwwer bruecht hat.“

Dann zum Projet weider. E puer Spezifiziéite vun dësem neien onkonventionelle Projet an du wollt ech agoen. Et ass en neit Konzept vun enger Jugendherberg an zwar eng urban, déi zentral an enger Stad geleeën ass, vun der Buergermeeschtesch schonn ugeklongen. Esou eng Jugendherberg existéiert net am Land. Si wäert énnerschiddlech Clientèle uspriechen. Déi üblech Weltreeser, de kulturelle Public vun eiser Kulturstätten, respektiv d'Universitéitsémfeld mat de Studenten, esou wéi Stagiären déi do och iwwert eng lännerg Zäit kënne wunnen an och Familljen.

Zweetens d'Integratioun vun engem Restaurant deen net némme fir d'Pensionären do ass, mä och fir de Public. Zum Beispill fir Leit a Studenten déi do zu engem soziale Préis iesse kënnen. An der Stad fonctionnéiert dat Konzept ganz gutt.

Drëttens, den Emplacement vun der Auberge op der aler Bus-Gare wäert déi Plaz a sech gutt op a passt sech korrekt téschent der Passerelle an der neier CFL-Gare an. Optimal ass d'Proximitéit zu Bus- an Zuch-Gare, besonnesch well de Public haaptsächlech mam öffentleche Verkéier énnerwee ass. D'Jugendherberg an déi zukünfteg nei Zuch-Gare ass vun engem Architektbüro geplangt. Domat sinn d'Connectiounen am Konzept mat dran. Déi zwee Gebaier bleiwe getrennt a ginn och an zwou Phase gebaut. Domat kritt awer Esch eng nei Gare déi méi wéi néideg ass. Et ass eng ganz gutt Aushandlung vum leschte Schäfferot déi dat esou wäit bruecht huet, dass den CFL effektiv do investéiert.

Leschte Punkt, intégréiert ass e modernt Konzept vun Niddregenergie, huet den Här Muck grad gesot.“
(Gelaachs)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat gi mer ni méi lass.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Dat kréie mer ni méi eräus. Entschéllégt. Energiemanagement plus Solarenergie, wat ebenfalls ze begréissen ass. Ech entschéllege mech. Merci.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Ass kee Problem, Här Martin.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Et wier dann um Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter, Här Huss, fir dës Explikatiounen. Ech mengen datt effektiv gesot ginn ass, et ass en immens flotte Projet iwwer dee mer och schonn diskutéiert hunn. Souwuel flott wat den Emplacement ugeet, deen an urbanem Milieu ass, mä awer gläichzäiteg op der Schwell zum Galgebierg. En immens attraktive Lieu mengen ech, deen eben notamment – an do énnerstëtzen ech och d'Aussoe vun der Buergermeeschtesch – e regionalen an iwwerregionale Charakter definitiv huet. An ech mengen, et ass e Projet, eng Jugendherberg, déi de Quartier selwer valoriséiere wäert. Zum Bau, zu deem Deel wat den Här Huss gesot huet, 120 Better, dat ass effektiv fir eng Jugendherberg eng zollitt Aus-

stattung. Et hätt ee sech awer och mengen ech nach d'Fro kënne stellen ob een net hätt kënne virgesinn, zumindest ee méi groussen Dortoir ze hu wou méi Leit vläicht zu engem verbellegte Préis hätte kínten dra wunnen. Dat ass eng Ureegung oder eng Iwwerleeung déi een och hätt kënne féieren. Positiv ass op jidde Fall och déi Konferenz- a Versammlungsraim déi virgesi sinn, déi och kënne vun der, wéi Dir och gesot hutt, vun de Servicer benutzt ginn awer och vun Associationen a vun aneren zivilgesellschaftlichen Acteuren. An et ass eppes wat och hei zu Esch definitiv gefeelt huet. Och flott ass eiser Meenung no de Restaurant, deen haaptsächlech op Menu du jour opgeriicht ass an op Self Service. Dat heescht, wou ee sech och virstelle kann, datt d'Präisser relativ niddereg a sozial verträglech sinn an net e Restaurant bei esou engem flotten architektoneschen Immeubel deen dann och eventuell éischter an eng aner Richtung gaange wier vun Haut de gamme wat d'Präisser ugaange wier. An dat ass mengen ech net de Fall an dat ass och richteg esou. Wat d'Bauweis ugeet, Niddregenergie, dat ass absolut ze énnerstëtzen, och d'Solaranlag ass positiv. Et kann ee sech awer d'Fro stellen ob een net hätt missten och an d'Richtung goe fir Reewaasseropfangbecke mat virzegesinn a fir esou d'Sani-täranlage mat Waasser op eng méi nohalteg Aart a Weis ze versuergen. Ech hunn awer nach zwou, dräi kleng Froen zum Schluss. Dir hutt virdru vum Exploitant geschwat. D'Fro ass natierlech, wéi fonctionnéiert déi Zesummenaarbecht? Freet d'Gemeng deem Exploitant e Loyer? A wéi wäert deen ausgehandelt ginn, respektiv wéi ass d'Matsprooche-recht vun der Gemeng ob herno d'Präisstaffelung fir déi enzel Zëmmere vun der Jugendherberg? An dann drëttens, vläicht och nach eng Kéier e puer Präzisiounen zu der Zäitschinn wéi dat envisagéiert ass, wéi ee realistesch domatter rechne kann datt se eventuell op geet? Merci,“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Den Här Maroldt wann ech gelift.“

Frunnes Maroldt (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Déi leschte Kéier wéi mer zum Sujet Stellung geholl hunn, do hunn ech schonn eng ganz Rei vu Remarque gemaach. Ech begréissen haut wann ech héieren, dass mer kënne bis zu 70% Énnerstëtzung erwaarden. Ech verstinn och d'Suerg fir d'Jugendherberg ze rentabiliséieren, dat heescht fir se ze beleeeën, dass een do versicht se esou attraktiv wéi méiglech ze maachen, net

nëmme fir eng Zort vu Clientèle mä och fir eng aner. D'Rockhal hutt Dir ugeschwat, obwuel ech èmmer do e bësse virsiichteg si well ech soen, du hues net èmmer déi ideal Co-Habitation, et ass net èmmer evident an et mussen do awer wierklech ganz kloer Regele gëllen herno an et muss ee kucken, dass och do d'Zesummeliewe vu verschiddenen Interessegrouppen, dass déi awer méiglech ass.

D'Folgekäschten, et ass kloer, dass een als Conseiller sech do Froe stellt wat kënnt do op eis duer. Well mir hunn och an aneren Domainer wéi z.B. de Parking schlecht Erfahrung gemaach, dass ee sech awer do effektiv soll Froe kënne stellen.

Dann e leschte Punkt deen ech wollt just kuerz uschneiden. Als Escher weess een, dass d'Gare wéi se de Moment benotzt gëtt, dass do e Phänomen regelméisseg ze bemerken ass, dee vum Rangéieren. Dat heesch, dass och d'CFL, vu dass se net méi deen Auslaf huet op aner Plazen, dass ganz oft rangéiert gëtt op der Escher Gare, an dass een do awer wierklech och muss Suerg droen, dass ee mat der CFL do eng Léisung fénnt, dass déi net zu enger Belästegung vun den Utilisateure vun der Jugendherberg gëtt. Well, wéi gesot, d'Transportwaggonen, wann déi hin an hir geschubst ginn, dat kéint laangfristeg e Problem ginn.

Pour le reste fannen ech de Projet esou wéi ech e présentieert kritt hunn a wéi ech och d'Geleenheet hat an dem Dossier mer en unzekucken, fannen ech et e ganz flotte Projet an ech kann en némme begréissen. An dofir géif ech och soen, vu menger Fraktioune aus, wäerte mer déi Saach do énnerstëtzten."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Maroldt. Den Här Weidig mellt sech.“

Paul Weidig (LSAP): „Ech wëll elo net erëm widderhuelen, effektiv ass et e ganz schéine Bau. Mä ech wëll awer soen, allgemeng, dass dës Jugendherberg zu Esch gehéiert wierklech wéi d'Fauscht op d'Aen. Ganz genau op där richteger Platz, besonnesch Esch als Stad mat vill Zukunfts-potential, op Esch als Unisstad an och op Esch als regional Mobilitéitszentrum. A virun allem do wou d'Jugendherberg läit, kënnt ee praktesch zu Fouss an de gesamten Zentrum eran. Mam Vélo ass een op der Gare a vun do erreicht een dat ganzt Stadgebitt. An dorïwwer eraus, iwwert déi nei Bréck déi mer geschafen hunn, och kënnt een an déi Landschaftsgebider vum Minett, déi wierklech eemoleg ginn, eemoleg fir de Süden, eemoleg fir

d'Land an och eemoleg géif ech soe fir Europa. A vun do aus kann een dann och an déi Nopeschstied erafueren an och grenziwwerschreidend sech mam Vélo an deene Landschaftsgebider bewegen, wat en immense Potential ass deen nach net genuch genutzt gëtt.

Mä och d'Bussen treffe sech op där Platz do an och mam Bus kënnt ee ganz gutt bei d'Jugendherberg, mä och vun do aus kënnt ee praktesch an d'ganz Region Süden eran, souquer och iwwert d'Grenz ewech wat och e ganz groussen Atout ass. An dann net zu Lescht ass awer och déi Jugendherberg iwwert den Zuch praktesch mam ganz Land an dorïwwer eraus mat der ganzer Groussregioun, mä virun allem och géif ech soe bal mat ganz Europa verbonnen. Dat heesch, déi Jugendherberg läit wierklech op där idealer Platz an ass äußerst wäertvoll fir Esch. Ech mengen 120 Better fir d'Jugend, d'Jugend déi énnerwee ass, déi Tourismus mécht, déi Esch besiche kënnt, mä virun allem och d'Jugend déi hei op Esch schaffe kënnt an dat ass gesot ginn, am Interêt vun eiser Uni.

Wéi gesot, e ganz flotte Projet dee mer onbedéngt gebraucht hunn an deen op eis Stad wierklech maassgerecht geschniedert ass. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Weidig. Et sinn elo keng weider agedroe Riedner do, da géing ech proposiéieren, dass den Här Huss op déi puer Froen äntwert.“

Schäffé Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Fir d'éischte wéilt ech soen, dat mer vum Schäfferot hir natierlech begréissen, datt mer quer duerch d'politesch Parteien hei e groussen Accord fanne fir dee Projet do ze realiséieren. Et waren am Fong just zwou, dräi, ech mengen dräi méi Detail-froen do, déi hei vun eenzelne Riedner opgeworf gi waren. Dat eent, dat war vum Här Baum, d'Fro vun de Loyers-präisser vun deenen Zémmeren, fir do ze iwwernuechten. Do ass et esou, datt natierlech fixéiert gi vun eisem Sous-locataire, well mir als Gemeng verlounen dat jo un déi national Jugendherbergesellschaft, Centrale nationale vun de Jugendherbergen, an déi fixéieren am Prinzip déi Locatiounspräisser no Critères, déi international ugewannt ginn. Mir selwer verloune jo u si. Bei deem Verlounen u si ass et esou ze verstoen, datt mir natierlech do bei eisem Locatiounspräis u si déi Subsiden berücksichtegen, déi mer vu staatlecher Säit kritt hunn. Dat heesch, mir wëllen do keng kommerziell Beneficer maachen, mä et sinn awer finalement si, déi déi Präisser do fixéieren.

Da just nach eng aner Detailfro, well jo insgesamt, wat d'Energieproblematik ubelaangt, e groussen Accord hei ronderëm den Dësch war, datt dat esou gestallt gëtt, an och wat d'Ästhetik ubelaangt. Dat war nach just d'Fro vum Här Baum iwwert d'Méiglechkeet vu Reewaas-sernotzung. Dat ass eng Fro effektiv, déi een natierlech ka stellen, wou ech awer elo net weess, inwiewäit dat bei der Pla-nung vergiess ginn ass oder net. Ech ver-sichen dat mat mengem Service noze-kucken, ob dat am Projet nodréiglech nach méiglech wier ze maachen oder net. Ech weess dat net, ech kann lech doropper net äntweren.

Den Här Maroldt huet hei d'Fro gestallt gehat iwwert d'Zich, well do rangéiert gëtt, ob dat net problematesch wier vum Kaméidi hier? Natierlech ass et esou, datt dat sporadesch – ech weess vu wat Dir schwätz, well ech selwer net wäit dovunner wunnen – a wann do rangéiert gëtt, dann ass do e wéineg Kaméidi. Mä hei ass jo awer virgesinn, datt wierklech eng Schalldämpfung an deene Gebaier a vun de Fénsteren virgesinn ass. Dat heesch, e groussen Deel vun den Nuisancé wäert awer do miniméiert ginn, quitt datt een natierlech net wäert alles 100% teg total miniméiert kréien. Ech hunn och doheem duebel Verglasung a menge Fénsteren. Ech si relativ no och bei deenen Eise-bunnsgleiser, mä ech mengen, duerch eng gutt Isolatioun a gutt Verglasungs-méiglechkeete léist dee Problem sech awer an de Gréff ze kréien. Ech mengen dat sinn d'Äntwerten op déi puer Froen, déi do waren. Ech weess elo net ob ech iergendeppes Wichteges vergiess hunn. Ech mengen, dat waren dräi Punkten, déi wéi gesot, déi hei opgeworf gi sinn.

Mä insgesamt soe mir awer Merci vum Schäfferot fir déi grouss Énnerstëtzung fir dee Projet.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci eisem Héichbauschäffen. Da kéinte mer zur Ofstëmmung kommen iwwert den Devis. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia
Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul
Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le devis au montant de

10.900.000 € pour l'aménagement d'une nouvelle Auberge de Jeunesse.

5. Foyer de Nuit Abrisud:
a) Nouvelle construction; présentation et décision (1^{er} vote);
b) Mise à disposition de 4 lits supplémentaires pendant les périodes de grand froid; information

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir géingen da virufuere mam Punkt 5, dat ass de Foyer de Nuit Abrisud. Do geet et souwuel ém eng nei Konstruktoun wéi och ém d'Mise à disposition vu 4 Zousazbetter an de Periode vu grousser Keelt. Dat kann ee sech haut net esou gutt virstellen, mä mir kënnen eis awer nach drun erënnere wéi et d'leschte Kéier war. An ech géing eis Sozialschäffin bidden eis Opschlüssel doriwver ze ginn, eis souwuel den neie Projet ze presentéiere wéi och déi Begleitmesuren déi mir als Gemeng huelen. Madame Spautz.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Jo, Merci. Dir hutt d'Pläng vun dem neien Abrisud an Ärem Dossier leien. Ech erspueren lech all technesch Detailer. Ech ginn lech awer e puer Informatiounen. Et ass esou wéi mer et an der leschter Sitzung och diskutéiert haten, den éischte Vote deen haut geholl gëtt fir datt mer dëst Joer kënnen ufänke mat bauen an et gëtt och héich Zäit, datt mer ukommen. Den neie Foyer kënnt Eck Buergaart/rue de la Fontaine hinne, wou elo schonn, wéi gesot, de Chantier méi laang fräi ass, wou déi Haiser déi virdrun do stoungen, ofgerappt gi sinn. En huet 4 Stäck. D'Entrée ass op där Säit wou een an d'Arbed erageet. Quartier gëtt dat genannt. Et ginn 12 individuell Kummeren. D'Méiglechkeet mat 4 duebel Kummen, getrennt Fraen a Männer selbstverständlich, awer och duebel Kummere falls Koppelen dohinner kommen. Dir gesitt an Äre Pläng och, et ass selbstverständlich e Lift dran, datt mer och d'Méiglechkeet hunn, Persounen déi am Rollstull kommen oder à mobilité réduite kënnen op ze huelen. A mir wiere frou wann Dir deem géift zoustëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdung – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – M. Henri

Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le devis au montant de 2.705.000 € pour l'aménagement de l'Abrisud.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Da ginn ech direkt op déi zweet Konvention iwwer. Dat hate mer och erkläert an dem leschte Gemengerot. Do war d'Konvention ennerwee gewiescht. Wou et esou kal war si 4 zousätzlech Better opgestallt ginn an dem Foyer de Nuit fir kënnen d'Leit allegueren ennerzebrénggen, an datt kengem dobaussen eppes géif passéieren, respektiv géif erfréieren. Mir hunn elo am Moment déi Better als Noutbetter och fir d'Police. En Deel fir d'Police oder wa soss iergendwéi eppes passéiert. Dat heescht déi sinn nach émmer do a mir sinn op 22 Better dann elo am aktuelle Foyer de Nuit. Och do géif ech lech bidden zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Et ass eng Informatioun. Si Wuertmeldungen dozou? Da kënne mer zum nächste Punkt iwwergoen.

6. Réalisation du projet de logement encadré (Abrisud); présentation

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat ass d'Realisatioun vun engem Projet de Logement encadré, Abrisud, Presentatioun, och hei d'Madame Spautz huet d'Wuert als Ressortschäffin.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Dann e weidere Projet dee ganz flott ass an elo virum Summer färerdeg gëtt, d'Embauaarbechte sinn amgaangen. Et war gefrot gi kuerz d'Konzept hei virzestellen. Wat natierlech muss evaluéiert ginn op Grond vun deem Neibau dee wäert kommen. Also, dat Konzept dat wäert och müssen ugepasst ginn entspreechend den einzelnen Etappen elo, wéi verschidde Projeten evoluéieren. An deem Haus ginn 10 Studioen ageriicht déi allegueren iwwert e klengt Buedzëmmer, eng Kitchenette, eng Kummer verfügen. Natierlech Uschlëss fir d'Televisioun an d'Telefon a separat och ofgerechent gi wat d'Waasser, d'Eletresch, de Gas ugeet a jiddwereen eng separat Bréifboîte och huet. Et geet drëms dëse Projet ze realiséiere fir déi Leit déi am Foyer de Nuit sinn. Minimum 3

Méint do waren, an déi nach net, soemer mol, à même si kënnen eleng wunnen ze goen op de private Wunnengsmaart, déi nach mussen encadréiert ginn. Riicht sech un eenzel Persounen, och hei esou gutt wéi u Koppelen. Déi Struktur gëtt och mat geréiert vum Abrisud, huet awer en Educateur gradué deen all Dag do ass, vu Méindes bis Freides, während 4 Stonnen. An den Abrisud ass selbstverständlich och niewent deene 4 Stonne permanent uspriechbar wann eppes wier.

Da ginn et natierlech och gemeinsam Raimlechkeeten, wéi eng gemeinsam Kichen, Séjour, esou wéi et och elo aktuell am Abrisud ass, mat Televisioun, Fautellen, d'Leit kënnen do hir Saache wäschten an den Educateur huet och e Büro do.

Et ginn nëmmen déi Leit geholl déi wierlech an e Projet eraklammen. Dat heescht e Projet de vie mat entwéckelen. Si mussen en Akommes hunn. Visites à domicile sinn natierlech och erlaabt vun de betreibenden Educateure fir d'Leit intern och drop ze préparéiere fir herno kënnen eleng wunnen ze goen. Et ass net méi wéi 3 Joer wou se däerfen do wunnen. Mir hunn einfach gesot, mir fänken u mat 3 Joer. Verschidener si vläicht éischter wou se kënnen eleng wunnen goen, bei aneren, wann et justifiéiert ass, këinne se méi laang do wunnen.

Wéi gesot, de Projet ass an der Schlussphas. Virum Summer kënne mer do d'Ouverture maachen an dann de Leit hir Studioen och do endlech zur Verfügung stellen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci och fir dës Explikatiounen. Mir hunn e puer Wuertmeldungen. Déi éisch ass den Här Weidig.“

Paul Weidig (LSAP): „Jo, ech wëll awer elo net erëm op dee ganzen Detail agoe wat den Abrisud ubelaangt. Ech menge mir wëssen allegueren, dass dat eng äusserst wichteg Institutioun ass, well déi leschte Kéier wéi mer hei iwwert de Bericht vum Abrisud geschwat hunn, dee vun den Educateure gemaach ginn ass, ass doriwver geschwat ginn. Ech wëll just e puer Chifferen hei nennen déi awer fir sech schwätzen. Mir müssen eis bewosst sinn, dass den Aarmutsrisiko hei an deene leschte Joeren net ofhëlt, sondern vun 2008 zum Beispill bis elo 2009 vun 13,4 op 14,9, praktesch op 15% eropgaangen ass. Ech mengen dat ass ganz wichteg a virun allem ass et och wichteg ze wëssen, dass Jugendlecher bis 17 Joer, bei deenen ass den Aarmutsrisiko op 22,3% gestiegen, deen 2008 nach bei 19,8 % louch. Duerno hëlt natierlech den

6. Réalisation du projet de logement encadré (Abrisud)

Aarmutsrisiko of, wat d'Leit méi al ginn. Mä do gëtt et awer verschidde Secteuren déi ganz graff betraff sinn duerch den Aarmutsrisiko. Dat si virun allem déi Aarbechtslos vun deene 45% riskéieren an d'Aarmut ofzerëtschen. A wou et ganz krass ass a wierklech ganz bedauerlech ass, dat si virun allem déi Elengerzéier, dat heesch Mammen déi eleng d'Kanner erzéien. Do läit den Aarmutsrisiko bei 52%, dat heesch praktesch all Zweeten deen Elengerzéier ass, riskéiert an d'Aarmut ofzerëtschen an dat wäert an deenen nächste Joeren och nach zu huelen. Ech mengen do si kloer Argumenter déi fir de Logement encadré an och virun allem fir den Abrisud schwätzen. Mä mir wëssen allegueren, dass Jugendlecher énner 17 Joer a virun allem och aarbechtslos ebe riskéiere ganz schnell an d'Aarmut ofzerëtschen an dann och do eben net méi wëssen wou se solle schlofe goen a keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn.

Wat elo de Logement encadré ubelaangt, ass dat eng ganz sënnvoll Institutioun. Ech hunn et d'leschte Kéier scho gesot, dass mir am Abrisud Leit hunn, zum Beispill d'lescht Joer, déi dat ganzt Joer iwwer am Abrisud waren. 2 Persoune waren dat an nach 15 Leit iwwer 6 Méint. Et kann awer net sinn, dass den Abrisud zu enger laangfristeger Léisung gëtt, et kann némnen eng Nouténnerkonft sinn, dat wëssen mer allegueren an duerfir hu mir dann d'Méiglechkeet, dass eben d'Leit déi länger Zäit am Abrisud sinn, dass mer déi, an och déi natierlech déi och e Projet akzeptéieren an och suivéiert gi vun den Educateuren, dass mer déi Leit eraushuelen an dann an Appartementer logéieren, wou se dann awer och encadriert sinn. Mir wëssen, et sinn eng Partie Leit déi net wëllen an net kennen eleng wunnen, mä dat do ass awer elo den éischte Schrëtt fir se erëm an eng gewëssen Onofhängegeket, also eng gewëssen Sécherheet anzeféiere wou se dann och lues a lues kennen herno erëm op de fräie Maart goe fir sech Wunnen gen ze schafen a wou se och kennen e Liewen op sech selwer féieren. An duerfir assdeen Iwwergang vum Logement encadré ass e ganz wichtige Schrëtt dee mer brauchen herno fir déi Leit aus der Opdachlosegeket erëm zréck, an eng assuréiert Situations ze féiere wou se an der Gesellschaft sech kennen erëm fräi logéiere a wou se och kenne sech erëm fräi bewegen.

Voilà, dat gesot, et ass ganz wichtig an an deem Kontext kann ee vläicht nach eng Kéier drop hiweisen, dass deen nächste Schrëtt dann de soziale Wunnengsbau ass. An duerfir, dat hunn ech d'leschte Kéier scho gesot, et kann net

jiddwereen en Abrisud hunn, net all Gemengen en Abrisud hunn, dat wësse mer, mä et kann awer all Gemeng, géif ech mengen, wéinstens en Deel Logement encadré schafen. A virun allem kann och all Gemeng awer soziale Wunnengsbau maachen an dat ass wéi mer gesi wéi héich ass den Undeel vun eiser Gesellschaft ass déi riskéieren an d'Aarmut ofzerëtschen, ass dat ganz wichtig, dass d'Gemenge sech allegueren awer dozou Gedanke maache wéi mer deene Leit kunnen eng Zukunft ginn an och eng gewëssen Sécherheet am Liewen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Den Här Codello wann ech gelift.“

iwwert de Marché – deen Drock do erauszehuele mat engem sérieux opgestallten effentlechen Ugebuet.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Den Här Codello wann ech gelift.“

Daniel Codello (LSAP): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wéilt enchaînéiere mat deem wat den Här Weidig opgehalen huet an och den Här Baum. Den Här Baum huet eppes richteges gesot, dee Logement encadré – gelift?“

Zénon Bernard (KPL): „Nëmmen eppes?“

Daniel Codello (LSAP): „Gitt mer eng Chance, Här Bernard, ee Moment. Fir haut mol eppes. Hien huet gesot de Logement encadré wier eng logesch Suite wat den Abrisud duerstellt. Dat ass richtig, mä ech wollt awer op e Kontext agoen, dat ass deen och am Hannergrond vun deene ganzen Diskussiounen déi dés Woch ware mat de Quote vun de Gemenge fir Asylbewerber, wou d'Quote leider net agefouert gi si vum Ministère. Dat ass awer dee Sens de responsabilité an et kann ee sech awer als Escher Conseiller houfreg llen, an engem Conseil ze sätzen deen iwwert déi heite Froen émmer unanime hei zoustëmmt. Et war émmer, viru Joere wéi d'Mesures d'urgences hu misste geholl ginn an der Kanalstrooss fir Better kennen zur Verfügung ze stellen, huet hei eng grouss Unanimitéit geherrscht an och wat herno d'Kreatioun vum jétzegen Abrisud ugeet. An duerfir hat ech mer eigentlech eng Diskussioune erwart d'éinescht beim neie Foyer. Bon, dat ass einfach, et ass schonn eng Gewunnecht hei. Déi sozial-politesch Responsabilitéit ass an alle Fraktionen hei esou verankert, datt hei deen neie Bau scho comme une lettre à la poste duerchgaangen ass. Et ass fir eis schonn eng Normalitéit hei an Esch, datt mer déi Responsabilitéit iwwerhuelen. Mä d'Sozialkonflikter an d'Sozialproblemer déi den Här Weidig an och den Här Baum opgezielt hunn, Jugendchômage, Working Poor, all dee Risque fir an d'Pauvretéit ze falen déi an eiser Gesellschaft sinn, do stellt sech awer op eemol eng Fro ob et net awer och op eemol geféierlech gëtt wann émmer némnen déi selwecht Gemenge bei der Léisung vun deene soziale Konflikter erbäigezu ginn. Mir huelen eis Responsabilitéit, mir stellen awer hei ganz kloer d'Fro ob net nach misst eng Solidaritéit mat deene Gemengen déi hir Aufgab iwwerhuelen,

6. Réalisation du projet de logement encadré (Abrisud)

och mol endlech muss iwwerholl ginn. An dofir fannen ech et ganz traureg, dass dës Woch déi Quotendiskussiouen gescheitert ass mat den Asylbewerber. Do si jo Reaktioune vu verschiddene Gemenge gewiescht, ech wëll déi elo net hei kommentéieren, déi, jo déi kéint ee kommen-téieren, vun der Nordstad. Ech fannen dat en Hohn, an duerfir fannen ech et ganz geféierlech wann herno d'Solutioun vun de soziale Konflikter, vun de soziale Problemer némmen nach op d'Stad Lëtz-zeburg an op d'Stad Esch konzentréiert ginn. Mir iwwerhuelen eis Responsabi-litéit, mir iwwerhuele se ganz gären, mä op eemol gëtt awer och gesot, elo ass Schluss, elo brauche mir awer och Solidaritéit vun deenen aneren 104 Gemengen. Et ass net némmen un der Stad Lëtz-zeburg an un der Stad Esch. Zénter Jor-zéngte beweise mir, datt mir Sozialrespon-sabilitéit wéi gesot hei unanime am Conseil iwwerhuelen, elo maachen ech awer en Appel an eng waarm Demande un déi aner Gemengeresponsabele vun aller Couleur wéi se an der Responsabi-litéit sinn, och do mol hir Responsabi-litéit ze iwwerhuelen an net alles op eis hei e béssen ofzewälzen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Et wier dann um Här Zwally an dann um Här Kox.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Numm vun eiser Fraktiouen och e puer Wuert soen. Ech menge mir hate virun zwee Méint schonn déi Diskussiouen hei gefouert. Do hu mir schonn alles vu Sug-gestioune gi wéi mir der Meenung sinn, dass dat Ganzt ka fonctionnéieren, dass d'Solidaritéit vun eiser Säit aus émmer grouss war. Dat wäert och an Zukunft esou bleiwen. An esou wéi een dat hei feststellt, si sämtlech Fraktiouen d'accord fir deen dote Wee weider ze féieren. Mir waren émmer der Meenung, dass eng Konzessiouen muss do sinn.“

a) Wat mat dem Familljeministère ubelaangt fir déi nei Struktur ze bauen. Et kann een elo mol soen, endlech si mer esou wäit, well mer hate jo och nach Diskussioune mam Gesondheetsministère, dee jo och als Partenariat a Fro komm war. Deen elo net méi do ass. Mir gesi jo also, dass mer um Niveau vun engem Ministère et fäerde bréngen dach eng nei Struktur heihinner ze kréien.

b) War fir eis wichtig de Logement encadré dee mer och zur Diskussiouen émmer haten a wou mer och der Meenung sinn, dass et een Deel vun deem Konzept ass wou mer ganz einfach brau-ke fir deene Leit ze héllefen. Mir hunn

awer och als CSV gesot, dass mer en drëtten Deel gären hätten.

Dat ass nämlech dee vum Encadrement ciblé. Wa mer eis eens sinn, dass mer hei eppes zur Verfügung stellen, d'Madame Schäffin huet gesot, dass mer um Niveau vun deem Logement encadré en vue hu fir eventuell 3 Joer können d'Garantie ze ginn, dass d'Leit do können dra wunne fir selbstänneg ze ginn, da si mir der Meenung, dass dat heiten, deen Encadrement ciblé dozou och muss féiere fir d'Iwwer-leeung ze maachen, datt et duerno och nach eppes gëtt. An do ass och eis Fro déi heiten, ob eventuell dru geduecht ginn ass, wann déi Leit da selbstänneg sinn, op den Niveau vun de Gemenge-wunnenge kenne viru gehollef kréien? A wann dat de Fall wier, natierlech da wiere mir selbstverständliche och domat d'accord, well dat am Prinzip och deen Encadrement ciblé géif bedeite wou mer deene Leit da géifen hëllefe fir laangfris-teg an d'Zukunft eran ze kucken.

Jo, den Discours deen hei gehale ginn ass vum Här Codello, dee kenne mer, deen hu mir selwer och schonn oft gehalen, wéssend dass déi Situations am Süden net einfach ass an och um Niveau vum ganze Land. Wann een d'Solidaritéit freet an der Responsabilitéit wat dat doten ubelaangt, da soll een net vergiessen, dass eis Nopeschgemengen net ausge-statt sinn némmen als Wellness-Gemengen.“
(Gelaachs)

Eng Stëmm: "Très bien!"

André Zwally (CSV): „Well mir sinn déi déi dofir suergen, dass alles däerf heihinner kommen an dofir suergen, dass dee-ne méi aarme Leit gehollef gëtt. Mä och si hunn e Gesetz zur Verfügung kritt wat den 01.01.2011 gestëmmt ginn ass. Si hunn Instrumenter kritt déi hinnen erlaabt fir hire Leit ze héllefen an an deem Sënn si mir natierlech mat deem wat hei presentéiert ginn ass d'accord, mat dem Opruff fir déi Responsabel déi mer hei an der Chamber hunn, respektiv an deenen eenzelne Gremien dofir ze suergen, dass mat den Nopeschgemenge Kontakt ophue-llen an hinne soen, dass eise Problem e groussen ass a mir musse gehollef kréien. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Kox.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hale mech ganz kuerz. Mir énnerstëtzte selbst-verståndlech déi Projeten an ech ginn natierlech dann och nach eng Kéier, eng

Widderhuelung vun deem wat déi Vir-riedner gesot hinn, als Escher gi mir do am Süden och nees mam gudde Beispill vir. Et muss een awer wéssen, déi Leit déi heihinner komme si sécherlech net alle-guerte vun Esch. Si kommen aus anere Südstdied, aus den anere regional Südge-mengen an hei kënnten déi gréisser Stied méi Initiativ och weisen. Ech mengen dat soll och vun alle Parteien hei nach eng Kéier énnerstrach ginn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Madame Spautz.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Jo. Merci fir déi grouss Zoustëmmung. Et ass esou wéi et hei gesot ginn ass, datt mer als Escher émmer geschlossen eis Res-ponsabilitéit iwwerholl hinn. Ech wollt op zwou kleng Saachen agoen.

Den Encadrement ciblé, wéi et elo vum Här Zwally gesot ginn ass, selbstverständ-lich den nächste Schrëtt ass jo logesch, da wier et eng Gemengewunneng. Et muss een awer och dovunner ausgoen, datt jo net allegueren d'Leit a ganz prekäre Situatione sinn. Et sinn och alt mol Iwwergangslésungen. An do kéint et sinn, datt dann eben och d'Méiglechkeet vum private Maart natierlech besteet. Dat muss ee vu Fall zu Fall kucken. Awer déi logesch Suite ass natierlech d'Gemen-gewunnengen duerno. Dat stëmmt.

An do dann nach eng Kéier op dat wat hei gesot ginn ass, d'Verantwortung iwwerhuelen, déi sozial Verantwortung iwwerhuelen, awer ech fannen och déi moralesch Verantwortung ze iwwerhuele vun anere Gemengen a Responsabelen, déi léist wierklech absolut ze wünschen iwwreg. An der ganzer Diskussiouen ém d'Asylanten ass et nach eng Kéier undis-kutéiert ginn. Mir hunn als Gemeng drop geäntwert op de Bréif. Mir hunn Asylan-ten hei zu Esch a mer hu gesot, wann déi Quote géifen agefouert ginn an et géif dobäi erauskommen, datt mer der nach missten huelen, dann iwwerhuele mer och do eis Verantwortung. Mä et kann net sinn, datt aner Gemengen, aus wéi engen haarsträubende Grénn och émmer, soe mir iwwerhuelen eis Verantwortung net a mir sinn eng Wellness-Gemeng, mir hu keng Méiglechkeet fir déi Problematiken do ze behandelen. Dat ass dat éischt. An ech wëll lech och soen, datt mer nach op engem anere Punkt jo Verantwortung iwwerhuelen, dat ass dee vun der „Fixer-stuff“. Ech hoffen, datt mer können even-tuell am Abrëll méi Detailer dozou ginn. Mir hu ganz gutt Gespréicher, mir sinn amgaange soen ech mol, en Escher Modell ze entwéckelen deen ech mengen och kéint Zoustëmmung fannen. Mir hu

ganz gutt Gespréicher am Moment a wollten déi ofwaarden ier mer méi Detailer hei kenne ginn. Also och do maache mer eppes fir Leit déi et ganz, ganz besonnesch néideg hu fir déi kennen opzefänken."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Madame Spautz och fir dës Äntwerten. Da kéinte mer zum nächste Punkt komme well dat war just eng Presentatioun.

7. Kulturfestival 2012:

a) Présentation b) Convention avec l'asbl Escher Kulturfestival; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„An den nächste Punkt ass de Kulturfestival 2012. Et ass elo schonn erëm esou-wäit. D'Presentatioun lafen un. Et ass erëm d'Zäit fir d'Konventioun. Déi éischt programmatesch Ideeë sti schonn am Raum an den Här Tonnar weess méi.“

Schäffle Jean Tonnar (LSAP): „Ech zielen awer net alles. Jo, Madame Buergermeeschter, ech mengen de Festival brauche mer net méi virstellen. Et ass mëttlerweil dést Joer déi 12. Editioun. D'Datummer si fest. Dat ass de 7., 8. an 9. September dést Joer. Et geet Freides Mëttes u géint 16.00 Auer. Do hu mer Animationounen an de Stroosse, wéi dat all Joer gewinnt ass. D'ganz Stroosse vun Esch, d'Brill-Plaz esou wäit déi scho méig-lech ass mat abezunn ze ginn. D'Boltgensplatz, den Hotel de Ville, d'ganz Uelzechtstrooss. Mer hunn och wéi all Joer, an do insistéiere mer drop, dass mer d'Kanner vun de Vakanzenaktivitéite mat abezéien. Éischtens ass dat eng ganz flott Preparatioun de ganze Summer fir déi. Zweetens ass dat och ganz flott, dass se dann hir Aktivitéite kennen, wat se geübt hunn, weisen. Dat wäert géint 18.30 déi Parad sinn, déi dann erof kënnnt op d'Uelzechtstrooss hei op d'Hôtel de Ville-Plaz. An dann hu mer och scho wéi et Usus ass zénter enger Partie Joeren dee grousse Spectacle d'ouverture Owes géint 21.00 Auer, deen hei op der Plaz ass. Samschdes geet et weider mat enger 40 Gruppen. Ech menge mer wësse vun deene leschte Joere wéi dat alles gelaf ass. Mer haten och an de leschte Joere ganz vill Chance mam Wieder, wat natierlech émmer e wichtige Facteur ass. Dann hu mer awer och, an ech wéll doropper insistéieren, op déi gutt Zesummenaarbecht, ech soen hei dem Martin Kox Merci, well dee President vum Kulturnlaf ass an déi Zesummenaarbecht trotz

de Schwieregkeiten déi émmer besti mat Clôtures a mat organisatoresche Problemer, hu mer déi Problemer nach émmer geléist a mer si frou, dass mer dat kenne parallel lafe loessen, an dass dat esou klappt.

An dann hu mer Sonndes de Plat de résistance um Galgebierg. Dat wäert géint 14.00 Auer opgoen a géint 23.30-23.45 spéitstens 24.00 ass et färdeg, dass d'Leit déi musse Méindes moies schaffe goen, net emmerdéiert sinn. Ech géif lech elo en Numm kennen nennen, ech maachen dat awer net. Ech hu gëschter ee gesot kritt. Mer maachen eng Pressekonferenz an der nächster Zäit, zesumme mat der Kulturkommissiou an da wäerte mer déi oder deen oder déi Grupp virstellen an da gitt Dir méi gewuer.

D'Konventioun ass déi wéi se émmer ass. Dir wësst dass mer als Haapsponsor d'Gemeng hunn, wéi vum éischten Dag un. Mir hunn och parallel Privatsponsoren, mä den Haapsponsor dat ass nach émmer d'Gemeng. An duerfir géif ech lech bidden déi Konventioun ze stëmmen a wann nach een eng Fro huet, sinn ech selbstverständlech zur Verfügung. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Tonnar. Ech hunn eng ganz Rei vu Wuertmeldungen. Déi éischt war d'Madame Bofferding an dann nach déi Hären Kox, Codello a Johanns.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen, mir sinn eis bestëmmt eens, dass et flott ass hei zu Esch e Kulturfestival ze hunn. De Stroossefestival ass émmer gutt besicht. Deen ass ganz flott. Deen zitt Grouss a Kleng un. Vill Generationounen. Dat ass ganz flott an esou soll et och sinn. Beim Open Air Concert aller-déngs mengen ech ginn d'Meenungen e bëssen auserneen. Am Virfeld vun haut hunn ech probéiert e bësser mat de Leit ze schwätze fir e bëssen de Bols vun eisen Awunner ze llen. Mir si jo schliesslech Volleksvertrieder an da fannen ech et net méi wéi richteg och d'Impressionen vun de Leit, vun eise Biergerinnen a Bierger dobaussen anzefänken.“

D'Fro déi ganz oft opgeworf ginn ass, ass déi vum Gesamtkonzept. Et ass, wéi gesot, oft gefrot gi wat wëlle mer mat deem Terres Rouges Festival? Wee wëlle mer virun allem do erreechen a wéi gesäit et och aus fir eng Stammclientèle unzéackelen? D'Fro eben ass, geet et just drëms fir Headliner op Esch ze kréien? Da misste mer mengen ech méi e grousse Budget kréie fir wierklech d'Crème de la crème heihinner ze ruffen. Oder soll et wierklech eng Aart Volleksfest ginn, wou

mer eis Awunner invitéeieren an och probéiere vill Leit vu baussen unzééien? Da misst een och kucke fir eng méi harmonesch, oder nee, eng gemittlech oder méi eng familiär Ambiance ze schafen. (Tëscheruff)

Nee, keen Oktoberfest. Mir hate jo eng flott Kavalkad elo. Ech wéll hei ganz gezielt d'Identitéit vum Open Air Concert uschwätzen. Och kann d'Fro gestallt ginn ...
Sidd dár zwee bal?

Wou een iwwerhaapt ganz Esch do erëm fënnt, wou d'Kultur, eis Kultur vun Esch do erëm ze fannen ass. Do denken ech zum Beispill un eis Veräiner. Firwat kenne mer déi net méi mat an de Catering eran-huelen? Da kéinte mer vlächt och evitéieren, dass mer Grillwurschten a Fritten zu horrende Präiser do verkafen, fir net ze soe se sinn onsozial. Ech hunn dat eng immens onglecklech Situations fonnt an ech denken och, dass hei d'Gemeng misst méi mat involvéiert ginn, fir esou Momenter einfach ze evitéieren. Déi stinn eis net gutt zu Gesiicht als Gemeng an als Esch kenne mer dat net vertrieben.

Iwwerhaapt, wann een e bëssen an d'Ausland op d'Festivale geet, do kritt een émmer esou e Village culinaire ugebueden. Firwat solle mer dat net och hei zu Esch maachen? Ech soen net, dass mer elo solle Schampes a Kaviar servéieren, mä einfach mol op e Wee goen an och esou Highlighter setzen. Dat wär jo nach e weidere Pluspunkt fir Leit heihinner ze kréien.

Wat elo d'Musek betréfft, jo, esou ass dat émmer e bësse méi schwierig. Jiddweren huet en anere Goût, deen ee fénnt dat gutt, deen anere fénnt dat gutt. Perséinlech hunn ech d'lescht Joer déi Grupp Shaka Ponk – déi Leit déi do ware wësse ween ech mengen, dat waren déi ganz Verréckten do op der Bühn. Ech perséinlech hunn déi besser fonnént wéi eisen Headliner, Kaiser Chiefs, well ech déi viru Joeren, ech war se viru Joere kucke wou se u sech méi „in“ waren, wou se méi gefrot waren. Mä bon, dat ass meng perséinlech Impressionen. Trotzdem mengen ech, kéint een awer eng Kéier iwwert d'Stiller vun der Museksausriichtung schwätzen.

Et kéint ee sech jo och iwwerleeë vlächt de Festival all Joer zu engem anere Sujet ze maachen. Firwat net soen, mir bidden eng Kéier méi portugisesch Musek un oder mir maachen eng Kéier méi Rockfestival oder mir maachen eng Kéier méi e World Music Festival, whatever. Ech denken un esou Kënschtler wéi Manu Chao, dat sinn elo Leit déi bekannt sinn. Dat si Leit déi Massen unzéien, déi eis awer och elo net eng Fortune kaschten. Dee war

zum Beispill an der Abtei Neimünster. Dat war e giganteschen Erfolleg. Dat war wonnerbar a firwat net esou Leit op Esch kréien, déi och immens festivalauglech sinn, déi net einfach op der Bühn stinn, wou deen een oder aneren Teenie dann an Ohnmaacht fällt well en e flotte Sänger gesäit. Mä déi wierklech d'Leitmasse matzéien an eng flott Ambiance créieren. Et muss jo net èmmer d'Musek aus der Hitparad sinn. Ech denken och un eis grouss Kulturhaiser wéi d'Rockhal, wéi d'Kulturfabrik. Firwat net mat hinnen zesumme kucke fir eppes Eenzegaarteges wierklech opzebauen a virun allem eppes Innovatives, eppes Aneschters wat et soss an deem Senn net gëtt.

E leschten Aspekt deen ech nach wëll uschwätzten ass dee vun der Ecologie. Ganz vill Festivalen am Ausland déi gi sech esou eng gréng Charta wou se eben an hiert ganz Gesamtkonzept deen Eko-logiesaspekt intégréieren. Ech denken do haaptächlech un d'Kufa. Si hei zu Esch hunn déi Becheren, déi Gobeleten agefouert wou ee jo erém gebrauche kann. Firwat och net esou Ideeë mat an dee Festival do fléissen ze loossen. Mir ginn eis jo dee flotte gréng Label an ech si mer sécher, dass den Här Huss do ganz averstanen ass mat mer, fir och esou Saache mat eranzehuelen. Wéi gesot, an deem Ganze vermëssen ech perséinlech, an och ganz vill Leit dobaussen einfach esou dat ganzt Konzept wat mer domat ter solle maachen. Mir hunn eng flott Platz do uewen um Galgebierg an ech fannen déi misst einfach nach méi flott genotzt ginn, dass mer wierklech eppes Innovatives, Flottes hunn. Wat een net duerf vergiessen, Diddeleng déi hu virun 18, 19 Joer mengen ech, ugefangen, déi hunn och ganz kleng ugefangen, déi hunn einfach e puer Brieder mengen ech openee gestallt an do hate se eng Bühn an haut ass dat e gigantescht Volleksfest, wou och vill Escher iwwregens higinn a wat ganz flott gefeiert gëtt. A vläicht misste mir eis och do mol iwwerleeë wat mer ganz genau mat deem Festival wëllen errechen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Et ass dann elo um Här Kox an duerno um Här Codello.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech géi dann éischter op de Streetfestival agoen nodeem effektiv den Open Air um Galgebierg ganz gutt vun der Madame Bofferding geschildert ginn ass an och mat neien Ideeë beräichert ginn ass.“

De Streetfestival ass mat vill Engagement an och mat Erfolleg vum Service de la Culture organiséiert ginn. Ech gi mol op d'lescht Joer zréck. En ass beim Publikum gutt ukomm a vläicht wat een awer als Niewesätz ka soen, den Alain Schmitz, deen déi éischt Editioune organiséiert huet, dee war um Event hei dobäi an hien huet dee Festival d'lescht Joer als super Festival gelueft. Ech mengen hien ass eng Referenz, ass e ganz kritesche Mann an ech mengen hien huet keen Interêt effektiv eppes ze luewe wat hien a sech net éierlech och esou gesinn huet. Interessant an ervirzehiewen, ass och schonn ugeklongen, dat ass dass an där Parade an am Spektakel och déi Summeraktivitéiten, d'Kanner mat agebonne ginn. Wat ganz wichteg ass, dass si och dann hiren Opträtt hunn. Ech muss natierlech dann net an eegener Saach, mä am Numm vum Kulturlaf, vun der Kulturlaf Asbl erwähnen, dass mir säit 2007 Samschdes Owes zesumme mam Stroossentheater zesummen optryeden, wat all Joer en neien Défi, et ass scho genannt ginn, fir Logistik an Organisatioun ass. Och wann do énnerschiddlech Publikume sinn, profitéieren déi zwee Eventer awer ee vun deem aneren. Op zwou Recommandatiounen wollt ech schlussendlech och nach agoen. Ech mengen deen ass och grad genannt ginn. Bei gréisser Evenementer, Eventer hei zu Esch, op recycléierbar Becheren an Tellere soll een effektiv zréckgräifen, wéi elo d'Kufa mat guddem Beispill virgaangen ass. An zum aneren, dat ass och schonn ugeklongen, de Präis vum Catering um Concert Galgebierg. Ech mengen dee muss abordabel bleiwen an deen ass d'lescht Joer sécherlech déck an d'Kritik geroden. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Et wier dann elo um Här Codello an duerno um Här Johanns.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ganz kuerz, well et ass scho Villes ugeklonge wat mer och duerch de Kapp gaangen ass. De Kulturfestival war wéi 2003er Koalitioun ugetrueden ass, war am kulturpolitesche Beräich de Kulturfestival eng Nouveautét. Et war fir der ganzer Stad Esch während engem Weekend de kulturelle Bols ze ginn. Den Här Kox ass op dee fantastesche Succès vum Stroossenfestival agaangen. An ech denken no enger gewësser Zäit vun Organisatiounen vun deem Kulturfestival ass et och interessant am Conseil eng Kéier e klenge Réckbléck ze maachen, ze kucke wat déi eegen Impressionen ugeet, wat geet a wat net geet.“

Ech sinn der Meenung an all deene Joe-ren, dat wat wierklech bei enger ganz grousser Unzuel vu Leit ukënnnt, dat ass dee Stroossenfestival. Dat war wierklech dat op dat mer net méi kënne verzichten, wat wierklech, wou d'Leit heihinner komme vu Freides bis, a Samschdes a Sonndes an hei waarden, dass am Zentrum vun Esch dat Lieve bolséiert do beim kul-turelle Plang. Menger Meenung no ass awer, wat de Concert vu Sonndes ugeet, do mengen ech awer, datt do awer d'Zuschauerzuelen degressiv sinn. Ech wëll och elo net op déi eenzel Gruppen agoen, well ech der och èmmer manner kennen déi heihinner kommen. Dat muss ech éierlech soen. Éierlech, am Ufank hunn ech der alt nach kannt, Reamonn an ech weess net wat, mä mëttlerweil kommen der heihinner wou ech mech dann och soen, et ass vläicht Sonndes net méi de Fall, dass de dech do muss depla-céieren. Dat ass awer och vläicht héchst-wahrscheinlech bei de potentielle Leit déi sollen den Ticket kafen, och esou. Ech denken awer, datt do d'Zuel vun de Leit zréckgeet an do misst een awer vläicht eng Kéier e Bilan zéien a soen, hei dat dote war vun 2001 un. Wat waren iwwer-haapt d'Objektiver 2001? Komm mir ginn déi och mol nach eng Kéier kucken? Firwat ass zu engem Kulturfestival komm? Wat huet d'Stad Esch sech do wollten als Objektiv ginn a wou si mer elo mat der Editioune 2012? Dat wier eng flott Iwwer-leeung ze maachen déi mer och hei kéinten zesumme mat der Kulturkommissiouen eng Kéier undiskutéieren.

Déi zweet Saach déi ass och ugeklongen, an déi soen ech och am Numm vun der Finanzkommissiouen, well dat ass e Mëtt-woch do ganz kloer gesot ginn. Also, esou negativ an d'Schlagzeile wéi d'lescht Joer därf ni méi eng Manifestation culturelle oder sportive vun der Stad Esch kommen. Et kann net méi sinn, datt mir mat engem e Kontrakt aginn deen dann do Verfleegung fir 6,20 € oder wat war et en Thüringer do verkeeft. Dat war en Hohn. Dat war en Hohn! Déi ganz Manif-estatioun, den Dag duerno an de Medien ass guer net méi iwwert d'Prestatiounen vun de Gruppe geschwät ginn. Et ass just nach eppes op d'Tapéit komm, wéi kann d'Stad Esch – well do mécht jo och an der Kritik, dat wësst Dir, do mécht jo keen den Énnerscheed, do war op eemol d'Stad Esch, an dat ass dann d'Stad Esch gewiescht, mir sinn och gréisste Geldgeber dovunner – do si mer an d'Kritik geroden an dat därf net méi de Fall sinn. An dofir gi mer och mat op de Wee, datt dat dëst Joer soll erém riicht gebéit ginn. A wann ech richteg an Erënnerung hunn, huet de Kulturschäffen och an engem

Interview op RTL gesot gehat, datt gekuckt gëtt fir d'Veräiner, fir d'Escher Associatiounen anzebanne fir de Catering ze maachen. Ech mengen dat ass an der Stad Lëtzebuerg de Fall wann déi e grousse Schierm hu fir e Fussballsmatch ze iwwerdroen, do ass dat automatesch, datt do d'Sportsveräiner gefrot ginn. Well d'Veräiner liewen och vun esou engem indirekte Subsid. Dat muss ee jo och esou gesinn, datt dat doten e Subsid gëtt fir Veräiner fir aner Manifestatiounen och kënnen unzegoen an duerfir géinge mir dee Wee mat goe wa mer d'Veräiner kéinten op de Wee kréie fir d'Verfleegung bei den zukünftege Festivaller ze assuréieren. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Et wier dann um Här Johanns an duerno um Här Hansen.“

Théid Johanns (DÉI LÉNK): „Merci, Madame Buergermeeschter. Zum Stroossefestival u sech wëll ech elo mol net iwwert les goûts ou les couleurs schwätzen. Historesch gesinn, hu mer am Ufank wou dee Festival war, eis ganz déck opgeblossen an duerno iwwert d'Joere konnte mer d'Loft awer net méi anhalen. Amplaz kleng oder normal unzefänken, an da bei Erfolleg dat ganzt konsequenter zum Kult auszebauen, hu mir den émgédréinte Wee geholl an hu vu Joer zu Joer émmer méi ofgebaut. Dat kann ech elo net onbedéngt als Réussite gesinn an ech fannen och net onbedéngt, dass émmer méi Leit solle kommen.

Mir maache wahrscheinlech de Feeler op sämtlechen Hochzäite mat danzen ze wëllen, nom Motto „ech wëll dat och“. Dofir gëtt awer alles némme mat halwer Energie oder praktesch niewelaanscht gemaach an dobäi gëtt komplett vergiess en eegent an originelt Gesicht ze hunn, well mer permanent copy/paste vu bestehenden Evenementer maachen, wou ausserhalb vun Esch scho laang existéieren. An do sinn ech elo nach frou, dass mer net probéieren och eng Sprangprässessione zu hunn.

(Gelauchs)

Fir datt Esch d'Zukunft soll sinn, fannen ech dass mer ganz schéin hannendrun hippen. An trotzdem muss an dësem Moment an Esch all geréngste minimal Bewegung wat dat Kreatiüvt an d'Ënnerhalung ugeet als positiv bewäert ginn an dofir stëmme mir och fir dee Projet hei. Et géif zwar gutt doe wa mer do géife probéieren eng eegen originell Escher Idee op d'Been ze stellen.

An dann zum Terres Rouges Musikfestival. Do wëll ech elo och net iwwert les goûts et les couleurs schwätzen. Dat huet d'Ma-

dame Bofferding scho ganz richteg kommentéiert. Mä genau op deem Festival schielt sech Salonsozialismus verbonne mat Onsozialem komplett eraus. Et ginn op där enger Säit gratis Billjeeë fir zum Deel Oninteresséierter, da ginn d'VIPs och nach hannert engem Gelänner ofgeschott a mat engem Catering verwinnt, während Jugendlecher wou hiert Täsche-geld zesumme kraze fir hirem Party- a Museksbesoin nozkommen, dann och nach mat iwwerdriwwene Präisser fir dat Kulinarescht geschröpf gi sinn. An dobäi handelt et sech wéi beim Gedrénk, dat bei 30°C Hëtz an enger grousser Quantitéit néideg ass, a mam lesse wou bei esou engem laangen Dag wou och mat Hon- ger verbonnen ass, bei deene Präisser ém eng regelrecht Sauerei. Et sieft do och bemierkt, dass et verbueden ass fir ier- gendwelch Grondnahrungsmëttel mat op d'Festivalgelände mat ze bréngen. Et ass esou eppes wéi eng Fal wou mënsch- lech Besoîne kënnen ausgebeut ginn. Ausser et wär een andauernd während dem Festival vum Galgebierg an Esch erof an erop gepilgert fir do ze konsuméieren. Dat ass och egal wat. An dat ganzt énnert der Affiche, datt deen Entréesbilljee jo awer ganz präiswàert ass. Et ass einfach duerno ze behaapten et kéint een net dofir, en anere wär Schold. Mä do froen ech mech, firwat Outsourcing net och regléiert oder kontrolléiert ka ginn? Wahr- scheinech aus prakteschen Ursachen. Et ass einfach verantwortungslos wéi hei vir- gaange ginn ass. Mä Haaptsaach mir maache wéi wa mer eppes géife maa- chen an d'Medien dokumentéiere landes- wàit wéi paradisiaque Esch ass. Mä déi Rechnung geet op d'Dauer net op. Panne wéi beim leschte Kulturlaf müssen och onbedéngt e Cas unique bleiwen, well doduerch eng Panne d'Leefer hätte kënnen déshydratéieren oder kollabéieren. Alt nees net eng extra gutt Reklamm fir Esch. Esou kréie mer de Fonctionnement an déi scheinbar konstruktiv Ambiance vun Esch och net méi mat Glanzbroschüren ofgeholl. Et huet sech schonn erëm geschwatt, datt Esch bei wäitem net esou sexy ass wéi dat gepridegt gëtt. Bei eisen Evenementer ginn einfach ze vill krass Denk-, Organisa- tions- a philosophesch Feeler gemaach. Dobäi verschlëcke si och nach e ganz gudden Deel Budget a ginn duerch Möchtegern moderne Management, déi eigentlech eng naiv populistesch an zum Deel arrogant Philosophie ass, futti gemaach. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Johanns. Den Här Hansen an dann den Här Zwally.“

Mike Hansen (LSAP): „Jo, Bonjour, Merci als éischt. Ech si mat villem averstane wat haut gesot ginn ass an ech kommen och elo net op alles drop zréck. Ech fannen eppes ganz wichteges wat den Här Codello gesot huet, datt et endlech Zäit gëtt, datt mer e Bilan maache wou hu mer ugefaangen an dann och wësse wouhinner mer ginn. Mir musse wësse wouhinner wëlle mer kommen ouni copy/paste ze maachen oder eng Sprangprässessionen op Esch ze huelen. Dat ass e ganz wichtige Schratt. Ech mengen dat ass net némme fir de Kulturfestival, mä dat ass op verschiddene Pla- zen ass dat néideg dat weider ze maachen.“

Elo mat de Sportsveräiner ass och eng super Idee, well fir géint déi héich Präisser virzegoe wat jo och eng Sauerei ass, mä do wëll ech awer némmen drun erënneren, et ware mol d'Sportsveräiner déi hu gebrillt. Mä wa mer d'Sportsveräiner wëllen hunn déi Catering maachen oder Thüringer verkafen, da musse mer och oppassen, datt d'Ofgabe pro Thüringer oder vun deem wat se verkafen, net ze héich ass, well soss ginn och keng Veräiner sech op de Bierg stellen. Well déi maachen dat och net wéinst dem schéine Wieder a wéinst der Musek.

Ech wëll och elo nach kuerz op d'Volleksfest, op d'Organisatioun hikommen. Also ech si mat allem averstane wat d'Madame Bofferding gesot huet, mä et feelt mer eng Saach. Ech sinn e Festivalgänger, ech gi gären op d'Festivals an do gëtt et e super Festival méi héich am Norden, dat ass de Food For Your Senses. An ech mengen dat ass mol e Beispill wou mer musse vun der Organisatioun hir kucken an och vun der Programmatioun. Well ech fannen et ganz schued, wann ech op de Kulturfestival hei zu Esch ginn, datt déi regional, déi lokal Gruppe mëttes, am fréie Mëtten optriede wa kee Mensch do ass. Mir müssen do eng Diversitéit era-kréien. Och fir déi regional Gruppen, datt déi och mol virun engem Public kënnen spiller. Well esou e Festival soll jo och eppes si fir Gruppen, d'Museker hei aus der Géigend, déi solle se dach usporne, déi sollen Experienze kréien, déi solle Goût lecken. An dat ass, mengen ech, och e Wee dee mer musse goen an dem regionale Kënschtler d'Chance kënnéen ginn och duerch den Dag opzetryden an net némme mëttes um 15.00 Auer. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Hansen. Den Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen ech si mat villem d'accord wat d'Kollegen hei

gesot hunn a mir sinn och der Meenung, dass eng Bestandsopnam soll gemaach gi vun all deem wat elo déi lescht Joere gelaf ass. Ech wéll awer gären drun erënneren, dass de Kulturfestival vun 2001 un ugaangen ass, an dass mer do schonn am Ufank kolateral Schied haten. Ech denken deemoos un de Folasterrain, bei deenen Héichte wou mer senger Zäit Problemer hat, wou d'Sportassociatioun vun der Fola wéi laang net méi konnt deen Terrain benotzen. Ech mengen dat ass och ee Réckbléck dee mer solle maache vun deem wat bis elo vu Kulturfestival war. Dat anert ass kloer, dass mer (Ënnerbriechung)

Sot mer nach eng Kéier wéi d'Resultat war – allerdéngs net, och net vun deem neien Terrain deen d'lescht Joer war, ok. Mir wollten awer soen, dass mir selbstverständlich mat der Ausbeutung, déi een deelweis kann Ausbeutung nennen, vun deene Leit déi dohinner kommen, haapsächlich vun deene Jugendlecher, well ech gi jo net dovunner aus, dass mer hei um Terrain müssen ufänke Präiskontrollen ze maachen oder Reglementer ze maache wéi a wat dann den Thüringer an d'Fritte solle kaschten, mä dass mer awer an enger Equitéit bleiwe vun deem wat een am normale bezilt fir esou Saachen. Mir sinn och der Meenung, dass d'Associatioun vun Esch sech solle mat dru bedeelegen. Allerdéngs, awer net némme restriktiv um Niveau vun de Sportsveräiner, mä et ass och e Museksfestival an da soll een och dofir suergen, dass déi Associatiounen déi mat Musek verbonne sinn, bei eis um Terrain do kenne mathëlfen.

Mir hunn nach eng aner Konstatatioun ze maachen déi mer och wëllen dem responsabèle Schäffe mat ginn, ass nämlech den Accès fir déi behënnert Leit déi dohinner kommen. Mir hu festgestallt d'lescht Joer, dass e puer Problemer waren, dass awer Hindernisser do waren. Et soll een dofir suergen, dass déi Leit déi dohinner kommen och um Niveau vun de Behënnerten, dass déi ouni grouss Problemer kënnen do mat Deel huelen, an dass een och de Respekt vis-à-vis vun deenen déi dohinner kommen, ka mat afléisse loossen.

Allgemeng mengen ech hätte mer quasi alles gesot wat mir als CSV zu deem ganzen ze soen hunn. Nach eppes wat ech awer och nach wéll soen. Wa mer hei schonn Diskussioun iwwer Fritten an Thüringer hunn, ech sinn der Meenung oder mir sinn och der Meenung dass d'Rockhal relativ iwwerhéichte Präisser huet bei deem wat se froen. An et wär och gutt wann een eng Kéier géif mat deene Kontakt ophuelen. Vlächt hu mer

d'Méiglechkeet, déi rechtlech Méiglechkeet net fir dat ze maachen, mä et muss een awer wëssen, dass dat och vun eis aus gesinn héich Präisser sinn an et soll een dat och eng Kéier énnert d'Lupp huele fir sech mat deene Responsabelen auserneen ze setzen an ze soen dass eis Präisgestaltung zu Esch eng sozial Präisgestaltung ass an dorriwwer eraus da soll déi néideg Moossnamen huele fir dat doten ze énnerbannen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Zwally. Vill Ureegungen déi de Schäfferot natierlech mat hëlt, mä den Här Tonnar ka bestëmmt op eng ganz Rei vu Froen äntweren an déi Suggestioune kommentéieren.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech si mol fir d'éischt frou fir deen Interêt um Festival. Ech sinn och ganz frou fir konstruktiv Kritik. Ech kann direkt soen, dass déi Fritten net méi kommen. Ech hat déi net esou bestallt. Dat kënnnt Dir lech jo virstellen an ech war grad esou rose wéi déi 18 aner Memberen hei aus dem Gemengerot, kënnnt ech mer mol virstellen. Et ass awer esou, dass mer, dat wësst Dir wahrscheinlech, d'lescht Joer mat enger neier Equip geschafft hunn déi mer précisément vun der Kulturfabrik kritt haten, duerfir. Dat ass net esou, dass d'Kulturfabrik à l'écart wier, ech wéll dat awer och soen. Mir hunn déi dorriwwer kritt a mir hu mat deene geschafft a mer schaffen och dëst Joer zesummen. Ech sinn e bëssen traureg, dass den Débat sech limitiéiert iwwert e Wirschtchen an iwwert eng Fritt, well domatter mengen ech wier awer net de Fong vum Sujet. Ech fannen ...“
(Zwëscheruff vum Här Goetz)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Dir hat lech leider net zu Wuert gemellt, Dir hätt et awer kritt.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, mir hu jo doropshi Stellung geholl, dat ass jo och nach eng Kéier rappeléiert ginn. Ech mengen, wat onbedéngt ee sech muss froen effektiv, wéi eng Form dat soll huele Sonndes, wéi eng Form dat soll sinn an ech mengen dat si konstruktiv Diskussiounen déi solle gemaach ginn. An ech géif mengen d'Presidentin, notamment vun der Kulturkommissioun déi huet jo eng Missioun fir dat ze maachen, an déi déi sech motivéiert fillen dat mat ze maachen, wéi den Här Hansen dat och gesot huet, sollen de Gemengerot heiriwwer eng Kéier eng Diskussioun féieren, mä fir d'éischt mol an engem klenge Grupp. Voilà.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci fir dës Explikatiounen. Da kéinte mer zur Ofstëmmung kommen. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'asbl «Escher Kulturfestival» ayant pour objet l'organisation d'un festival culturel dénommé «Festival-Terresrouges.lu».

8. Aménagement de la place de la Résistance: convention avec le Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur fixant les modalités de l'octroi de l'aide FEDER; information

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Mir këimen dann zum Punkt 8 wou et ëm eng Recette geet déi mer kréien, iwwert eng Konventioun mam Ministère de l'Economie am Gesamtkader FEDER. Déi Konventioun déi stëmme mer fir e Subsid vun 200.000 € ze kréien. Déi huele mer natierlech gären am Kontext vum Réaménagement vun der Brill-Plaz. An dëst wéi gesot am Kader vum euro-päische FEDER Programm.

Vlächt e puer Wieder zu deem FEDER Programm. Den aktuelle FEDER Programm deen och de Kader bilt ebe fir dës Recette, fir déise Subsid, heesch Compétitivité et emploi an en huet eng Lafzäit nach bis 2013. En ass 2007 ugaangen. An hei krut Lëtzebuerg eng Gesamtvelopp vu ronn 25 Mio € zur Verfügung gestalt. Woubäi de Ministère de l'Economie dës Fongen un d'Gemengen an aner national Acteure weider gétt. Ech wéll do och direkt dozou soen, dass mir e ganz gutt Verhältnis zum Ministère de l'Economie an hirer Mataarbechter an der Vergaangenheit haten an och haut nach émmer hunn. A virun allem d'Madame Mannes-Kieffer ass mat hire Mataarbechter wierklech eng Persoun déi dat exzellent géréiert an déi eis émmer all Informatiounen gétt déi mir brauchen. An d'Tatsaach, dass mer 2 Economisten hunn, ee fir de Volet Wirtschaftsentwicklung an ee fir de Volet Finanzen, huet eis och gehollef eis méi professionell bei där ganzer Demande anzebréngen an och den Terrain besser

ofzegrase wéi eng Projete kéinten eligibel sinn.

D'Haaptcritèrë fir iwwerhaapt eligibel ze sinn, dat ass am Kader vun zwou Achsen dës Kéier. Déi eischt Achs ass „contribuer à rendre le site luxembourgeois plus attractif pour les investissements et l'emploi“. Also do hate mer esou vill Ideeën, dass mer déi 25 Mio als Escher géinge brauchen. An en zweeten Achs ass „améliorer la connaissance et l'innovation, facteur de croissance“. Bon, do kann een dozou soen, dass den Undeel vun de Gemengen a vun de Syndikater bei deenen dote Recettë bei ronn 30% läit. Also ongefíer 6,5 Mio an eleng de Minettkompost kritt dovunner 4 Mio.

Wat een och muss soen, och wa mir "némmen" 200.000 € kréien, da kréien awer eng ganz Rëtsch Betriber oder Gremien déi an enker Verbindung mat Esch a mat der Entwécklung vun eiser Regioun stinn, och enorm vill iwwert dëse FEDER Programm. Ech denken un de Projet Belval. Ech denken un d'Uni, ech denken un d'CAPen an ech denken och un de Minettkompost deen ech elo just genannt hunn, dee jo och fir eis ganz bedeitend ass. Dat heesch, och wa reng fir de Geldbeidel vun der Stad Esch déi 200.000 € am Verglach zum Gesamtmontant elo net iwwergeneréis sinn, si mir awer frou, dass mir déi Zomm, déi als Basis, déi zu Gronn geluegt gouf, nämlech 800.000 €, dass mir do awer 25% dovunner kréien. Mir soen och dem Ministère dofir Merci, mä mir sinn awer och frou, dass ganz vill aner Südgemengen, ënnner anerem och eis Nopeschgemeng Suessem a wéi gesot esou vill Acteuren déi ronderém Minettprojeten dréien, och vun dëse Subside konnte profitéieren. Dat ass am Endeffekt och gutt fir Esch.

Zum Projet Brill-Plaz selwer. E fällt ènnert de Critère vum Axe 1 an zwar méi genee „développer et promouvoir de nouvelles activités économiques“. Bon, hei hu mir d'Opwärtung vum Quartier Brill geltend gemaach. Investitiounen a bestoend Gebaier, nei Geschäfter, och d'Kreatioun vun Aarbeitsplazen, Verlängerung vun der Uelzechtstrooss, d'Opwärtung vun der Brill-Strooss an esou weider. De Projet huet, fir vlächt dat nach eng Kéier ze rappeléieren, e Gesamtkäschtepunkt vu ronn 4,9 Mio an e gëtt haapsächlech subsidiéiert op deen infrastrukturellen Deel, net elo den Deel vun de Pflanzen, Parkinstallatiounen, dat fällt net do drënner. An et ass e Plafong eligibel ausgewise ginn ebe vun 800.000 €, deen da vum FEDER zu 25% co-finanzéiert gëtt. An dat sinn dann déi 200.000 €.

Déi déi d'Dokument gekuckt hunn, déi hu vlächt geduecht, oh do hu se awer e

bëssen héich geograff mat deenen 20 Aarbeitsplazen, well et huet ee missten héich rechne wat ee sech géif erwaarden op, wat d'Aarbeitsplazen ubelaangt. Mir mengen net, dass et héich gerechent ass. Mir mengen absolut net, dass et héich gerechent ass, well eleng d'Espaces verts, dat sinn 2 Persounen déi dat haaptamt lech maachen, d'Parkbedreiver 2, vun den Equipes de proximité guer net ze schwätzen. Mir hunn no Récksprooch och mam Geschäftsverband ausgewisen, dass och mindestens 5 Persounen ze rechne si wann et eng kommerziell Bedreiwing vun deenen zwee Pavillone gëtt, wou eis virschwieft eventuell eng Zesummenaarbecht mat bestoenden Escher Betriber ze maachen, déi mer awer à ce stade nach net wëllen nennen, well mer natierlech propper ausschreiwe müssen, wéi dat sech passt. An och nach Geschäfter déi elo scho sech melle fir grad ronderém de Standuert Brill sech ze installéieren an dann natierlech och do Aarbeitsplätze schafen, Terrassen opriichten an och nei Points d'attrait fir Esch. A mat agerechent hu mer mol nach net de Carré culturel, wou mer och eng Kéier missten driwwer schwätze wann et esou wäit ass. Also dat ass net héich geograff, do entsteet eng onheemlech Dynamik an duerfir hu mer dat och absolut als realistesch unerkannt kritt.

Fir déi déi et interesséiert, existéiert eng Lëscht vun deene Projeten déi co-finanzéiert gi sinn iwwert de FEDER Programm, alleguertert mam Detail. Déi hu mir ugefrot an och kritt. An do si wéi gesot iwwert den CAP Tudor bis zur Luxinnovation, déi e ganz, ganz groussen Deel kréien, Gabriel Lippmann, Fonds Belval, Uni, awer och Gemenge wéi Suessem oder Mamer, de Step an esou weider, ass d'Palette relativ grouss a mir fannen dat doten op alle Fall eng ganz wichteg Saach fir d'Entwécklung vun eiser Regioun.

Ech géing lech da bieden Ären Accord ze ginn, fir dass mer dierfen déi Konventionen énnerezeechnen, déi zum Haauptinhalt huet fir dierfen 200.000 € an eis Gemengekess anzebréngen.

Zwou Wuertmeldungen déi ech elo direkt gesinn hunn, Codello an Zwally an et geet da lass mam Här Codello.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Fir d'alleréisch, Dir hutt et gesot, ass ee frou iwwert eng Recette déi een hei am Conseil ka stëmmen. Mä virun allem sinn ech frou, datt d'Stad Esch alt erém eng Kéier, et ass net déi eischte Kéier, datt d'Stad Esch eng Kéier erém op de Wee gaangen ass e Projet eranzeginn am Kader vun engem Opruff vun engem Strukturfong vun der

Europäischer Kommissiouen. 2008 haten déi zoustänneg Minister fir déi eenzel Strukturfongen en Tour de Luxembourg gemaach wou se op verschidde Plazzen de Gemengereponsabelen déi eenzel Strukturfonge bis an den Detail erkläert hunn, bis an den Detail erklärt hunn, net némmen de Gemengenéluen, mä och den zoustännege Beamten an d'Resultat war Null. Net eng eenzeg Gemeng huet 2008 een eenzege Projet eragi wat déi 4 Fonds structurels ugeet. Dat ass e bësse cru an negativ opgeholl ginn, och vun de Regierungsmemberen, well och èmmer op dat higewise gëtt, déi Suen déi vun der Kommissiou komme fir, an hei am Fall ass et jo elo 2007/2013 fir déi Période de programmation, de Problem ass wann déi net alleguerter verbraucht ginn, da falen déi herno erém zréck op Bréissel an Economie an duerfir wier et awer wichteg, virun allem wann d'Gemengen och kéinte Projeten eraginn. Dat war elo hei de Fall.

Mir sinn elo hei an engem Fall wou mer um Enn vun enger Période de programmation sinn, 2013 leeft déi heiten aus, 2014/2020 ass amgaange verhandelt ze ginn. D'Objektiiver, d'Critèrë sinn och scho festgesat. Mir sinn elo um europäische Plang, dat liest Dir och an der europäischer Press, datt déi Rescht Millioune vun de Fongen éischter solle konzentriert gi fir d'Bekämpfung vun der Aarbeitslosegkeet. Länner wéi Griicheland sollen och méi FEDER Gelder kréie fir an Infrastrukturen ze setzen déi natierlech dann och erém Aarbeitsplätze generéieren. Mä net némme fir déi Länner mat gréisser wirtschaftleche Problemer ass et interessant. Och fir e Land wéi Lëtzebuerg a fir Gemengen déi sech jo awer och an Zäite befanne wou d'Gemengefinanzen net grad rosege sinn a wou d'zukünfte Budgetsjoer net besser wäert ginn an dat hu mir mengen ech och schonn hei am Gemengerot méi wéi eng Kéier gesot, ass et wichteg dee Wee ze goe fir op europäesch Hëlfelen anzegoen. Ech weess awer grad esou gutt, datt bei de Strukturfongen déi Konventionen an déi Kollaboratioun mat der Europäischer Kommissiou a mat den nationale Partner, hei am FEDER ass et de Wirtschaftsministère, net èmmer einfach sinn. D'Madame Spautz laacht, well si hir eegen Erfahrung mat engem Strukturfong gemaach huet. Et ass e ganz groussen administrativen Opwand dobäi, deen natierlech kann awer bewältegt ginn, an zemoools vu datt mir jo awer elo zwee Economisten hei am Haus hu wou deen een a senger Jobdescription stoen hat, datt dee sech méi sollt ém d'Fonds structurels bekëmmeren.

8. Aménagement de la place de la Résistance

Déi zweet Saach ass awer déi, et ass net esou einfach, datt mir haut eng Recette vun 200.000 € an eis Kees aschreiven an dann hu mir déi Suen. Déi ginn eis wuel iwwerwisen, mä mir mussen awer herno och nach kënnen der Kommissioune, wann déi heihinner kontrolléiere kommen, all eenzel Pièce dohinner leeën datt déi berechtegt waren. Well Dir hutt an Ärem Dokument natierlech och d'Conditions d'éligibilité an d'Conditions de non-éligibilité. An do war et och schonn de Fall, datt verschidde Promoteure mat e puer Joer Verspéléitung herno béis Iwweraschung kritt haten an da seet Bréissel, mir hätte gären eis Suen zréck, well déi an déi Objektiver net erfëllt gi sinn. Dofir muss ech éierlech eng perséinlech Bemerkung maachen, sinn ech e besse positiv iwwerrascht, datt mer do vun 20 Aarbechtsplazene aus ginn. Ech fannen dat perséinlech e bëssen héich geograff. Ech hu mer awer vum Här Fleming erkläre gelooss, oder d'Finanzkommissioune huet sech vum Här Fleming erkläre gelooss, datt dat net onbedéngt 20 Aarbechtsplazene sinn déi direkt mam Projet ze dinn hunn. Also et geet wäit eraus iwwert déi Leit déi mir astellen, als Espaces verts oder als Hygiène, mä do ziele mer och déi Leit dran déi duerch herno zukënteg Activités économiques déi do duerch dee Projet entstoe kënnen, dann agestallt wäerte ginn.

Et freet mech, dass dee Projet vun der Opwäertung vum Brill, vun der Place de la Résistance, an deen europäesche Kontext gesat gëtt, zemoools an engem Quartier och deen esou eng grouss Multitude vun Nationalitéiten huet. Bal 76% vun den Awunner am Quartier Brill sinn net lëtzebuergescher Nationalitéit an et ass dee Melting Pot deen et jo esou interessant mécht a fir do op de Wee ze goe fir Strukturfongen unzefroen, ass begréisenswäert.

Ech wéilt awer an deem Kontext awer nach eng Kéier en zweeten Opruff maachen, et gëtt nieft de Strukturfongen déi déi grouss Fonge sinn, FEDER, FSE, d'Cohésion sociale an de FEADER, den Agriculturfong, ginn et niewelaanscht awer och nach normal Fongen. Keng Strukturfongen, un déi et och méi einfach erunzekommen ass. Déi ginn et am Kulturbéräich. Déi ginn et am Integratiounen- an am Immigratiounenberäich, déi ginn et am Tourismusberäich, déi ginn et am Jumelagberäich. All dat si keng Strukturfongen, dat si Subsiden déi déi eenzel Kommissäre kenne gi wa Projeten eragi ginn an natierlech och énner Konditiounen wou Dëlaie gesat sinn, mä wou et vill méi einfach ass un déi Fongen erunzekommen, déi natierlech och manner héich wäerte

sinn, mä fir punktuell Projeten ... Ech erënnere mech, dass senger Zäit d'Jugendhaus eng Kéier esou e Projet hat mat engem Echange mat engem Jugendhaus vun der Île de Mayotte, mä dee ganze Projet war senger Zäit vun 80% vun der Europäescher Kommissioune finanzéiert ginn. An ech denken, dass mer och méi mussen op de Wee goen all eenzel politesch Responsabel, och a senge Kommissioune, a mir kucken nach eng Kéier eise Koalitiounsprogramm duerch wat mer op der Leescht hunn, zemoools am Integratiounenberäich an do punktuell Projeten era kënnen ze gi fir och do un europäesch Gelder ze kommen. Well, wéi gesot, d'Gemengefinanzen iwwerhuelen hir Responsabilitéit, kënnen awer nëmmeen een Deel iwwerhuelen, zemoools mat der Evolutioun wou mer an den nächste Joere wäerte kréie wat staatlech Bähëllefe soll sinn. Duerfir solle mer op de Wee goen, d'Responsabilitéit och ze huelen an do unzepage wou eppes ass. Well en fin de compte, egal wéi och, an ech menge jiddwereen huet vun eis dat och dat Bild émmer an Ae wann en a seng Summervakanz geet, deemno wou ee geet, gesäit een iwwerall émmer déi grouss Panneauen, dës Strooss hei gëtt vun engem FEDER Projet co-finanzéiert. Et ass méi schwéier eng Persoun ze fannen déi sech de Stempel gi léist, ech hu meng Plaz duerch de Fonds social européen kritt. Dat ass méi schwéier ze kréien, mä och do gëtt ganz villes gemaach. Och do misste mer eng Kéier kucken am Kontext vun der Jugendaarbeitslosegkeet vläicht do eppes auszeschaffen. Mä jiddweree vun eis kennt déi Panneauen. Kommt mir ginn och mat op dee Wee. Mir sollen net méi, wéi soll ech soen, mir sollen net méi timide si wéi Gemengen an anere Länner wou dat vill méi Usus ass. Gitt mol hei nëmmeen an d'Rheinland-Pfalz oder an d'Saarland oder a Louthrenge kucken, do ass dat vill méi Usus a vill méi an der Mentalitéit datt do d'Collectivité territoriale, d'Gemengen an d'Regioun, datt déi sech bei all Opruff einfach direkt melle fir an deene verschiddenste Projete Strukturfongen oder aner Fonge vun der Europäescher Kommissioune ze kréien. Ech soen émmer, mir hunn och nach e gudde Kontakt zu Bréissel, déi aktuell Kommissärin souz och mol eng Kéier hei ronderëm deen Dësch hei. Et wier ni schlecht déi Madame nach eng Kéier an hir Heemchtsstad ze invitéeieren. Si kéint eis deen een oder aneren Tipp gi wéi dat auszeféllen ass oder bei weem sech ze mellen. Mä wéi gesot, ech si frou datt mer hei op dee Wee gaange sinn an ech hoffen, datt mer och an Zukunft kenne mat deenen 2 Economisten elo en vue

vun der Elaboratioun 2014/2020 e klengt Konzept kënnen opbaue wéi d'Stad Esch an der nächster Programmperiode wëll gehollef kréien. Als Finanzkommissioune hu mer wèles déi zwee Economisten eng Kéier zu deem Sujet unzelauschteren. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Den Här Zwally wann ech gelift.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt eigentlech, wat net Usus ass, mä awer hei dem Fraktiou恩spriecher vun der LSAP felicitéiere fir säi Speech deen hien hei gehalen huet. Ech kann dat wat hie gesot huet hei 100%teg énnerstëtzen. Ech menge wann ee sech ofgëtt mat de FEDER Fongen, mat all deem wat och als Eligibilitéenachsen doranner besteet, da muss ee wëssen, dass dat heiten eng Hëllef ass un d'Gemenge fir ze kucken esou vill wéi méiglech Projeten ze lancéieren, déi kënnen ausgenutzt ginn am Kader vun enger Entwécklung vun enger Stad, enger besser Entwécklung op sämtleche Borden. A mir waren och émmer als CSV, der Meenung, dass een optimal, an de Gros dovunner muss énnersiche fir kënnen aus deem Fong finanziell Énnerstëtzung ze kréien. D'Eligibilitéit ass natierlech een Deel. Ass och een Deel dee virun allem opgebaut ass op d'Motiver a Critères. An déi Critère virun allem déi müssen erfëllt ginn. Dat ass schonn hei eng Kéier gesot ginn, wat den Niveau vun deenen 20 Leit ubelaangt. Mir hunn awer mengen ech, gesi mer dass Dir duerchaus genuch Imaginatioun ervibréngt fir déi 20 hei ze garantéieren. An ech wollt just hei soen, et ass effektiv wat de Suivi ubelaangt vun deene Suen, dat ganz restriktiv gehandelt gëtt. Dat heescht wann d'Délaien net stëmmen, wann d'Form net stëmmt, wann d'Pabeieren net present sinn, da kann een herno eng ganz béis Iwweraschung kréien.“

Ech sinn och der Meenung, dass eis Struktur hei an der Gemeng, well mer jo eng vun deenen eenzege Gemenge sinn, déi gemeinsam hei décidiert hate fir een anzestellen dee sech exklusiv domatter këmmert, muss een och wëssen, dass een eng Struktur brauch. Et brauch een e kleng Service oder énnert der Hierarchie vun engem Service mat deenen néidege Personalien déi sech dann och ém dee ganze Suivi këmmern, esou eng Aart Contrôle des factures, nennen ech dat elo mol, fir dass een dann och weess, dass wann déi dann optauche fir de Kontroll ze maachen, dass ee sécher ass dass

all Pabeieren do leie fir dat kënnen ze beleeën an deem wat ass. Deem gesot, si mer natierlech och frou. Ech wollt awer just nach eng Remarque maachen. Well mir déi eenzeg sinn déi dat heiten eigentlech hunn, wann en Tour de Lëtzebuerg gemaach gëtt op de Gemenge fir ze kucke fir déi Fonge kënnen ze notzen, da stellen ech mer natierlech och d'Fro wéi gutt dass et aner Gemenge geet. Well wann dann hei esou eppes zur Dispositioun steet vu Millioune vu Frang an et ass keen dee sech dofir interesséiert, da sinn ech der Meenung, wa mer déi Diskussioun vum Soziale féieren an èmmer erëm drop hiweisen, datt mir net èmmer do si fir dat anert ze huelen, da muss een nach eng Kéier den Tour maachen an och kloer soen, dass dat doten eng Méiglechkeet ass fir si an anerer Hinsicht da Sue labber ze kréie fir dee sozialen Deel an hirer Gemeng kënne weider ze förderen.

Deem gesot, Madame Buergermeeschter, léif Kollegen, wäerte mir och an Zukunft wat dat doten ubelaangt, lech komplett ènnerstëtzen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Zwally. Ech menge mir hunn hei d'Unanimitéit, dass mer eis net just freeën dass mer hei subsidiéiert ginn an dass mer dat ugefrot hunn. Mä dass mer am Gesamtkader all Méiglechkeete sollen ausnotze fir iwwert déi enzel Förderprogrammer eis Projete geltend ze maachen, well immens vill vun eise Projete kënnen ènnert dem Gesamtlabel Revalorisatioun vum Tissu économique an Zukunftsperspektiven opbauen, geltend gemaach ginn. D'Madame Schäffin huet mech elo grad drun erénnert, dass mer och am Zesummenhang mat den Diskussiounen déi mer hei hate ronderém d'Universitéit an d'Entwicklung vum Quartier Belval, dass mer do sollen och interveniéieren vis-à-vis vun de Regierungsinstanzen. Et war eng deementspriechend Motioun hei una-nime gestëmmt ginn, dass mer och do sollen interveniéieren, dass déi ganz Aménagementer souwiel fir eis Gemeng wéi och fir eis Nopeschgemeng mat ganz héijen Investitioune verbonnen ass, an dass mir eis am Fong erwaarden, dass mir och do eng strukturell Héllefstellung kréie wat mer bis elo am Fong bei net ganz villem festgestallt hunn. Also do sinn nach ganz vill Steigerungsméiglechkeeten dran. Also dat hu mer eraus ginn. Dat vläicht just zu däi Informatiouen.

An da kéinte mer zur Ofstëmmung komme fir d'Konventioun kënnen definitiv ze ènnerzechnen an op den Instanzewe ze goen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur.

9. Gestion du stationnement automobile dans l'espace public:

- a) Information**
- b) Modification des règlements en vigueur; décision**
- c) Règlements de la circulation routière; confirmation**

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, mir kéimen dann zum Punkt 9, dat ass eise grousse Punkt iwwert de Parkraummanagement an do huet sech préparéiert eise Mobilitéitsschäffen, den Här Hinterscheid, deem ech och direkt d'Wuert ginn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir hunn an der Schäfferotserklärung d'Ausso gemaach, dass mer e Parkraumbewirtschaftung an notamment de Parking résidentiel géingen enger Analys ènnerwerfen. De Moment si mer an enger Situatioun wou mer mat dår Analys ugefaangen hunn. Mer hu festgestallt, dass op verschiddenen Niveaue Muenches klemmt. D'Parkraumbewirtschaftung ass e wichtegt Element vun der Mobilitéit. Et ass och e wichtegt Element fir d'Organisatioun vun enger Stad ze steieren. Si huet 2 Finalitéiten. Déi éischt Finalitéit ass déi fir eng héich urban Liewensqualitéit fir d'Résidente vun eiser Stad sécher ze stellen a si huet als zweet Finalitéit d'Sécherstellung vun enger héijer Attraktivitéit vum Wirtschafts- a vum Geschäftsstandort Esch.

D'Parkraumbewirtschaftung muss also en dynamicscht Element si fir permanent kënnen ze reagéieren an an deem Senn ass dat hei och elo en éischten Astieg an déi dynamicsch Bewirtschaftung vum Parkraum hei an der Stad. D'Erausfuerde rung vun enger Parkraumbewirtschaftung ass eigentlech déi, dass ee vun deenen 2 Finalitéiten déi ech elo genannt hunn, déi éischt urban Liewensqualitéit fir d'Residenten an zweetens déi héich Attrakti-

vitéit fir Wirtschafts- a Geschäftsstandort, dass een déi versicht mateneen ze conciliéieren a se idealerweis versicht gläichberechtegt ze behandelen. D'Attraktivitéit vum Geschäftsstandort muss sécher gestallt ginn aus Iwwerleeungen déi generell eis Stad betreffen, generell eis Recetté vun eiser Stad betreffen, generell d'Attraktivitéit och vun der Stad betreffe fir seng Residenten a gläichzäiteg musse mer kucken, dass dat net a Kolli sioun geet mat den dédicacéierte Wunnquartieren. Dat geet hei zu Esch relativ gutt, well mer eng ganz kompakt Stad sinn, dass mer eigentlech kënnen do nuanciéert virgoen.

Parkraumbewirtschaftung ass en Instrument, hunn ech gesot. Et ass en Instrument mat deem d'Gemeng schaffe kann a wéi all Instrument mat deem mer schaffe kënnen, huet et den Nodeel, dass d'Gesamtparkraumbewirtschaftung finanziell net neutral ass fir d'Stad. All Instrument wat mer eis ginn, kascht iergendwou Suen. Dat Instrument setzt sech aus verschiddenen Elementer zesummen, Reglementer, Agenten déi déi Reglementer kontrolléieren a mer wësste genuch vun anere Beräicher, dass wann een net kontrolléiere geet all Reglement lette morte bleift, an dass et de Pabeier mol net wäert ass op dat et geschriwwen gëtt. Wat kascht nach? D'Infrastrukture vun der Parkraumbewirtschaftung an der Oberfläch, Parking, d'Horodateuren, et kascht eis den Entretien ze maachen, d'Infrastrukturen ze kafen, se ze ènnerhalen. An dann en zweet Element wat eis elo de Moment nach Sue kascht, dat ass d'Infrastruktur am Sous-sol an dat sinn déi Garanties de recettes déi mer musse sécher stellen, fir dass déi Parkhaiser do och konnte gebaut ginn.

Also d'Dépense kenne mer. Wat sinn d'Recetten? Et sinn d'Tickete vun den Horodateuren, d'une très moindre façon sinn et déi Part vun de Kontraventiounen déi eis Agente schreiwen an dann nach vill méi eng bescheide Part sinn déi Vignetten déi ausgestallt gi fir de Parking résidentiel. D'Zil ass, dass dat Null vun Null opgeet. Dass dat Null vun Null opgeet. Net, dass mer domat Geld verdengen, dat soll keng zousätzlech finanziell Ressource si fir d'Gemeng, mä et soll Null vun Null opgoen, an dass déi zwou Finalitéiten déi mer sichen, net bremsend si gegebenfalls fir aner Investitiounen déi d'Gemeng muss täegen am Interêt vun hire Bierger. Ech hunn elo e bësse méi wäit ausgeholl fir verschidden Neierungen ze annoncéieren. Wann ech gesot hunn et muss Null vun Null opgoen, de Moment geet et net Null vun Null op, well déi Garanties de recettes déi mer fir

9. Gestion de stationnement

d'Parkhaiser musse ginn, relativ vill kaschten. D'une moindre façon fir dat Parkhaus hei, well dat ass voll am Businessplang, dat ass souguer iwwert dem Businessplang, wat och beweist dass mer deemools Recht hate mat dësem unzefänken, well et instinktiv an intuitiv fir all Visiteur vun der Stad Esch a fir all Escher awer de Centre de gravitation hei ronderëm d'Stadhaus sech dréit. Mir hunn deemools dat gemaach, an do leie mer eigentlech gutt. Dat ass elo scho bal marginal gi wat mer do nach musse bâileeën. Mä dat um Brill dat fonctionnéiert net esou wéi mer eis et virstellen, aus mannfal tegen Ursachen. Dat éischt ass d'Visibilitéit ass vläicht nach net déi déi et misst sinn. Dat zweet ass de Reflex fir direkt dohin ze fuere wann ech wëll iergendwou higoen an Esch, ass och nach net ginn. Dat drëtt ass einfach, et ass esou nach net an der Kultur dra wéi dést Parkhaus hei énnert dem Stadhaus. Dofir fânke mer elo mol u mat Promotiounsaktioune fir de Parking Brill. Mir müssen déi Promotiounsaktioune maachen a mer maachen och nach als zweet Promotiounsaktiounen oder Erlüchterunge fir eis Residenten an eis Visiteuren an deem zweete Parkhaus.

Wat maache mer elo am Parking Brill? Am Parking Brill maache mer als éischt mol, dat hu mer mam Exploitant – an do läit de Virdeel, dass mer eng Konventioun mat engem Exploitant hunn – mam Exploitant négociéiert, dass mer zesumme mat der ACAIE, mat eisem Geschäftsverband, eng Opération charme maachen, déi souwuel dem Parking Brill wéi awer och der Escher Geschäftswelt zu gutt kënnt andeem de Geschäftsverband ka während enger Zäit, wéinstens elo mol am Ufank, d'Tickete kafe fir en Drëttel vum Präs an hire Clienten dann ausdeelen. Eng Demande, déi scho laang vum Escher Geschäftsverband formuléiert ginn ass, an dat wäert esou fonctionnéiert, dass den Escher Geschäftsverband Cliente ka kafen ... Pardon, Tickete ka kafe fir hire Clienten fir ...

(Tëscheriff)

Ob se dann nach eppes dru verdéngen, wa se fir d'éischt d'Cliente musse kafe fir hinnen herno eppes ze verkafen, dat wäert kaum nach opgoen.

Tickete vun enger Stonn an et kann ee maximum 3 där Tickete benotzen. An dat féiert dozou, dass d'Leit lues a lues de Reflex kréien, virun allem d'Visiteuren, virun allem déi déi heihi komme fir anzekaufen, dass se an de Parking Brill ginn. Dass se de klenge Contournement huelen an nérdech eran an d'Stad fueren. Mir wäerten natierlech och eis Signalisation an deem Sënn massiv verbesseren.

Dat zweet ass eng Promotioun Happy Hour vun den Abonnementer während 6 Méint elo mol. Dat heesch elo mol bis ugangs Oktober an da bilanzéiere mer dat ganzt. Do kann dann een, wéi dat bei den Happy Hours ass, wann een een Humpe bestellt, kritt een der zwee. Wann een elo ee Mount Parking keeft, kritt een en zweeten dobäi. Wann een der dräi keeft, kritt een der sechs. Wann een der sechs keeft, kritt een e Joer.

(Tëschruff vum Här Codello)

Mir kommen och nach dozou, Här Codello. Drëtte Punkt ass d'Promotioun, eng Promotiounsaktiouen well de Moment ganz vill iwwert Elektromobilitéit diskutéiert gëtt. A mir hunn eng princiell Décisioun festgehalen, dass wa mer Elektromobilitéitstankstelle maachen, dass mer se do maache wou souvisou Autoe stinn. Mir ginn elo net, nodeem dass mer joeralaang versicht hunn iwwert d'Stadentwicklungsinstrumenter, iwwer baupolizeilech Instrumenter, d'Autoen aus der Oberfläch eraus ze kréien, aus dem Zentrum eraus ze kréien, d'Stadplazen eise Bierger erëm ze ginn, fânke mer net énnert dem Couvert vun Elektromobilitéit dann erëm un Tankstellen do anzeriichten. Déi éischt Elektromobilitéitstankstell déi mer hei hunn, déi kénnt an de Parking Brill an eis Sudstrom lount do dräi Plazen déi gutt visibel sinn, fir da kënnen do direkt während dem Parken och sain Elektroauto opzelueden.

Zweete Punkt, dat ass an deenen zwee Parkingen. An deenen zwee Parkingen, bis elo war et némammen an engem Parking. An deenen zwee Parkinge gëtt en Tarif Garage de nuit agefouert. Tarif Garage de nuit, well mir sinn hei am gewusse Stadzentrum. Et si vill Leit déi net d'Méiglechkeet hunn eng Garage ze hunn, hiren Auto énnerdaach ze stellen. Tarif Garage de nuit, dee baséiert op engem Präs vun 3 € d'Nuecht wou een e Monatsabonnement fir 90 € ka kréien.

En 3-Monatsabonnement fir 250 € an 1 Joresabonnement fir 900 €. Also Leit déi sech dofir décidéieren, déi kënnen da fir e verständne Präs hiren Auto vun 20.00 – 08.00 énnerdaach stellen a virun allem wann een déi lescht Méint an Erënnerung sech riftt, da weess ee wéi praktesch dass dat ass wann et 20°C énner Null sinn an et läit Schnéi, et huet ee sain Auto énnerdaach stoen an et kann ee moies dra klammen. En plus ass de Parking jo surveilléiert. Mir mengen, dass mer domat och enger Demande oder enger Attente vu ville Leit entgéint kommen.

Zweeten Tarif deen an déi zwee Parkhaiser kënnt, dat ass eppes wat mer schonn e bësse kenne vum Theater hir, mä mir wëllen elo deen Tarif Soirée

generaliséieren an deenen zwee Parkhaiser, an zwar vu 18.00 – 01.00 fir 2,50 €. Et freet ee sech da wann een eraknënt a sain Ticket huet, ob der Parkauer sain Tarif Soirée. Et gehäit een 2,50 € an an dann ass ee roueg an dat wäert ganz vill an der Zukunft appréciéiert ginn, well mir stelle fest, dass Owes ronderëm ganz vill Autoe stinn a mer hätten déi gär an d'Garage eran an dofir komme mer och herno zu enger Modifikatioun vum Verkéiersreglement hei am Zentrum fir déi Autoen Owes an d'Garage eran ze drécken.

Drëtte Punkt ass deen, an dat ass eng Fuerderung, an dat ass schonn x-mol diskutéiert ginn, dass mer mam Bedreiwer vun deenen zwee Parkhaiser e fraktionierte Tarif, Véierelstonn, festgehalen hunn. Op Véierelstonn, an zwar ass déi éischt Stonn bleift émmer 1,30 €. $1\frac{1}{4}$ Stonn geet et da mat 45 ct supplémentär. Bei $1\frac{1}{2}$ Stonn nach eng Kéier 45 ct supplémentär. Bei $1\frac{3}{4}$ Stonn ass et en Tarif vun 2 Stonnen, an et bleift och bei 2 Stonnen den Tarif vun 2 Stonnen, esou dass do en Eenzelnen dee wierklech eng Stonn a 5 Minute war, dann net 2,60 € bezilt, mä hie bezilt dann 1,75 €. Et ass natierlech wéi bei alles, wann een et fraktionéiert, gëtt et méi deier wann een direkt voll bezilt an deen Tarif geet dann esou viru bis 4 Stonnen inklusiv. Also bei der $\frac{3}{4}$ Stonn huet een den Tarif vun der nächstfolgender Stonn an da geet et eréischt bei der nächster Stonn $\frac{1}{4}$ wou dann eng Modifikatioun kënnt. Dat gëtt och elo ab deenen nächsten Deeg oder Woche Realitéit. An ech mengen domat komme mer och enger langer Demande vun den Escher no. Deen do System geet bis déi 4. Stonn voll an dann hält et dann op, well een dee méi wéi 4 Stonnen dran ass, dee bleift der och 5, 6 dran an do spilt dat net. An dat ass némammen nach marginal. Wierklech nach marginal Leit déi esou laang bleiwen.

Dat bedeit, dass mer e bësse manner Recetten erakréien. Ganz kloer e bësse manner Recetten erakréien, mir mengen awer mat deene begleedende Mesuré wéi de Garage de nuit, wéi de Forfait Soirée, wou mer de Moment iwwerhaapt keng Recetten erakréien – d'Parkhaiser stinn Owes weitesgehend eidel – also do kréie mer déi zousätzlech Recetten eran déi mer mengen, dass déi 7% manner Recetté géinge kompenséieren.

Da maache mer nach eppes, dat hu mer och mam Bedreiwer négociéiert. Mir bidden elo Parking Brill e System un deen – fir eis Employéen an eis Salariéen – e System un deen am Spidol fonctionnéiert, wou d'Leit këinne mat enger Carte de crédit, e Crédit d'heure sech kafen an do ass de Präs och gestaffelt. Mä ech soen

9. Gestion de stationnement

dann einfach elo mol dee bëlleisten, dat wär fir e Kredit vun 1.800 Stonne fir 900 €. Dat ass relativ präiswäert. Et bedeut, dass déi Leit natierlech net onbedéngt uewen an deene Parkplaze sinn, mä dass se sech dann éinne musse stelle well se privilegiert Präisser kréien. Dat fonctionnéiert am Spidol och esou a mir mengen, dass mer domat och enger Demande vun engem Deel vun eise Beschäftegten nokommen. Ech wëll och soen, mir ginn eis do eiser Verantwortung als Employeur gerecht. Mir iwwerhuelen do och ganz bewosst eng Pusher-Fonctionoun fir eventuell aner Employeuren an Esch ze incitéieren dat selwecht ze maachen, respektiv aner Aktiounen ze maachen déi mir parallel och maachen, well mir sinn amgaang mat der Mobilitéitszentral eise Beschäftegten hei den M-Pass mat enger Subventioun unzubidden a mir sinn amgaang mat dem Ministère ze kucken, dass eis Beschäftegter hei mat enger City-Kaart, mat hirem Badge wou se hei hunn als Gemeng kënnen um ganze Reseau vum City-Bus fir näisch fueren. Dat sinn dann eis Begleetmoossnamen déi mer awer parallel och maache fir d'Mobilitéit am öffentleche Verkéier ze förderen. Well mir wëllen net elo dat eent vun deem aneren dissociéieren a parallel wäerte mer och déi Offer vu Busverbindungen déi et haut scho gëtt, déi scho gutt sinn, nach versichen ze verbessere fir och der Problematik vun de grenziwerschreidenden Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer kënnen entgéint ze kommen an do gëtt et schonn en Deel Saachen déi fonctionnéieren, déi awer och nach verbesserungsfäeg sinn.

Dat sinn dann elo déi Ännérungen déi kommen. Dat bedeut natierlech, dass mer Verschiedenes awer och mussen an eng aner Richtung ännieren. Esou proposéiere mer de Régime payant och iwwert d'Méttesstonn ze generaliséieren. Mir wollten en ursprénglich némmen hei am Zentrum maache fir einfach de Leit dem Idee ze huele fir aus dem Parkhaus erauszeffueren iwwert d'Méttesstonn an dann iergendwou an d'Peripherie ze füeren oder eventuell an eng aner Gemeng iessen ze goen. Mä mir hu festgestallt, dass wa mer dat géinge maachen, géinge mer eng Belaaschtung an d'periphär Quartiere maachen, dofir hu mer et generaliséiert gemaach, dass de Régime payant dann elo an alle Quartieren hei an Esch wou de Régime résidentiel ass, generaliséiert gëtt. Wa mer versichen d'Tarifpolitik gläichzeschalten téschent dem Sous-terrain an der Surface, wat mer dann elo mat der Fractionnéierung gemaach hunn, musse mer et allerdéngs och mat den Zäite wou et payant ass

d'selwecht maachen, well soss penalisiéiere mer finalment herno d'Parkhaiser a mer penaliséieren eis selver well mer domat Parksuchverkehr während de Méttestonne generéieren.

Zweete Punkt, dat ass och d'Ännérung, an do mierkt Dir dass mer ufänken elo fir d'éischt ze nuancéieren, dass mer de Régime payant bis 19.00 an de Quartier Brill an Al Esch maachen. Aus zwou Iwwerleeungen. Wa mer gläichzäiteg de Forfait Soirée maachen, wou mer d'Leit incitéiere wa se Owes an Esch komme fir iessen ze goen oder fir an e Bistro ze goen, dass mer da gläichzäiteg se och wëlle mat sanitem Drock dozou incitéieren dann och an d'Parkhaiser ze goen. Dat huet zwee positiv Effekter. Eng Kéier fir eis Commercen, déi kënnen dann Owes net soen, dass keng Méiglechkeet do ass. Zweete positiven Effekt dat ass, dass eist Stadbild Owes net esou chaotesch ausgesät wéi et de Moment heiansdo ausgesät. Dass se ech egal wou geparkt gëtt well et gëtt bis 19.00 kontrolléiert an et gëtt verbaliséiert wa se egal wou stinn, wat de Moment net de Fall ass. An drëtte positiven Effekt ass deen, dass mer ganz oft Reklamatiounen kritt hu wa Leit an der Géigend vu Bistro wunnen, net während de Betribsstonne vum Bistro, mä wann et Feierowend ass, dass dann dobausse geschwat gëtt, d'Autosdiere geknuppt gëtt, etc etc. An dat ganz besonnesch am Summer, dat verlagere mer dann elo an de Parking sous-terrain an do stéiert dat keen. Dat ass d'Ursaach firwat dass mer gekoppelt un dee Forfait Soirée dann et payant maachen da bis 19.00. An en zousätzliche positiven Effekt ass, dass fir all eis Leit déi ausserhalb vun Esch schaffen, déi heem kommen, dass déi vläicht och téschent 18.00 a 19.00 am Résidentiel nach eng Plaz fanne fir sech kënnen ze parke wat de Moment net wouer ass, well vu 18.00 un ass alles blockéiert.

Wat mer och proposéiere par rapport zu der Reglementssituatioun wéi se elo ass, ofzeänneren, dat ass de Régime payant Samschdes mëttes opzehale virun der Lallenger Sportshal. Bei deene Parkplazen déi ènnert de Régime vun de Sportinfrastruktur falen, wann ech och soen de Régime payant opzehalen, heesch dat net de Résidentiel an deene Stroosse lénks a riets opzehalen. Mä wierklech déi Parkplazen déi riicht virun der Sportshal si wou kee Resident direkt touchéiert ass, fir do opzehalen. Firwat? Well mer Samschdes mëttes sinn, Generalversammlungen, Manifestationen, et komme Leit vu baussen eran an Esch, an dass mer do eigentlech aus däri Iwwerleeung dat do probéieren opzehalen. Iwwert d'Woch

bleift en, well dat bedeut mol, dass wa Leit an d'Sportshal kommen, och vläicht d'Méiglechkeet hunn eng Parkplatz ze kréien. Dat zweet wat et bedeut, dass doduerch dass et kontrolléiert gëtt natierlech och opgepasst gëtt, dass net chaotesch do geparkt gëtt, an de Rondpoint geparkt gëtt, d'Sorties de secours zougeparkt sinn, an dass, wa mer wierklech en Noutfall Problem wär et net méiglech wär do ze intervenéieren.

Bon, dat sinn elo déi Ännérungen déi elo kuerzfristeg noutwenneg, aus eiser Siicht noutwenneg geschéngt hunn. Also d'Attraktivéierung vum Brill-Parking mat ganz gezielte Mesuren, generell Mesuré fir d'Leit ze incitéieren zu verschiddenen Zäitpunkter éischter an d'Parkhaiser ze goe wéi an der Oberfläch ze parken an dann déi Modifikatiounen iwwert d'Méttesstonn an Owes am Zentrum an zu Lalleng virun der Sportshal.

Bon, ech hu gesot dat sinn éischter Mesuren. An der Schäfferotserklärung steet, dass mer an alle Quartiere géingen analyséieren. Mir hunn eis virgeholl, dass mer innerhalb vun deenen nächste 6 Méint ofgeschloss hu mat däri éischter Analys fir ze kucke wéi dat sech elo weider entwéckelt. Mir musse verschidde Saachen am Ae behalen. Éischters musse mer am Ae behale wat geschitt op der Lallenger Säit vum Quartier Lalleng. Elo ass et am Cinquantenaire, wat geschitt op däri anerer Säit? Zweetens wat mer mussen am Ae behalen, wat ass am Quartier Brouch? Dréttens wat mer mussen am Ae behalen, do denkt vläicht net onbedéngt jiddwéeren haut drun, wat mécht sech op Belval-Homecht, duerch de Sogefekt vu Belval? Wat mécht sech op Belval-Homecht wann de P&R do gebaut ass vun der CFL, deen net gratis ass. Esou dass mer déi Zesummespiller müssen analyséieren, ofweien an da wierklech am noe Kontakt mat den Awunner, mat de Quartiersverräiner do weider reagéieren.

Bon, dat hei elo gesot, géing ech hoffen, dass Dir deene Mesuren déi awer engem Deel Demanden entspriechen, zoustëmmen. Mer versichen, dass dat do alles scho fir d'Ouschterkirmes operationell ass, an dass mer da scho kënne fir d'OUverture vun der Ouschterkirmes vum Tarif Soirée profitéieren."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci fir dës émfaassend Explikatiounen. Mir hunn elo schonn dräi Wuertmeldungen an et geet u mam Här Bernard an duerno solle sech prett maachen déi Häre Baum an Hansen.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn dem Här Schäffen andächteg nogelauschtet.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Dat soll och esou sinn.“

Zénon Bernard (KPL): „An ech muss soen hien huet do an engem gewëssene Moment vun enger Klemm geschwat, dass verschidde Saache klemmen. Ech weess net ob hien do un de Portefeuille vun de Leit och geduecht huet, deen ufänkt ze klemme wann déi Taxenerhéijungen, respektiv déi Parkinggebühren do gehéicht ginn. Ech ginn net dovun aus, dass hien do dru geduecht hätt, soss hätt hien et jo net gemaach.“

Zweetens, hien huet geschwat vun engem Reflex deen da misst an d'Käpp vun de Leit komme fir an déi ännerierdesch Parkingen ze kommen. D'Fro déi ee sech dann automatesch stellt, dat ass déi, wann dee Reflex dann do ass, kommen dann déi nächst Taxenerhéijungen? Dat wär jo dann d'Logik. Fir d'éischt lacleke mer d'Leit a wa se dann de Reflex, wéi dat genannt gëtt, hunn, da kréie se och nach eng op d'Bëlg, da gi se och nach gestrooft. Mir sinn de Moment leider an der Situatioun Landesmeeschter ze sinn, leider soen ech, wat d'Parkinggebühren ubelaangt. Eis Parkingplaster ass deen deiersten aus dem Land. Elo. Ech mengen, wann een higeet an d'Mëttesstonn och nach elo parkingflichteg mécht, esou kann een dat jo nennen, dann ass een op engem Wee wou een awer och absolut net un déi sozial, familiär, relationell Komponent denkt, dass da Leit musse bezuele wa se heem bei hir Elteren iesse ginn an der Mëttesstonn. Dat ass vläicht e banalt Beispill fir e puer Leit, mä et ass en alldiegglecht an e vielfältegt Beispill fir wann déi Leit mëttes, respektiv émgedréint wann déi eeler Mamm oder d'Bom oder de Papp bei d'Jongen, bei déi jonk Generatioun iesse geet iwwert d'Mëttesstonn, da si se wann ech gelift verpflicht Suen op den Dësch ze leeën.

Dat zweet wat Dir gesot hutt, oder dat drëtt, ech sinn net méi esou genau elo am Bild, dat ass, Dir hutt eigentlech weider näisch gesot, wéi dass dat ganzt soll käschtendekend ginn. An d'Haaptursaach dovun, dat ass déi Konventioun déi Dir mat de Propriétaires a Form vu PPP gemaach hutt déi lech elo op d'Nues fällt. Elo am zweete Joer falen déi Käschten u wat zum Beispill de Parking Brill-Plaz ubelaangt. Ech ginn all Dag do laanscht, duerch d'Ëmstänn, deen ass praktesch émmer eidel. An d'Ursach vun deenen Taxenerhéijungen ass déi falsch Politik am Zesummenhang mat esou PPPen. Well ech gesinn all Dag, dass 20, 30, 40, wann et gutt geet, Parkplazen do besat sinn. Dat bedeit e riesegen Defizit

vu dass an der Konventioun steet, dass d'Gemeng den Defizit deckt vum Promoteur. Awer de Benefice gëtt némmen zum Deel gedeelt. Dat ass dann typesch. Wann ech da kucken déi Opsplitterung do vun 0,45 dann hätt ee kënne soen, bon, bis elo war et jo esou, wann een 1 Minutt ze laang geparkt huet, dann huet et effektiv 1,30 € méi kascht. Wann een 61 Minutte geparkt huet, dann huet een effektiv 2,60 € bezuel, dat heescht 1 Minutt huet bis elo dann, fir et ze extrapoléieren, 1,30 € kascht. Déi Opsplitterung do déi gesäit elo an éischter Phas net schlecht aus. Mä wann een annerhallef Stonn zum Beispill parkt an et hätt een dat anert gemaach an et hätt ee gesot fir eng hallef Stonn huele mer dann déi hallef Stonn, wéi den Tarif elo ass, da wären dat 1,95 € annerhallef Stonn. Elo mat deem System do gëtt et 1,30 + 0,90 dat heescht 2,20 € fir annerhallef Stonn. Dat bedeutet eng Augmentatioun – ech hunn et zwar elo séier gerechent, mä et ass nozekucken – ém déi 17%. Dat erënner mech, déi dote Saachen, e bëssen un dee gréngé Fundamentalismus virun 20 Joer wéi se gesot hunn et misst een de Bensin op 100 Frang deemoos nach, de Liter maachen, da géif manner Auto gefuer ginn. Si hu just net dru geduecht ween dann nach géif Auto fueren a ween net méi an der Lag wier Auto ze fuere mat deene Präisser.

Hei sinn elo am Kader vun deene ganze soziale Grausamkeiten, ech hunn dat schonn d'leschte Kéier gesot, déi elo duerch Regierungsbeschlëss stattfannen, ass et net un der Gemeng Esch fir elo Tariferhéijungen ze maachen um Bockel vun deene klenge Leit. Dat ass dat wat ech mol wollt soen. Da freet ee sech jo wann een dee Parking do op der Brill-Plaz kuckt, ech mengen hei si lauter Leit déi schonn an der Situatioun waren, dass se laanscht ginn a gesinn dass keng Leit doranner fueren, respektiv keng Autoen do erafueren. Dat huet Ursachen. Déi éischt ass d'Tarifikatioun. Kloer. Mä et gëtt licht widder-sprach well hei déiselwecht Tarifikatioun ass wéi um Brill. Gutt. Elo muss een awer gesinn, et muss ee jo Weltmeeschter am Slalom si fir aus deem Parking do eraus ze fueren. Do sti se an zweeter Fil, déi aner Säit parke se um Trëttoir. Elo dës Woch ass opgerappt gi mat engem Meter Breet wou d'Leit dann hu bal missten an d'Zeitungsgeschäft fuere fir eraus ze kommen an esou virun. Dat sinn natierlech Ëmstänn wou elo net direkt de Schäfferot verantwortlech ass. Mä Ëmstänn déi och dozou féieren, dass d'Leit keng Loscht hunn do eranzekommen, se wës-sen net wéi ob se erauskommen. Si wës-

sen net méi ob se erauskommen. Dës Woch war dat de Fall. An dat sinn Ursachen, deen Ausgang an déi Afarta sinn äusserst geféierlech. Geféierlech ass de gudden Ausdruck. Mir sinn och nach net wäit vun enger Schoul déi dann eriwwer gelaf kommen, do laanscht de Musée de la Résistance, d'Kanner, an esou virun. An da kommen déi do erausgefuer a se mussen och nach dann, wéi gesot, Weltmeeschter sinn am Slalom fueren, oft, net émmer, fir do eraus an eranzekommen. Dat stéiert d'Leit, hält se of. Natierlech ass et och nach eng gewohnungsbedürfteg Saach, effektiv. Ech hu just virdru meng Angscht geäussert, dass et dann dozou féiert, wann de Reflex do ass, fir dann deen anere Reflex spiller ze los-sen, erëm weider Taxenerhéijung ze maa-chan.

Wat d'Sportshal ubelaangt zu Lalleng. Do wësst Dir, mir wëssen dat allegueren, dass eng grouss Énnerschréftepetitioun leeft fir dergéint ze protestéieren dass dat elo tarifabel soll ginn. Ech mengen, wann een d'Ursach invoquéiert, dass zum Beispill Laangzäitparker do – an ech kennen dat, dat ass effektiv zum Deel de Fall – do hiren Auto Méindes ofstelle fir da Sonn-des en Tour maachen ze goen, dann ass dat richteg. Mä do gëtt et jo awer e gutt Mëttel dergéint ouni Tariffer anzeféieren, respektiv ze erhéijen oder nei anzeféieren. Do mécht ee Scheiwen an et kontrolléiert een. Zwou Stonne maximum, wa se dann nach do stinn hu se e Protokoll. Punkt. Dat wat wichteg ass, dat ass dass d'Mammen an d'Pappen déi do hir Kanner, do si jo och klenger dobäi beim Handball an esou, dohi féieren an och beim Kand e bësse bleiwe mussen, deem-no vu wou se kommen, dass déi dann net gestrooft ginn do, fir dass hir Kanner däerde Sport maachen. Dat ass esou och elo, ech hunn et matkritt op der Assemblée générale vum Tennis do uewen. Et war zimlech grousse Remmi Demmi. Ech mengen den Här Schäffe war do oder hien hat sech vertriede gelooss, dann huet hie matkritt, dass do d'Leit sech déck geiergert hunn, dass se elo fir hire Sport auszeüben, musse Parkingtaxe bezuelen.

Dat wat d'Haaptursaach ass, dat sinn der zwou. Dat eent ass deen ominéise Käsch-tendeckungsprinzip dee permanent op d'Portefeuillé vun de Leit fällt an deen zweete sinn déi Konventiounen mat deene PPP. Wou wierklech et némmen drëm geet, dass d'Gemeng de Risiko iwwerhëlt an de Privatsecteur de Benefice. Dat ass dat wat ech schonn eng Kéier gesot hunn, d'Verstaatlechung vum Defizit an d'Privatiséierung vum Benefice, dat passt an déi heiteg Gesellschaft, mä ech men-

9. Gestion de stationnement

gen et passt awer manner an d'Mentalitéit vun engem Escher Gemengerot. Duerfir wollt ech lech natierlech, brauch ech lech elo net ze soe wéi ech stëmmen, dat ass kee Quiz, ech stëmme géint déi nei Reglementer. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Et wier dann um Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Ech menge mer mussen oppasse wouriwwer mer hei diskutéieren. Wann een dem Här Hinterscheid virdrun nogelauschtet huet, dann hätt ee kennen den Androck hunn, mer schwätzen hei iwwert e Konzept vu Parkraumbewirtschaftung. Dat ass awer net de Fall. Mir schwätzen net iwwert d'Fraktionéierung vun den Tariffer ab der zweeter Stonn am Parkhaus oder datt dat dann och soll adaptéiert ginn un d'Surface publique. Dat eenzegt wou mer driwwer diskutéieren, dat eenzegt, dat sinn zwou Saachen. Éischtens, d'Mëttestonn gëtt suppriméiert, datt se gratis ass. An – dräi Saachen – zweetens, datt am Zentrum eng Stonn méi laang d'Gebühre gëllen an drëttens, datt eng Extensioun vum Beräich ass wou déi Gebühren, déi Taxen opgehuewe ginn. Et ass eng Präiserhéijung déi net iwwert de Montant fonctionnéiert, mä iwwert d'Durée op där enger Sait an iwwert de Champ d'application. Et ass eng Taxenerhéijung. Et ass soss náisch. Et ass kee Konzept. Ech si frou vun lech ze héieren, datt Dir lech Ideeë gemaach hutt fir eng Opération charme ze maache fir de Brill-Parking. Dat freet mech, well et do eng Necessitéit gëtt. Mä de Punkt ass, dorriwwer diskutéiere mer hei net an dorriwwer décidéiere mer virun allem hei net. Mir décidéieren am Moment just iwwert déi Saachen déi ech virdru genannt hunn. An dat ass, wéi den Här Bernard dat virdrun och gesot huet, dat ass náisch anesch wéi eng unilateral Taxenerhéijung ouni Géigleeschung. Dorriwwer solle mer hei décidéieren. An dann ass natierlech d'Fro, jo mä ween tréfft et? Bon, et tréfft natierlech un éischter Linn jiddwereen. Jiddwereen à plein fouet, ob hien am Zentrum parkt oder ob hien an der Peripherie parkt, et ass dee-selwechten Tarif fir se allegueren. Et ass net ugeduecht ginn op de Wee ze goen, wéi zum Beispill an der Stad, wou an der Peripherie 40 ct oder 80 ct gefrot ginn an am Zentrum dann émsou méi fir eben notammt och dem Facteur gerecht ze ginn, datt an der Peripherie elo d'Leit net onbedéngt dohinner parke gi fir an d'Geschäfter ze goen a virun allem well dat guer keen Impakt huet, d'Peripherie guer keen Impakt huet op d'Parkhaiser.

Dann ass virdrun ugeklungen, datt de Problem bei der Sportshal dee wier vun de Pendler oder de Laangzäitparker déi dohinner giffe parke goe fir dann de Bus ze huele fir eventuell an d'Stad schaffen ze goen. Mä do muss dach all ökologesch Iwwerleeung déi si fir ze soen, mä dat ass dach super datt déi Leit e P&R, dat do als P&R benotzen. De Problem ass just et ass kee P&R. Also misst éischter d'Necessitéit si fir eng Opfangstruktur fir déi Pendler ze schafen. Dat wier, mengen ech, eng ökologesch an transportpolitesch gerecht Mesure oder Incitatioun dat ze maachen, wéi et reng némmen iwwert d'Augmentatioun vun den Taxen ze maachen.

An dann tréfft et awer och d'Geschäftswelt hei am Zentrum. Wann et esou ass, datt mer èmmer soen et ginn dräi Pôles d'attraction hei zu Esch. Dat ass den Zentrum, dat ass Belval an dat ass dat wat elo soll gebaut ginn zu Lalleng, de Cactus. Zu Belval können d'Leit fir náisch parke goen an akafe goen. Am Cactus ass viraus ze gesinn, datt dat awer ähnlech fonctionnéiere wäert. Dat heescht, d'Attraktivitéit vum Zentrum a vun der Geschäftswelt vum Zentrum geet duerch déi dote Mesure éischter erof wéi datt se zou hëlt. Dat ass a mengen Aen desastréis, well besonnesch am Zentrum sinn et éischter kleng Geschäfter an net grouss Chaînë wéi et zum Deel um Belval de Fall ass déi eventuell drënner leide müssen.

An da stellt ee sech natierlech d'Fro firwat mécht een dat? Firwat geet een op deen dote Wee? Fir unilateral Präiserhéijungen, Taxenerhéijungen duerchzeféieren. An do sinn ech frou, datt de Schäffen éierlech genuch war, déi eigentlech Ursach ze soen, dat ass nämlech de But vun désem Schäfferot fir ze soen, ma eis Parkraumbewirtschaftung soll zum Nullsummespill ginn. E soll kächtendekend sinn. Dat ass e staarkt Stéck an et ass eng Ausso déi, mengen ech, och viregt Schäfferéit mol sech net getraut hätten ze maachen. A wouhier kénnt de Problem? Ma de Problem kénnt dohier datt d'Parkhaiser, besonnesch déi vum Brill, massiv defizitar sinn an datt d'Gemeng duerch e Kniewelvertrag iwwer 30 Joer dozou gezwongen ass déi Defiziter opzehuelen. Am Budget rectifié vun 2011 waren et 1,2 Mio déi d'Gemeng, d'ëffentlech Hand bää huet misste leeën an déi zwee Parkhaiser. Am Budget 2012 sinn 1,77 Mio ageschriwwen. Dat ass e staarkt Stéck. An ech mengen datt déi doten Taxenerhéijunge wierklech just aus deem Grond entstane si fir den Defizit notammt aus dem Brill-Parking ze kompenzáieren.

Mir hu virun e puer Wochen oder an eng vun deene leschte Gemengerotssätzun-

gen ass et hei eng ganz grouss Unanimitéit gi wéi super de Sportförderprogramm wier a wéi vill immens luewenswäert Initiativen d'Escher Gemeng op deem dote Plang géif huelen. Wann et elo awer esou ass, datt een déi Sportinfrastrukture méi héich taxéiert an dann nach énnerschidde lech taxéiert wéi Dir gesot hutt, beim Beispill vun der Lallenger Sportshal, well et besteht en Énnerscheed wéi gëtt d'Sportshal taxéiert, wéi gëtt den Tennis um Galgebierg taxéiert a wéi gëtt de Boule-drome an der Hiehl taxéiert? Dat si verschidde Komponenten. En plus kann ee sech da froen, mä firwat gëllt deen dote Prinzip dann net och fir kulturell Institutioune wéi de Conservatoire?"

Daniel Codello (LSAP): "Très bien!"

Marc Baum (DÉI LÉNK): "Och do mengen ech, datt een déi wann een hätt wëllen op déi dote Linn goen, dat misste konsequent weiderféieren. Ech mengen duerfir datt dat hei wat am Moment virläit, kee Konzept ass, wierklech kee Konzept. Et ass eng unilateral Taxenerhéijung an et ass fir eis als Léenk ondenkbar datt mer dat doten an därdoter Form votéieren."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Et wier dann um Här Hansen an duerno um Här Zwally.“

Mike Hansen (LSAP): „Wann ech mer hei de Projet esou ukucken, da stellen ech mer och natierlech déi Froe mat der Erhéijung an ech menge mir musse ganz gutt oppassen, ganz gutt oppassen datt d'Erhéijungen, datt dat net déi Zousazkäschte sinn déi op d'Salariéen déi hei zu Esch schaffen, ofgewälzt ginn. Do musse mer, oder do muss de Schäfferot vläicht e puer Propositiounen maache wéi een do en Ausgläich kéis maachen. Dat ass meng éischter Iwwerleeung dozou. Ech ginn och elo net méi op de Präis an d'Zäiten drop an. Do si meng Virriedner ganz detailliéert eragaangen. Ech hu just zwou Saachen, déi ech wollt dobäi fügen. Dat ass wéi den Här Baum gesot huet, mam Parking, musse mer oppassen datt et och gerecht ass. Mir kénnen net iwwerall den nämlechte Präis verlaangen. Dat géif och net passen an d'Struktur vun der Gemeng. Et kann een eben net esou bezuelen, ech weess net, am Norde vun Esch wéi am Zentrum. Domatter sinn ech och ganz averstanen. Dat ass logesch. Fir d'Attraktivitéit, géif ech och mol proposéieren, wéi d'Leit de Reflex ze kréien, mir wölle jo datt se e Reflex kréien an d'Parkhaus ze goen. 15 Minutte fir náisch parke fir kleng Courses ze maachen. Déi

schloe jo och net zimlech drop an, mä da kriss de mol e va et vient. Da kréien d'Leit och mol d'Übung an d'Parkhaus direkt ze füeren. Well soss ass nach émmer fir d'Übung ronderém ze kreesen.

Mä ech froen awer elo eppes ganz genaues. Ech wëll datt mer all 6 Méint, also bi-annuel eng Revisioun maache wat mer elo hei haut stëmmen. Wat dat mat sech dréit. Den Impakt hei zu Esch. An op d'Recetten. Ech mengen domatter kenne mer elo an deenen nächste 24 Méint gesi mer ganz genau wat dat bréngt, wouhinner mer ginn a vun do aus kenne mer da soen, hei esou war et, do hu mer eppes richteg gemaach, do hu mer eppes falsch gemaach. Mä ouni déi Donnéeën, et kann ee jo émmer aféieren, aféieren. Mir mussen awer och mol kucken, datt mer kucke wat bréngt dat ganzt genau an d'Praxis. An dat ass dat eenzegt wat ech elo nach do wollt baifügen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Hansen, et wier dann um Här Zwally an dann huet den Här Codello sech nach gemellt.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen d'CSV huet eigentlech princiell e Problem mat der Presentatioun. Ech menge wéi mir den Dossier kritt hunn an eppes um Ordre du jour stoung, do war eigentlech dat heite wat net um Ordre du jour steet, wat haut zur Décisioun steet. Dat wat mir am Dossier hunn, war lediglech eppes wat bedeut huet, dass mer géif de Parking résidentiel duerno zu Lalleng an an aner Zoné kënn adaptéieren op Grond vun der bestehender Tarifikatioun, mat Ännnerungen deelweis déi bedeuten, dass iwwer Mëttég géif och bezuelt ginn a mat Ännnerungen déi bedeuten dass mer bis Owes 19.00 a verschidden Zoné géifen dat erweideren.

Ech sinn och iwwersacht wann ech de Koalitiounsaccord kucken, wou eigentlech de gudde Wëllen dra war fir ze soen, mir versichen an engem Matsproocherecht an an Transparenz den Escher Bierger an d'Diskussioun mat anzeféieren, egal iwwert wat fir ee Wee an egal iwwert wat fir een Thema dass dat ass. Ech hunn de Moien, esou wéi vill Kollegen hei aus dem Gemengerot d'Tageblatt, fir et net ze nennen, mä awer fir déi lokal Zeitung ze nennen, et ass eréischt do wou ech fir d'éischt an de Kontakt komm si mat deem wat hei de Verkéiersschäffé presentéiert huet. Ech mengen, dass dat doten net dee richtege Wee ass fir kenne mat ze diskutéieren. Et ass och fir d'éischt, dass mer et mat erliewen datt mer hei am Gemengerot sinn dat mer eigentlech net

déi Piècen hunn déi mer ganz einfach brauche fir kënnen en toute connaissance de cause de Problem vum Parkraumbewirtschaftung total mat ze diskutéieren. Duerfir hu mer eis Reserve bei deem wat Dir hei gesot hutt an och bei deem wéi Dir et gemaach hutt. Et kann een natierlech och d'Diskussioun viruféieren. Mir sinn awer der Meenung, dass doduerch well Dir de Prinzip net agehalen hutt, fir eis schwierig wäert si fir dat heite mat ze droen. Wann Dir d'Finalitéiten hei erklärert, sinn der drënnner déi mir kenne mat énnerstëtzen. Net alleguerten, mä awer och Deeler dovunner. Dir schwätz a) vun deene Leit déi heihinner akafe kommen, déi heihinner schaffe kommen. Dat sinn déi déi bei eis sech wuel solle llen. An do proposéiert Dir bestëmmte Mesuren, ausser dass mer kee richteg Konzept fannen. Wa mer gären hätten, dass déi Leit heihinner kommen, déi heihinner schaffe kommen, fir déi mol als Beispill ze huelen, da brauche mir och eng Diskussioun iwwert de P&R. Mir brauchen iergendwou Zoné wat de P&R ubelaangt déi eis erklärert ginn a wou mer och ganz kloer wësse wat dat bedeit. An domatter zesummenhängend dann och musse wësse wéi mer déi Leit op hir Plaze kenne transferéieren. Dofir nach eng Kéier déi dote Fro wat dat doten ubelaangt. Eis ass et wichtig ze wëssen, P&R oder P&Goen, deemno wéi Dir se wëllt nennen, mä wichtig ass et virun allem, dass Dir do e Konzept bréngt wat iwwergräifend ass, wat och erklärbar ass a wat deen Enzelne vun eis och ka verstoen. Deen zweeten Deel an esou engem Konzept muss och dee si vun den Escher Bierger. Mir sinn eis eens, dass d'Prioritéit sécherlech bei deene Leit läit déi hei wunnen. Mir brauche ganz einfach eng Liewensqualitéit a si kann net acaparéiert ginn duerch Diskussiounen iwwer d'Parkingen, iwwert Autoen, an hunn ech eng Garage oder hunn ech keng Garage. Dat si lauter Diskussiounen déi et net einfach maachen. Et war eng Kéier e Schäffen do dee gesot huet, dass den éfftentleche Raum net méi fräi ass. Net méi fräi ass fir jiddwereen. E kascht och. Ech deelen déi Meenung déi hei gesot ginn ass, dass wann e kascht, ass dat heiten op d'mannst eng Mesure déi eis Escher Bierger erém eng Kéier kascht. Well wann ech virdru gesot hunn, dass mir iwwert de Mëtten 12.00-14.00 an Owes méi laang mussen hei bezuelen, dann ass et kloer, dass wéi hei gesot ginn ass, wann ech mech gär deplacéieren a menger eegener Stad, do muss ech bezuele mëttes wann ech dat maachen. An dat schéngt mir net gutt ze sinn an et schéngt och kontradiktoresch ze sinn an deem

wat mer eis émmer ginn hu fir d'Geschäftswelt méi attraktiv ze maachen. Et sinn der vill déi mir zielen, ech komme gären op Esch an der Mëttestonn eppes iessen, well do brauch ech wéinstens kee Parking ze bezuelen. A Korelationen geséit ee wann een op de Belval geet, well do einfach de Parking fräi ass, wat massiv Leit dohinner fuere well se ganz einfach eng énnerierdesch Parkplatz hu fir kenne fir näischt ze parken, fir mëttes kenne do iessen ze goen, an dann erém normal op hir Aarbecht zréck ze goen. Dir hutt hei verschidde Finalitéite bruecht. Dat wat d'Commerçanten ubelaangt dat kenne mir mat énnerstëtzen. Dat ass eppes wat mir scho méi laang gesot hunn, dass ee sech soll mat der Association zesumme setzen a wa si wëllen eng Bedelegung maachen, kenne se dat maachen. Déi Affaire vun der Happy Hour ass och eng Saach déi u sech deemno wéi een et gesait, selbstverständlech, kann als positiv bewäerten. Déi aner Saach wat d'Elektromobilitéit ubelaangt, jo, och dat ass wahrscheinlech vis-à-vis vun de Minoritärspartner e Gadget deen Dir hei presentéiert. Ech si gespaant wa mer dann an zwee Joer eng Kéier hei de Bilan zéien, ob dat och wierklech derwäert ass fir dat dote gemaach ze hunn. An da mengen ech och, dass déi Affaire, wat mir souwisou émmer an de Budgets-diskussiounen gesot hunn, déi Affaire wou Dir lech an d'Garantien eragesat hutt, déi eis 1,2 Mio kaschten an d'Recetten am Joer 2010 vun all deene Parkschäiner déi mer haten, waren 1.624.000. Eleng dat géif soen, dass némme 400.000 € iwwreg bleiwe fir eigentlech d'Personal-kaschten deelweis mol ze decke vun deene Leit déi mir engagéiert hunn an déi mer nach weider wëllen engagéieren. Och do gesi mer, dass dat net op geet, an dass dat e Problem fir eis duerstellt wa mer dat doten esou géife matstëmmen. Wéi gesot et kann een elo nach ganz vill domatter hei soen. D'Escher Leit kréien doduerch manner Mobilitéit. Mir sinn der Meenung, dass intern Esch hei énnert dem Prinzip vum käschtendekend geschiedegt gëtt an aus därs Ursach wäerte mir dëst och net matstëmmen. Éischtens, well de Prinzip net agehale ginn ass vum Matsproocherecht a vun den Diskussiounen an de Kommissionen, an dann zweetens och well mer der Meenung sinn, dass ganz einfach d'Konzept feelt, d'Grondkonzept feelt vum P&R, vun deene Méiglechkeeten déi mer wëllen ausloten a wou mer d'Egalitéit och siche ginn. Ech si mat lech d'accord wann Dir hei erklärert, datt um Niveau vun Äre Beamten déi mir hei an der Escher Gemeng hunn, Faveure kommen. Mir müssen

9. Gestion de stationnement

awer bedenken, datt mer nach aner Leit hunn. A wann Dir hei Incitatione maacht fir ze soen, da ka jiddweree sech doru bedeelegen, da musse mer wëssen, dass mer am Grondprinzip fir den Escher Bierger d'Rechter ze ginn hei eng Liewensqualitéit ze kréien déi hien eleng kann hei hunn a senger Stad, da si mer do a Fro gestallt. Well da baue mer jo eppes a wat mer a sech net hunn, well mer ganz einfach kee P&R hunn an an dëser Situationsan an deem wat Dir hei presentéiert hutt, wäerte mir als CSV dat heiten op jidde Fall net matstëmmen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Zwally. Et wier dann um Här Codello.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et gi verschidde politesch Sujeten déi bréngt méi oder manner Diskussion mat sech. Dat eent ass wann et ém d'Finanzpolitik geet, wann Taxenerhéijungen ustinn. Dat anert ass émmer wann et ém Verkéiers- a Mobilitéitspolitik geet, dat ass nach émmer e Sujet gewiescht deen, net némmen um Escher Plang, dat ass national esou, mä dat ass och an anere Gemengen. D'Mobilitéitspolitik ass eppes wat jiddweree interesséiert an heiansdo och méi oder manner objektiv zu Aussoen dreift, well och de groussen Deel vun der Mobilitéitspolitik am Alldag beträff ass. Ech schwätzen elo als een, zu engem Parkingsproblem, deen elo net dovunner beträff ass, mä zu der allgemenger Politik. Ech hätt mer et perséinlech gewënscht, ech hunn dem Här Mobilitéitschäffen dat och d'éinescht gesot, wa mer énnert dem Punkt 9 a) Information och en Dokument am Conseilsdossier gehat hätten. Net jiddweree vun eis ass gezwongenerweis abonnéiert u sämtlech Dageszeitungen an net jiddweree muss déi och virum Conseil opmaache fir do gewuer ze gi wat énnert dem Punkt 9 a) presentéiert gëtt.

(Tëscheruff vum Här Baum)

Ee Moment, Här Baum, ech hunn lech och schwätzte gelooss.

Ech hätt dat awer gär gehat. Dir hat am Conseilsdossier näischt leien. Dat bréngt nämlech mat sech, dat huet nämlech schonne Méttwoch an der Finanzkommission zu Konfusioun bruecht, datt iwwert villes diskutéiert ginn ass, mä den Här Baum huet et op de Punkt bruecht, de Punkt b) ass eigentlech dat wat haut décideert gëtt. De Punkt a) Information, deen hätte mer vlächt kéint och méi spéit enges Daags op den Ordre du jour huelen, wann dat sougenannte Parkraumbewirtschaftungskonzept wann dat méi

elaboréiert gewiescht wier. Dir hutt selwer gesot, datt mer nach net an alle Punkten alles étudiéiert hu wat d'Zonen ugeet, wat de Parking résidentiel ugeet, an duerfir hätt ech mer gewënscht, wann déi Aarbechten nach méi fortgeschritt gewiescht wieren, wa mer en Avis vun der Mobilitéitskommission hei virleie gehat hätten, déi mengen ech, Här Hinterscheid, wou Dir jo awer waart an d'Mobilitéitskommission, dat alles hei virstellen. Ech hätt mer gäre gewënscht, dass do eng Diskussion déi bestëmmt stattfonnt huet, datt déi sech an engem Avis refletéiert hätt hei fir de Gemengenrot. Mir sinn elo an der Situationsan hei, datt och haut villes an enger groer Zone hei diskutéiert ginn ass, op hypothetische Basen, op Grond vun deem wat Dir haut gesot hutt, mä wat och an Zeitungsartikele steet. Mä ech denken, dass mer eis awer do musse wierklech nach eng Kéier Zäit huelen an datt Dir mat deem Konzept, an Dir schreift dat esou op den Ordre du jour, d'Konzept fir d'Parken hei an Esch, an dass Dir dat hei virstelle kommt mat all den einzelnen Detailen an och an den zoustännege Kommissionen. Notamment kommt Dir nächsten Donneschdeg an d'Finanzkommission, well mer dat gefrot hunn, well do och e grouss Wirrwarr war, wat iwwerhaapt haut um Ordre du jour steet. Dat dozou. Awer nach eng zweet Bemerkung an do gräifen ech op wat de Kolleg Hansen gesot huet, an dat hu mer och schonn dem vireschte Mobilitéitsschäffe gesot, 2000, wéi mer uegetratt si mat engem ganz neie Verkéierskonzept, wat nach méi eng grouss Envergure hat. De City-Bus ass agefouert ginn an nach weider aner Décisiounen. A scho senger Zäit hu mer gesot, Verkéierspolitik ass wéi ganz vill aner Saachen eppes Evolutives. Mir können net haut eppes festhale wat da fir d'Éwegkeet gemäisselt ass. Mir müssen hei eis wierklech d'Wuert ginn, datt de Schäfferot hei mat konkreten Evaluatiounen, notament wat mer haut énnert dem Punkt b) hei décideieren, datt mer eis awer elo 6 Méint ginn oder 9 Méint an datt speitstens an 9 Méint den zoustännege Schäffen hei mat engem Punkt op den Ordre du jour kënnt, a wou mer eng kloer Evaluatioun kréien, wat hunn déi Mesuren hei fir Auswirkungen op d'Parkplatzverhale vun de Residenten a vun den non-Residenten hei an Esch gehat.

Et si vill ganz konkret Punkten hei ugeschwat ginn, notament, an dat ass jo den Haauptpunkt dee kritiséiert gëtt. Kommt mir schwätzen net ronderém de Bräi. Dat ass déi Ouverture fir d'Parke gebühreflichteg ze maachen iwwert d'Mëttes-

stönn, vun 12.00-14.00. Do läit jo de Knackpunkt an där ganzer Diskussion. Et ass villes hei ronderém alles geschwat ginn, wat guer net hätt missten. De Knackpunkt ass deen, mir maachen d'Mëttesstönn gebühreflichteg. Mir maache se gebühreflichteg. Elo kommen Argumenter, den Här Bernard seet een dee schnell wéll iesse goen. Do ass eppes dobäi. Een dee wéll schnell hei an Esch an den Zentrum iesse kommen, an dee kënnt an den Zentrum vun enger Stad, an dee wéll och schnell iessen, dee geet an e Parkhaus parken. Dee parkt schnell an engem Parkhaus fir schnell wéllen iessen ze goen an erém schnell fort. Mir wëssen allegueren, Här Bernard, déi Zäite sinn eriwwer wou jiddweree sech op senger Aarbechtsplaz kann Zäit huele fir heem schéi brav zwou Stonnen iessen ze goen. Soss wieren net esou Chaînen opkomm fir schnell iesse kënnen ze goen. Dat ass och en Zeeche vun eiser Zäit. Mä dat huet awer och seng Inzidenz op dat anert Verhalen an notament och vum Parken. Net jiddweree fiert gären an der Mëttesstönn eng hallef Stonn ronderém nach fir eng Parkplatz ze fannen. Hien hëlt dat Konfortabelst, hien hëlt dat Kammodust a leider, dat Konfortabelt an dat Kammodust dat kascht och heiansdo. Dat kascht och heiansdo méi wéi eppes anescht.

Et gëtt vill vun deenen Zonen an der Stad Lëtzebuerg geschwat. Ech weess net ob déi eng oder aner dat vergiess hunn, d'Stad Lëtzebuerg huet relativ e bësse méi e groussen Territoire wéi d'Stad Esch. Dat ass e Fakt. Dat ass eng Tatsaach. Duerfir kann d'Stad Lëtzebuerg sech och erlaben e Konzept opgebaut ze hunn, wat mer eis notament ukucke waren d'lescht Joer am September. Den Här Hinterscheid war do selwer do mat. An d'Stad Lëtzebuerg kann dat och well deen Territoire vaste ass. Et ass awer nun emol eppes anescht ob ech vun der Extremitéit zu Zéisseng wéll an d'Énneschtgaass, an dass do zwou verschidde Parkzoné sinn, wéi wann ech vun engem sougenannten Norde vun Esch wéll an den Zentrum. Dat ass awer och mol eng Realitéit. A mir kënnen net dat Konzept an deem dote Punkt vun der Stad Lëtzebuerg einfach iwwerstülpfen. Mir sinn hei, an dat ass mengen ech schonn hei am Gemengerot gesot ginn, ass émmer e Slogan gewiescht, Esch ass d'Stad vun de kuerze Weeër. Datt een och villes kann zu Fouss maache wat een an der Stad Lëtzebuerg net ka maachen. Duerfir kommt mir halen op einfach dat dote Konzept vun der Stad Lëtzebuerg, wou dat 100%teg an der Rei ass an och duerchduecht ass an duerch den Territoire och

9. Gestion de stationnement

machbar, einfach wëllen hei op eis ze iwwerstülpfen, well et ass awer en Ënnerscheid ob ech aus der Hiehl an den Zen-trum ginn oder vun Zéisseng an d'Ënneschtaass. Dat kann een einfach net 1:1 einfach esou iwwerhuelen an dat gëtt och nach weiderhin etudiéiert, mä ech ka mer net virstellen, dass dat eng positiv Resonanz ka kréien.

Dann nach eppes anesch, ech mengen den Här Hinterscheid huet et och gesot. Wa mer vu Mobilitéitspolitik schwätzen, da musse mer weiderhin eis Responsabilitéit och iwwerhuele fir den éffentlichen Transport weiderhin opzwäerten. Esch ass och eng Stad wou den éffentlichen Transport eng grouss Roll spille. Net fir näisch hu mer hei d'Bus-Gare wou sämtlech TICE-Linne fortfueren an ukommen an déi och d'Escher Leit mat den eenzelnen Quartieren hei an Esch verban-nen an dat kascht eis och all Joers am Budget eng grouss Staang Geld, mä déi Responsabilitéit musse mer awer och wei-derhin huelen. Mir sollen net de Leit opzwéngen, opzwénge müssen den Transport public ze huelen, wéi aner Ver-kéiersschäffen dat schonn hei gesot hunn. Et muss een net mam Auto op d'Aar-becht. Et kann ee jo och den Transport public huelen. Mä mir mussen awer de Leit de Choix loessen. De Choix, dat heescht awer déi richteg Décisiounen huelen, wann Dir wéllt de Privatauto huelen, mä awer och déi richteg Décisiounen an déi richteg Responsabilitéit fir déi Leit déi den Transport public wëlle weiderhin huelen.

Dést gesot, et gëtt vun Taxenerhéjunge geschwat. Den Här Baum huet awer déi richteg, ech wéll net soen Definitiounginn. Här Bernard, hei gëtt keng Taxe erhéicht. Hei gëtt keng Taxe erhéicht. Dat do ass e Slogan dee kann een och einfach esou an d'Welt geheiern an da si Leit déi deen opgräifen a mar an der Zeitung schreiwen. Hei gëtt keng Taxe erhéicht. Hei gëtt eng Plage wou déi Taxe soll erhuewe ginn, gëtt méi grousse gemaach. Den Här Hinterscheid ass op - jo, et ass eng Saach vun Interpretatioun - mä et ass schnell an de Sall gehäit, eng Taxe ass erhéicht. Dat ass ganz schnell an de Sall gehäit. Dat ass ze einfach. Dat ass ze einfach. Ech hu gesot, hei gëtt gebühreflächeg gëtt ém zwou Stonnen erwidert. Den Här Hinterscheid ass op d'Avantagen agaangen. Just wat feelt, dat ass eben déi Geschicht mat de Geschäftsleit déi am Konzept solle mat dra sinn, dat hätt missten haut als een in globo hätt dat haut misste présentiéiert an zum Vote gestallt ginn. Dat ass dat wat ech wierklech hei muss hannerfroen. Mir mussen awer haut, ech weess net,

dat kann den Här Hinterscheid herno a senger Äntwert ginn, firwat de Schäfferot op de Wee gaangen ass, némmen um Punkt a) Informatioun an de Punkt b) direkt eng Décisioun ze huelen. Dat hätt ee kéinten anesch maachen. Vlächt haut némme mat enger Informatioun an enger Diskussiounsronn ufänken an an enger zweeter drëtter Phas dann heihinner kommen a soen dem Conseil stelle mer elo dat heiten in globo zum Vote. Dat muss een einfach esou haut kritiséieren, datt ee seet énnert dem Punkt a) Infor-mation hu mer éischtens mol keng Infor-matiounen schrëftlech kritt an zweetens dat anert ass dann héchstwahrscheinlech e bëssen ze vill iwwerstierzt gewiescht fir et direkt haut zum Vote ze stellen, vlächt muss et awer esou sinn, well dat awer och technesch Adaptatiounen mat bréngt an den eenzelne Quartieren.

Dést gesot, wéi gesot, Här Hinterscheid, huelt dat mat op de Wee, spéitstens an 9 Méint wéilte mer gären hei iwwert eng Evaluatioun diskutéieren an doraus-ser och déi noutwenneg Konsequenzen, Konsequenzen aller Natur zéien. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Et si soss keng Wuertmeldung méi do. Dann äntwert doropper eise Schäffen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Bon, zu e puer Saachen. Ech mengen eigentlech huet den Här Codello schonn eng Konklusioun gezunn, et ass keng Taxenerhéjung, et ass eng Ausweitung vun erhiewe während verschiddenen Zäi-te vun de Parkgebühren.

Dem Här Bernard an dem Här Baum seng Bauchwéien zu de PPPen, déi kenne mer. Déi kenne mer an déi Duerstellung déi ass e bësse simplistesch fir ze soen, sozialiséiere vun de Perten, Privatiséierung vun de Beneficer, Dir waart au moins esou korrekt fir ze soen, Deelprivatiséiere vun de Beneficer. Mä wat Dir awer net gesot hutt, dat ass dass de Privatsecteur den Invest zu 100% gedroen huet a mir kréien no 30 Joer dat Parkhaus zréck an dann ass et eist. Dat zweet, ...
(Ënnerbriechung)

Ech kann och rechnen. Dir hutt gesot, annerhallef Stonn wär elo 17% méi deier. Dat stëmmt net! Dat stëmmt net, si ass 16% méi bëllig wéi et elo ass. Dir hutt gesot, wann ee géing d'Halschent hue-llen, mä dat ass awer net de Fall. Dat ass awer net de Fall. De Moment mat deem wat mir hei proposéiere gëtt annerhallef Stonn 16% méi bëllig par rapport zu jézeger Situatioun an dat beweist, dass Dir e bëssen awer och hei an der mathe-matescher Demagogie lech versicht hutt.

Dir schwätz vum Portefeuille vun de Leit. Also, wann een hei an Esch, sech hei an Esch wéllt beweegen, gëtt et vill aner Méiglechkeete wéi dat mam Auto vum Quartier A op Quartier B. Et kann ee sech foussleefeg beweegen, et kann een de Vélo huelen – bon, wann d'Wieder schlecht ass hëlt een net gär de Vélo – et kann een de City-Bus huelen, et kann ee generell den éffentlechen Transport huelen a mir hunn esou eng gutt Couverture fir déi mir bezuelen. Mir bezuelen 3,7 Mio d'Joer als Escher Gemeng fir den éffentle-chen Transport. Also dat ass jo net e Pap-penstiel an déi ass do déi Offer.

Dat wat Dir vun der Sportshal gesot hutt, all 10 Minuten huet een d'Méiglechkeet vun der Escher Gare bei d'Sportshal ze fueren. An der Kombinatioun d'Linn 205 an d'Linn 7 vum TICE. All 10 Minuten. En 10 Minuttentakt vun der Escher Gare bis an d'Sportshal. Also, esou dass et Méiglechkeeten an Alternative gëtt, fir bei déi Sportshal ze kommen. Et ass just eng Fro vu Kultur a vun Émdenken. A wa mer soe mir gräifen de Leit an de Porte-feuille oder mir wälzen erëm eng Kéier Fraisen of op d'Leit. Ma nee, mir wälze se net generell op d'Leit of, well déi déi op den éffentlechen Transport zréckgräifen, op déi wälze mer näisch of. Déi zu Fouss ginn an der Mobilité douce, op déi wälze mer näisch of. Mir wälzen némmen op déi of déi zum Deel aus Bequemlechkeet, den Auto benotzen. Well Esch ass bal mat alle Reseau vum éffentlechen Transport korrekt ze erreechen an ass och intern korrekt ofgdedeckt, esou dass ech mengen dass dat net esou ass.

Bon, d'Diskussioun wou opkomm ass vum Här Baum, firwat déi Iwwerleeungen déi Dir do gefouert hutt bei den Sports-zentren net och fir Kultur. Éischtensmol muss ee wëssen, dass eis zwee grouss Kulturhaiser, dat eent mat engem direk-ten Zougang zu engem Parking fonctionnéiert an dat anert op 200 Meter fouss-leefeg ewech, oder 150 Meter foussleefeg ewech. Well wann Dir sot firwat Kultur, d'Kultur ass penaliséiert ..." (Ënnerbriechung vum Här Baum)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Här Baum, et ass dem Här Hinterscheid och wahrscheinlech schwéier gefall lech nozelauschteren.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Firwat ass d'Kultur penaliséiert par rap-port? Mä d'Kultur ass net penaliséiert, d'Kultur hat scho virdrun de Parking. Also déi zwee sinn eigentlech elo gläich-be-rechtegt. Fir déi zwee gëtt et héier. Also déi wou kintére reklaméieren, dat wär de Sport.

9. Gestion de stationnement

D'Initiative fir den éffentlechen Transport. Ech si mat d'accord, dass déi kenne verbessert ginn. Ech si mat d'accord, dass een den éffentlechen Transport nach dohi muss kréien, dass e méi intuitiv notzbar gëtt. Ech mengen ee vun den Defiziter a firwat dass d'Leit heiansdo op den Auto zréckgräifen, ass well den éffentlechen Transport net wéi an anere Groussstied oder am Ausland intuitiv benotzbar ass. Do ass den Defizit vum éffentlechen Transport dee gréissten. Net onbedéngt een un der Offer, mä un der intuitiver Notzbarkeet an do muss den éffentlechen Transport an deenen nächste Joeren dran investéieren. Do muss den éffentlechen Transport dran investéieren, en ass amgaang dran ze investéieren. An dann hu mer d'Gerechtegkeit, well dee wou den éffentlechen Transport, deen op eng intuitiv Manéier benotzbar ass, benotzt, dee soll awer vlächt e Bonus hu vis-à-vis vun deem deen awer émmer némmen aus althergebrachten Iwwerleeungen op den Auto zeréckgräift. Ech sinn net en Anti-Auto-Dogmatiker. Ech weess, dass mer den Auto nach émmer brauchen an dass mer net du jour au lendemain ouni Auto auskommen. Mä mir mussen awer ufánken och d'Verhalen ze ännerner. Mir mussen awer och ufánken d'Verhalen ze ännerner an och dat ass noutwenneg.

D'Fro vum Parking Belval. Parking Belval ass net méi laang payant. An dann ass et absolut d'selwecht wéi hei. Ass net méi laang payant, och deen énnert dem Centre commercial.

Dat nächst, déi Fro vum P&R oder vum P&Go. Et ass richteg, et wär gutt wa mer es hätten. Mä mir hunn op deene Plaze wou e Senn géing maachen, hu mer keng Terrainen. Well wou de P&R Senn géing maachen, dat wär südlech vum Zentrum, un der franséischer Grenz. Do hu mer keng Terrain wou mer esou eppes kenne maachen. P&R hannenaus, nérdlech, nordöstlech, ma da mussen d'Leit fir d'éischt duerch Esch fuere fir dann op de P&R ze goen. Dat ass eng Häresie. Also de P&R gëtt Senn, well de Gros vun deene Leit, déi Frontalier sinn, déi bei eis schaffe kommen, kommen aus Frankräich a mir mussen eng Kéier kucken da vlächt mat de franséischen Autoritéiten eppes, ähnlech wéi Diddeleng et gemaach huet mat der Eisebunn do de P&R op franséischem Terrain, well do ass den Terrain net méi bei eis. Et ass awer net esou, dass een haut keng Erschléisungsméiglechkeeten huet, net op Esch ka schaffe komme mam éffentlechen Transport aus Frankräich. Et gëtt schonn e ganze Koup Linnen, déi ursprénglech zwar agesat gi si fir d'Frontalieren aus dem noe franséische Grenzgebitt an

d'Stad Lëtzebuerg ze féieren, mä déi Busse bleiwen awer hei zu Esch stoen. An et si méttlerweil den Deel Leit déi se notze fir aus Frankräich op Esch schaffen ze kommen an et sinn der en Deel Escher déi se souguer notze fir vun Esch an d'Stad schaffen ze goen amplaz mam Zuch oder mam 205. Also ech sinn och do erém eng Kéier mat all deenen Diskusiounen a mat all deene Remarqué mat d'accord, dass do den éffentlechen Transport gefuerdert ass. Gefuerdert ass, fir déi eenzel Verknäppungen déi nach noutwenneg sinn, hierzestellen an da massiv, massiv, massiivst dran ze investéieren, dass den éffentlechen Transport intuitiv notzbar gëtt an dann ass déi Diskussioun hei eigentlech iwwerflësseg.

D'Fro vum Här Codello. Hätt een net einfach dee Punkt esou kenneen op den Ordre du jour stellen? Dach, et hätt een et kenne maachen. An dann einfach d'Diskussioun komme loessen. Mir hunn awer drop gehale fir gläichzäiteg och eng Promotiounaktioun ze maachen an dat positiv duerzestelle wat awer elo an der Gestioun vun de Parkhaiser geschitt. Dat huet guer näischt heimat ze dinn. Well formal stëmmé mer némmen iwwert e Reglement of wou d'Parkraumdauer verlängert gëtt an op enger anerer Platz gebühreflichteg parke verkierzt gëtt. Dat ass reng formal. Mä déi aner Initiativen déi waren eis awer wichteg genuch. Et ass eng Demande fir ze fraktionéieren, et ass eng Demande fir aner Saachen an der Administratioun, an der Gestioun vun deene Parkhaiser ze maachen. Et war eng Demande déi net émmer esou offiziell ausgedréckt ginn ass, mä déi vill geschwat ginn ass, dee Forfait Soirée. Forfait Soirée war eng grouss Demande. Also déi Saachen alleguer bedürfen zwar net direkt der Zoustëmmung vum Gemengerot, et ass awer well mir a Konventioun mat deem Parkhausbedreiwer gebonne sinn als Stad Esch, mengen ech némme recht a bëlleq, dass de Gemengerot doriwwer informéiert ass. An dat ass de Senn an den Zweck gewiescht. A well mer dat Ganzt wollte matenee lancéieren, mat engem Datum d'Ouschterkirmes a mer de Parkhausbedreiwer massiivst énner Drock gesat hunn, dass all déi Mesuren, déi mer elo awer mat hinnen negociéiert hunn, dass déi sollen esou schnell wéi méiglech kommen, dofir ass dat elo fir mat där Zilvrgab fir d'Ouschterkirmes dat operationell ze hunn, duerfir ass dat matenee komm.

Ech si mat d'accord à la limite, dass een e bësse méi ausférlech Dokumentatioun hätt kenne virleeën. Ech sinn awer net mat d'accord, mat dem Reproche, dass hei d'konsultativ Kommissioun net invol-

véiert gewiescht wär. Ech war perséinlech an der konsultativer Kommissioun an..."

Daniel Codello (LSAP): „Ech hu mer en Avis erwaart. Ech hu mer en Avis erwaart vun der Kommissioun. Ech hu gesot, et feelt eis en Avis.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo, ech wëll lech just soen, vun der konsultativer Kommissioun, et si Froe gestallt ginn, déi Froen hunn eng Äntwert kritt. Mä ech sinn aus däi konsultativer Kommissioun erausgaangen, net – an ech war do bis zum Schluss – ech sinn net am Wëssen erausgaangen, dass d'konsultativ Kommissioun do eng negativ Haltung hat.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Ech sinn net am Wëssen erausgaangen, do waren all Partei vertrueden, all Parteie vertrueden, ech hat net d'Gefill – an ech sinn och laang genuch am éffentleche Liewe fir och ze spiere wann et sténkeg ass – ech hat do net d'Gefill dass ee vun de Vertrieder do sech kloer dergéint ausgeschwat huet, géint dat Ganzt wat ech de Moien hei presentéiert hunn. Dofir wëll ech dat kloer soen, och wann den Avis net do ass.
Ech menge mir maachen hei elo eppes Sënnvolles fir Esch, fir d'Attraktivéierung vun Esch an ech menge mir maachen och eppes Sënnvolles, an do maachen ech keen Heel draus, och laangfristeg fir eis Finanzen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech mengen dat waren Explikatiounen déi ganz kloer waren. Ech hoffen dass eng Rei vun deenen Intervenanten ...“
(Téscheriff)

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „A jo, entschéllegt, also ech mengen ech hunn et agangs vu mengem Exposé gesot, dat hei ass en Ufank. Dat hei ass en Ufank an ech wëll souguer a spéits-tens, a wann Dir déi 9 Méint sot, da kënnt spéits-tens mat der Budgetsdiskussioun kënnt eng Evaluatioun, da kënnt en Tableau comparatif dobäi wat eis d'Parkraumbewirtschaftung kascht, wat déi Mesuré bréngen a gläichzäiteg si mer amgaang, mat eise Servicer zesummen elo ze préparéieren, déi Etude ze maachen, zu däi mer eis engagéiert hunn am Schäfferot fir ze kucke wéi et mam Parking résidentiel virugeet a mir wäerten hei e Bilan dovu presentéieren.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Merci fir dés Explikatiounen. Et

kann een eben als Schäfferot net némmen dankbar Décisiounen huelen. Och wann et ém eng Mobilitéitspolitik geet. Ech fannen, dass dat hei ganz proper presentéiert ginn ass an ech géing lech bidden dësem Konzept Är Zoustëmmung ze ginn, mat där ugekënnegter Bilanzéierung déi den Här Hinterscheid erkläert huet. Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz –
M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal arrête par 10 voix oui et 6 voix non le règlement-taxe concernant le stationnement payant.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Hansen, Kox et Wohlfarth. Ont voté non les conseillers Baum, Bernard, Goetz, Hildgen, Johanns et Zwally.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz –
M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte par 10 voix oui et 6 voix non les règlements de la circulation.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Hansen, Kox et Wohlfarth. Ont voté non les conseillers Baum, Bernard, Goetz, Hildgen, Johanns et Zwally.

10. Sudcal SA: contrat de fourniture de chaleur; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 10, dat ass Sudcal, de Contrat de fourniture de chaleur. Do geet d'Wuert un eisen Energieschäffen, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG):

„Merci, just ganz kuerz hei dozou, Madame Buergermeeschtesch, Dir hutt zwar e ganz décken Dossier hei leien, mä am Fong ass et eng Banalitéit. Et ass d'Fortsetzung vun enger Politik, déi mer scho mat ronn 10 aner Immeublë gemaach hu vun der Liwwerung vun Hézes. Hei geet et ém den Ensemble immobilier 4N1. Et ass also eppes total Gewéinleches, an dat wäert och nach viru goen esou an dofir géing ech proposéieren, datt mer deem kéinten zoustëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonna –
M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité le contrat de fourniture de chaleur entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société anonyme Sudcal.

11. Questions de personnel: décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Punkt 11, d'Personalfroen déi elo an der öffentlecher Sitzung dru kommen. Eise Personalschäffen, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Mir hate virdrun am Huis clos eng Création de poste décidéeert am Service industriel. Et ass esou, datt mer do e Fonctionnaire hunn deen zimlech krank ass andeen dofir provisoiresch ersat gëtt. Dat heesch, wou mer eng Création provisoire vun engem Poste virgesinn fir deem ze hellefen, déi Aarbecht korrekt kennen ze maachen. Et geet ém Congé de maladie de longue durée, deen heimatter soll versicht ginn, ze iwverbrécken.“

Zénon Bernard (KPL): „Sait Joere gétt eigentlech hei schonn diskutéiert iwwert de sougenannten Organigramme fonctionnel, sait Joeren. Ech hu mech renseignéiert. Dat ass en Organigramm deen eis, respektiv dem Schäfferot, eis alleguer also, erlaabt eng Iwwersicht ze hunn déi wesentlech besser ass wéi dat wat elo de Fall ass mat all deene Mouvementer. Mir hunn de Moie ganz vill Changementer, an ophalen hei an nei ufänken do gestëmmt. Also diskutéiert wollt ech soen,

an och gestëmmt, an ech mengen ech wär mol interesséiert drun, dass den Här Schäffen, deen elo Personalschäffen ass, den Här Huss, eis informéiert inwiewäit hie selwer elo als neie Personalschäffen – hie muss jo och seng Chance kréie wéi ee seet – inwiewäit hie selwer elo sech do engagéiere ka vis-à-vis vum Gemengerot, dass esou en Organigramme fonctionnel eng Kéier kënnt, respektiv wann e kënnt, wéini?“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG):

„Bon, ech géif dem Här Bernard wëlle kuerz dorop äntweren. Dat eent, fir him Merci ze soen, datt hie Verständnis dofir huet, datt ech selwer als Personalschäffen nei sinn an datt et bei esou engem grousse Betrib, wéi deen heiten, dat net esou evident ass, den Duerchbléck iwwer alles ze kréien. Ech kann him awer zweetens soen, datt ech amgaang sinn, zesumme mat der Madame Almeida, déi fir eis fir d'Reforme administrativ zoustänneg ass, sämtlech Servicer besichen ze goen, mat de Leit ze schwätze, enger-säits iwwert déi Fonctiounen, déi jiddweren do huet, anersäits iwwert d'Personalpolitik an iwwer Verbesserungsvirschléi do ze schwätzen. Mä ech muss lech awer soen, datt ech wahrscheinlech bis Enn Mee, Ufank Juni brauch bis ech déi Servicer allegueren duerch hunn, well mir hunn an all Service, wou mer ginn, Gespréicher, jee nodeem vun enger bis zwou Stonnen heiansdo, jee no der Gréisst vun de Servicer a mat de Problemer, déi do bestinn. An ech géif soen, datt ech deen Exercice do wäert bis Enn Mee, Ufank Juni ofgeschloss hunn, an da kann ee kucken, déi Bilanzéierung dovunner ze maachen. Ech huelen un, datt mer dat awer dëst Joer nach wäerte packen.“

Zénon Bernard (KPL): „Mäi Seege wann Dir et maacht.“

Verschidde Stëmmen: “Olala!”

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Gutt, dass mer den Här Baum nach hunn. Sou, au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonna –
M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la création d'un poste d'artisan.

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG):

„Bon, dann ass nach en zweete klenge Punkt hei en Séance publique, dat ass eng Prolongation de stage fir den Här Lux Gilbert. Hien huet gefrot fir déi Prolongation de stage ze kréien, well hien am Fong, onofhängeg vu sengem Wëllen, well et huet mat der Organisatioun vum Stage ze dinn, dat net maache konnt, duerfir solle mer him déi Prolongation de stage, déi Méiglechkeet accordéieren. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Henri Hinterscheid –
M. Jean Huss – M. Théid Johanns –
M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch –
M. Jean Tonnar – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la prolongation de stage de M. Lux Gilbert.

12. Subsides au CISEA et secouristes de la ville pour permanences effectuées en 2011; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Punkt 12, dat sinn d'Subside fir eis Pomjeeën an d'Secouriste, fir déi Permanences déi si am Joer 2011 geleescht hunn. An ech mengen ech kéint am Numm vun lech all schwätzen, wann ech hinnen dofir e grousse Merci hei aus schwätzen. An dofir mengen ech och, dass mer kënnen optimistesch si fir Åren Aval fir déi doten Indemnisation kënnen ze kréien. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Henri Hinterscheid –
M. Jean Huss – M. Théid Johanns –
M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch –
M. Jean Tonnar – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les subsides extraordinaires.

13. Commissions consultatives:

a) Composition: – Commission des Loyers – Commission consultative à l'intégration; décision

b) Nomination d'experts; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Punkt 13 do hu mer d'Commissions

consultatives, do musse mer jo eng Ännierung maache well do hate mer eng falsch Kompositioun gemaach op Grond vun de gesetzleche Virgaben. Dat war alles deemools e bësse schnell gaangen. Mir wollten et besonnesch gutt maachen an et direkt an enger vun den éischte Gemenagerossätzungen no de Wahlen tranchéieren. Mir müssen awer elo eng Adaptatioun maachen. Dir hutt se elo hei virleien.

Mir hunn dann och d'Commission consultative à l'intégration, eng Propositioun kritt, wat d'Nominatioun ubelaangt vun deenen déi sech op Grond vun der Ausschreiwung gemellt hunn. Do wëlle mir als éischt als Schäfferot soen, dass mir ganz begeeschert ware wéi vill Leit sech do gemellt hunn. Dat menge mir ass op déi gutt Aarbecht vun eiser Integratiounskommissioun zréckzeféieren, wou mer jo de President hei sëtzen hunn. Mir hunn dofir och déi Propositiounen déi an eisen Aen en connaissance de cause gemaach gi sinn, unanime ugeholle an et ass och déi Kompositioun déi mer lech hei proposéieren. An dat nämlecht gëllt och fir d'Nominatioun vun den Experten.

Elo ass meng Fro ob mer dat dierfe mëndlech a regroupéiert ofstëmmme wann hei den Accord besteet? Ass dat de Fall oder gëtt hei e Vote secret oder e Vote séparé gefrot? Dat ass net de Fall, da kënne mer d'Ofstëmmung maachen.

Här Gemengesekretär, dierfe Membere vun deenen zwou Kommissiounen um Vote Deel huelen? Gutt. Dann ass et hinen natierlech fräi iwwerlooss wéi se votéieren.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Théid Johanns – M. Martin Kox –
Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz –
M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte par 13 voix oui et 1 abstention la composition de deux commissions consultatives ainsi que la nomination des experts.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss et Spautz ainsi que les conseillers Baum, Bernard, Bofferding, Codello, Hildgen, Johanns, Kox, Wohlfarth et Zwally. L'échevin Tonnar s'est abstenu.

14. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„De Punkt 14, d'Transactions immobilières, déi kréie mer haut vun eisem Infrastrukturschäffé presentéiert.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Et geet èm e bësse méi wéi èm d'Trottoiren. Dat éischt wat mer hunn, dat ass en Akt téschent der Stad an dem Fonds de Logement an den Nonnewisen. Dir wësst dass do d'Terraine vun deenen zwee erabruedt gi sinn. De Fonds de Logement huet en Deel Terraine kaift. Mir hunn elo eis PAPe gestëmmt. Mir hunn déi éischt Saachen drop gebaut a mer müssen elo d'Parzelle redresséieren téschent dem Fong, dass jiddweree seng Parzelle kann och sengem Client verkafen. Also dat ass en Akt dee sech de part et d'autre fir 5.000 €/ar mécht an et ass en Acte dans l'intérêt public.

Dat zweet ass en Acte de cession téschent der Stad an der Coopérative Maison du peuple wou en Deel vun Terrainen déi der Coopérative Maison du peuple an der Gardestrooss an um Boulevard Kennedy gehéieren, an den Domaine publique intégréiert ginn, well et jo laang Trottoiren an en Deel Strooss op deenen Terrainen lieien.

An dann en Acte de cession téschent der Stad Esch an de Consorts Fridrici, déi selwecht Situations.

En Acte de cession téschent der Stad an dem Här Willy Putz ass erëm eng Kéier an der rue de Belval genau déi selwecht Situations. An dann hu mer eng Konvention téschent der Stad Esch an Arcelor Mittal. Do dréit et sech èm d'Locatioun vun engem Terrain vun engem Hektar do uewen am Bierg, iwwert dem fréieren Hondsterrain. Do war eng Hondspiscine anscheinend, déi éischt an Europa a laang déi eenzeg. An d'Arcelor wollt déi elo aus Sécherheetsgrénn zou tippen an do hu mer gesot, si sollen eis dach den Terrain verlounen a mir géinge kucke wat mer domat maachen an do ware se da mat d'accord fir e Loyer vun 250 € d'Joer fir 20 Joer, esou dass mer do kënnen op deem Terrain vun engem Hektar dat nutzen. An ech mengen den Espaces verts Schäffen huet scho schrecklech vill Ideeë wat hien alles do kënnnt maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel

Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité des voix les transactions immobilières.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, mir géingen dann ee Moment nach – hu mer keng Verkéiersreglementer um Ordre du jour?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Déi hu mer mat deene virdru matgestëmmt.“

15. Contrats de bail; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Dann hu mer just d'Contrats de bail an déi présentiert eis Sozialschäffin a Logementsschäffin.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Zwee Contrats de bail. Dat éischt ass en neie Locataire an deen zweete kritt en Avenant an ech bidden lech deem zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

Conseillers présents:
M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité des voix les contrats de bail.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, also déi déi elo nach do si gi mat engem Pättche belount an awer ech hunn och nach eng Informatioun ze ginn. Dräi Saachen.
Déi éischt ass déi, dass den 20.03. eise Gemengerot geruff ass bei den Distrikts-kommissär fir eise Vertriebed am Syvicol ze designéieren. Dat ass um 10.00 Auer. Ech wollt lech dat hei pour information soen. Et ass natierlech fir eng Stad Esch émmer gutt wa se zu vill ass, mä mindes-tens 10 mussen et der sinn. Voilà. Dofir vläicht eng éischt Indikatioun, wie kann net dobäi sinn den 20.03. um 10.00 Auer. Da ginn ech jo dovunner aus, dass

mer en nombre sinn. Ech soen all deene Merci déi kommen.

Dann den 30.03. hu mir eng technesch Gemengerotssëtzung wou et iwwert d'Klimabündnis geet, wou mer och all eis berodend Kommissiounen déi zu deem Thema schaffe mat invitierert hunn a wou mer interessant Gesprächspartner hunn, esou dass ech lech all géing encouragéieren, och wann dat elo net eng vun Äre Kommissiounen ass, fir awer lauschteren ze kommen. Dat ass ganz wichteg. An den 31.03. hu mer dat émgesat wat den Här Conseiller Hansen eis mat op de Wee ginn hat, a wou mer eng unanime Motioun hu fir matzemaachen, bei der Earth Hour 2012, do gi vun 20h30 – 21h30 d'Luuchten aus, awer net alleguer-ten, mä en Deel an do hu mir op der Plaz eng Präsenz an och Animationen an ech wier ganz frou wa Membere vum Gemen-gerot kéinten do derbäi sinn. Well mir koppelen dat natierlech un eng Rei vun Informatiounen an déi Aktivitéiten déi mer ronderëm dréie loessen, sinn natier-lech a Relatioun vun der Energiepolitik vun der Gemeng a vun der Sensibiliséierung vum Public. Dofir och do eisen Encouragement fir matzemaachen. An da mengen ech hätte mer et awer gepackt. All deene Merci déi nach do sinn an e gudden Appetit.“

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 16 mars 2012

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

2. Information au public des décisions de personnel

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2012, à Madame Marianne Klein ép. Lucas, employée communale au service de l'enseignement.

2) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} novembre 2012, à Madame Simone Meurisse, employée communale auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

3) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mai 2012, à Monsieur Carlo Thoma, premier commis technique principal au département des services industriels.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée déterminée avec Monsieur Bernard Linster, L'intéressé occupait un poste de salarié à vocation intellectuelle auprès de la bibliothèque municipale.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Sascha Wieshoff, éducateur diplômé auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

C) Nomination aux fonctions d'expéditionnaire technique.

1) Nomination d'un expéditionnaire technique de la Ville. Le nouveau titulaire occupera au département des services industriels, équipe «Projection et G.I.S» le poste de fonctionnaire nouvellement créé par décision du conseil communal du 8 juillet 2011 dans la carrière de l'expéditionnaire technique.

2) Nomination avec effet au 1^{er} mai 2012 aux fonctions de commis technique hors cadre (grade 7) de Monsieur Pascal Schuster, La nouvelle affectation de l'intéressé aura lieu au même département, et notamment au poste d'expéditionnaire technique devenu vacant à la suite de la démission de l'ancien titulaire.

Avis de publication parmi le personnel de la Ville du 6 mars 2012.

- Changement de carrière -.

D) Nominations provisoires.

Carrière de l'artisan.

1) Département des services industriels, service de l'électricité.

Nomination provisoire de 3 fonctionnaires appartenant à la carrière de l'artisan.

2) Département des services industriels, service des eaux.

Nomination provisoire d'un fonctionnaire appartenant à la carrière de l'artisan.

E) Questions de personnel engagé soit sous le régime de l'employé communal, soit sous celui du salarié.

1) Engagement avec effet au 1^{er} mars 2012 et moyennant un contrat de travail à durée déterminée de six mois de Madame Kim Klein, comme salarié à vocation intellectuelle au service de la sécurité sociale.

2) Modification du contrat d'engagement conclu le 31 août 2002 pour une durée indéterminée avec Madame Frédérique Khalid, chargée de cours au conservatoire de musique de la Ville.

3) Modification, sur demande, du contrat d'engagement conclu le 4 avril 2011 pour une durée indéterminée avec Madame Inna Holovanova, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives.

L'article concernant la durée du travail aura avec effet au 1^{er} mars 2012 la teneur suivante:

«Le degré d'occupation est fixé à 30/40^{ièmes}.»

Ensuite il y a eu une multitude de rencontres avec les responsables de la Centrale des Auberges de Jeunesse, de l'Université et de la Rockhal ainsi qu'avec les associations de la ville, avec tous les acteurs pour les intérêts de la jeunesse ainsi qu'avec les services de la commune, qui ont tous été enthousiasmés par le projet. En outre, il y a aussi eu des entrevues avec les CFL et le bureau Beng qui ont eu pour résultat un premier avant-projet.

La commune voulait d'abord acquérir le terrain en question, mais les CFL sont opposées à l'idée de vendre les terrains près de leurs infrastructures. Finalement, il y a eu un échange de terrains et le projet était prêt à être réalisé.

Les intérêts des jeunes étaient toujours le premier souci du projet. A côté des hautes saisons, chaque auberge de jeunesse vit aussi des mois qui sont plus tranquilles et il faut alors trouver des partenaires pour remplir l'auberge pendant ces mois de basse saison. La commune a trouvé ces partenaires en la Rockhal et l'université. La centrale des auberges de jeunesse a elle aussi encore d'autres partenaires.

Un premier devis estimatif avait calculé un coût de 8,5 mio €, mais entretemps la commune a décidé de construire un bâtiment à faible consommation d'énergie et d'aménager ensemble avec l'auberge des salles de conférence et un restaurant, ce qui a amené le devis à 11 mio €, somme qui a alors été inscrite au budget. Ce devis va être remis aux instances étatiques.

Le collège échevinal est convaincu que l'auberge sera subsidié par 70% puisqu'elle a clairement un caractère régional.

Jean Huss (Déi Gréng) est d'avis que l'auberge réalisera une liaison harmonieuse entre la gare et la passerelle. Il y aura une buvette et un restaurant au rez-de-chaussée, 5 salles de conférence et un hall avec terrasse au 1^{er} étage et les étages 2 à 5 vont héberger l'auberge de jeunesse proprement dite, avec 114 à 120 lits.

M. Huss explique que l'auberge sera construite selon les normes de bâtiments à faible consommation d'énergie, classe B, ce qui permettra de bénéficier de sub-sides supplémentaires. La conception de l'intérieur se fera avec des matériaux écologiques mais qui n'auront pas besoin de beaucoup d'entretien. Les salles de conférence disposeront d'un moyen de climatisation.

tisation comme celui utilisé pour le Biergeramt.

Martin Kox (Déi Gréng) loue l'auberge comme un projet phare pour Esch. Il revient ensuite sur ses propos du conseil communal de février concernant le support de la Rockhal pour la carte culture jeunes qui ont été incorrects.

M. Kox souligne qu'il s'agit de la première auberge de jeunesse urbaine du pays qui s'adresse à un public diverse. Il se réjouit en outre de l'idée d'intégrer un restaurant ouvert à tous les publics, pas seulement aux pensionnaires de l'auberge et du bon emplacement stratégique de l'auberge.

Marc Baum (Déi Lénk) se réjouit du bon emplacement de l'auberge qui valorise tout le quartier et souligne son caractère régional et interrégional. Il se réjouit en outre des salles de conférence, du restaurant, de l'aspect écologique et du look de l'auberge. Il se pose cependant la question si on n'aurait pas pu prévoir un grand dortoir où on pourrait loger à moindre prix ainsi qu'une possibilité d'utiliser l'eau de pluie.

M. Baum aimerait avoir des précisions concernant la collaboration avec l'exploitant et le droit de regard de la commune concernant les prix de séjour. Il aimerait aussi connaître la date éventuelle d'inauguration de l'auberge.

Frunnes Maroldt (CSV) se réjouit du projet mais souligne l'importance de règles concrètes concernant la collaboration avec les partenaires comme la Rockhal et met en garde contre d'éventuels frais consécutifs. Un autre problème sera le bruit lors du triage des wagons qui ne devra pas devenir une gêne pour les pensionnaires.

Paul Weidig (LSAP) est d'avis qu'Esch est l'endroit parfait pour cette auberge. L'emplacement près de la gare est idéal pour des excursions non seulement à travers la ville, mais dû à la proximité aux transports en commun, à travers toute la région du Sud et même à travers l'Europe.

Jean Huss (Déi Gréng) se réjouit de l'accord de tous les partis. Il explique à M. Baum que c'est la centrale des auberges de jeunesse qui fixe les prix de séjour à l'auberge.

Concernant une éventuelle utilisation de l'eau de pluie, M. Huss promet de se renseigner auprès des responsables si une telle possibilité a été prévue. Il explique à M. Maroldt qu'il habite lui-même près des rails et qu'avec une bon-

ne isolation, le bruit de triage n'est pas un vrai problème.

(Vote)

5. Foyer de Nuit Abrisud:

- a) Nouvelle construction; présentation et décision (1^{er} vote)
- b) Mise à disposition de 4 lits supplémentaires pendant les périodes de grand froid; information

Vera Spautz (LSAP) explique qu'il s'agit du premier vote pour la nouvelle construction coin Buergaart/rue de la Fontaine avec 12 chambres individuelles et 4 chambres doubles sur 4 étages. La construction disposera également d'un ascenseur.

(Vote)

Vera Spautz (LSAP) présente une convention pour l'installation de 4 lits supplémentaires pendant les périodes de grand froid.

6. Réalisation du projet de logement encadré (Abrisud); présentation

Vera Spautz (LSAP) présente un nouveau projet qui sera adapté selon l'évolution de la nouvelle construction de l'Abrisud. Ce projet comportera 10 studios avec salle de bain, kitchenette et une chambre avec tous les branchements modernes nécessaires. Cette structure fonctionnera comme une prolongation de l'accompagnement du résident, constituant une étape intermédiaire entre le foyer et l'autonomie du résident. Elle sera gérée par un éducateur gradué et disposera aussi de pièces communes. Cependant, seulement les résidents prêts à s'engager dans un projet de vie pourront bénéficier de cette structure. Ils auront aussi besoin d'avoir un revenu régulier et la durée maximale d'occupation des logements sera de 3 ans.

Paul Weidig (LSAP) explique que le risque de vivre dans la pauvreté a augmenté depuis 2008 de 13,4% à 14,9%. Pour les jeunes de moins de 18 ans il a même augmenté de 19,8 à 22,3%. Pour les chômeurs, ce risque est à 45% et pour les mères uniques il est de 52%.

M. Weidig pense que le logement encadré a beaucoup de mérites et permettra aux personnes qui ne peuvent pas encore vivre seules de s'adapter peu à peu à l'autonomie. Cependant, le foyer ne doit rester qu'une solution transitoire. A cet

égard, il fait un appel aux autres communes à investir dans les logements encadrés et les logements sociaux.

Marc Baum (Déi Lénk) est d'avis que le logement encadré n'est que la suite logique du bon travail du foyer de nuit. Il explique que le panorama social de la Chambre des Salariés démontre que les inégalités sociales au Luxembourg deviennent de plus en plus flagrantes. On est à la 3^e place en Europe pour le nombre des «working poor» et la relation entre le chômage global et le chômage des jeunes est la plus mauvaise de l'UE. M. Baum se rallie en outre aux propos de M. Weidig.

Daniel Codello (LSAP) est fier d'être membre d'un Conseil Communal où tous les partis acceptent leurs responsabilités sociales et cela avec grande majorité. Face aux problèmes sociaux énumérés par M. Weidig et M. Baum, on doit cependant se poser la question s'il n'est pas dangereux si ce sont toujours les mêmes communes qui essayent d'apporter des solutions aux conflits sociaux. M. Codello fait un appel aux autres communes de montrer plus de solidarité dans cette question. Il regrette à cet égard que la discussion concernant la participation des communes à l'hébergement des demandeurs de protection ait échoué et que lors de cette discussion il y ait eu des réactions honteuses.

André Zwally (CSV) se réjouit de la collaboration avec le Ministère de la Famille et de la réalisation du logement encadré. Il pense que la prochaine étape devrait être l'encadrement ciblé et il aimerait savoir si celui-ci pourra être réalisé au niveau des logements sociaux. M. Zwally se rallie aux propos de M. Codello et ne pense pas que les autres communes ont le droit de se considérer comme une sorte de station thermale tandis que les autres doivent s'occuper de tous les cas sociaux du pays.

Martin Kox (Déi Gréng) se rallie aux propos des autres orateurs.

Vera Spautz (LSAP) répond à M. Zwally que l'encadrement ciblé aux logements sociaux sera en effet la prochaine étape à réaliser.

Elle regrette que les autres communes n'acceptent pas leurs responsabilités, ni pour les gens nécessiteux, ni pour les demandeurs d'asile. Mme Spautz souligne qu'avec la salle de consommation de drogues supervisée, Esch accepte encore une autre responsabilité.

7. Kulturfestival 2012:

- a) Présentation
- b) Convention avec l'asbl Escher Kulturfestival; décision

Jean Tonnar (LSAP) présente les grandes lignes du festival culturel des 7, 8 et 9 septembre. La commune reste le sponsor principal de cet événement.

Taina Bofferding (LSAP) pense que le festival de rue est un grand succès tandis que le concert en plein air aurait besoin de nouvelles idées. On devrait d'abord définir le public ciblé par le festival. Mme Bofferding craint que l'asbl ne dispose pas des moyens nécessaires pour attirer la crème de la crème de la musique internationale. Une fête populaire aurait cependant besoin d'une ambiance plus agréable et familiale. On devrait impliquer en outre les associations eschoises ce qui pourrait empêcher les prix exorbitants du catering. Mme Bofferding propose à cet égard l'idée d'un village culinaire.

Concernant la musique du concert, elle pense que chaque année le festival pourrait avoir un autre thème. Au lieu d'engager que les stars des charts, on pourrait miser sur l'innovation et donner un caractère unique à notre festival. Elle cite en exemple le festival de Dudelange.

Dans un souci écologique, Mme Bofferding propose en outre d'utiliser dorénavant des gobelets réutilisables pour les boissons lors du concert.

Martin Kox (Déi Gréng) souligne qu'Alain Schmitz, créateur du festival des arts de rue de Chassepierre, a loué le festival de rue d'Esch de 2011.

Il se réjouit du fait que les enfants des activités d'été vont participer à la parade de rue.

Il se rallie aux propos de Mme Bofferding concernant les gobelets réutilisables et les prix exorbitants du catering.

Daniel Codello (LSAP) pense qu'il est intéressant de faire une courte rétrospective du festival culturel et de se demander quels étaient les objectifs en 2001, lors du premier festival. Il est d'avis que le festival de rue reste un grand succès tandis que le concert est en train de perdre ses spectateurs.

M. Codello souligne cependant qu'aucune manifestation de la ville ne devra jamais plus faire la une des journaux d'une façon aussi négative que l'édition de 2011. Les prix du catering étaient une insulte et les médias n'ont parlé que de ça. Il propose que dorénavant les associations de la ville doivent être responsables du catering.

Théid Johanns (Déi Lénk) regrette que pour la première édition du festival, Esch a gonflé ses plumes et qu'elle est maintenant à bout de souffle. Au lieu de cela, on aurait dû commencer d'une façon plus modeste et se construire peu à peu une vraie réputation. Il est d'avis qu'Esch essaie de faire un peu de tout et de gaspiller ainsi son énergie et de ne faire que du copy/paste d'événements déjà existants. M. Johanns propose aux organisateurs d'élaborer une idée originelle pour Esch.

Il se rallie aux propos de Mme Bofferding concernant le concert. Il est d'avis que ce concert est un résultat de la gauche caviar: des personnes peu intéressées reçoivent des billets gratuits et se laissent choyer par un bon catering, derrière des barrières, tandis que l'on plume les jeunes qui veulent assister au concert. Les spectateurs n'ont pas le droit d'amener à manger ou à boire et se retrouvent ainsi dans un piège où ils sont forcés à payer des prix exorbitants pour pouvoir consommer. Tout cela avec l'argument que les prix des billets sont modiques. M. Johanns se demande à cet égard pourquoi l'outsourcing du catering n'était pas réglé et contrôlé.

Il pense que le festival souffre de trop d'erreurs d'organisation et de philosophie marquées par un management soi-disant moderne qui n'est en fait que le produit d'une philosophie naïve, populiste et même arrogante.

Mike Hansen (LSAP) se rallie aux propos de M. Codello concernant une rétrospective et pense qu'il serait opportun de tirer un premier bilan du festival.

Il rappelle qu'au début c'étaient en effet les associations qui s'occupaient du catering. On devra cependant veiller à ne pas leurs demander trop de prélevements sur leurs ventes sinon elles n'auront aucun intérêt à participer à cet événement.

Concernant le concert, M. Hansen regrette que les groupes locaux et régionaux doivent jouer à midi dans un stade désert.

André Zwally (CSV) soutient la proposition de faire un bilan. Il rappelle à cet égard que déjà lors du premier festival il y a eu des problèmes, notamment avec le terrain du FOLA qui n'était plus utilisable pendant un bon bout de temps.

Son parti se prononce contre l'exploitation des jeunes gens par les entreprises de catering et soutient l'idée de charger les associations de la ville avec cette charge. M. Zwally pense en outre qu'on devrait rendre le terrain du concert plus accessible aux personnes handicapées.

Il est d'ailleur d'avis que la Rockhal demande elle-aussi des prix excessifs et qu'on devrait en discuter avec les responsables.

Jean Tonnar (LSAP) déclare qu'il était aussi scandalisé que les autres membres du Conseil Communal des prix du catering. Il regrette cependant que le débat d'aujourd'hui se limite aux prix de frites et de saucisses grillées.

Il propose à la Commission culturelle de discuter de nouvelles idées concernant le concert de dimanche.

(Vote)

8. Aménagement de la place de la Résistance: convention avec le Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur fixant les modalités de l'octroi de l'aide FEDER; information

Lydia Mutsch (LSAP) présente une convention du programme FEDER, «Compétitivité et Emploi», pour l'octroi d'un subside de 200.000,- €. Dans le cadre de ce programme, le Luxembourg a obtenu une enveloppe de 25 mio €. Mme Mutsch souligne à cet égard la bonne coopération avec Mme Mannes du Ministère de l'Economie et avec les deux économistes de la commune.

